INFO BLAT

°01 20

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 29. JANUAR 2020

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFOBLAT 01 20

COMPTE-RENDU DU 29 JANVIER 2020

4-53

DÉMARCHES ADMINISTRATIVES

54

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 200 exemplaires

© PHOTOS Couverture: Lisa Bildgen

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé
L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 01-2020, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 29 JANVIER 2020

CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Paulo Aguiar, échevin remplaçant (déi gréng)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Gary Diderich (déi Lénk)
Jerry Hartung (CSV)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Laura Pregno (déi gréng)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)
Nicole Wohl (déi gréng)

Absents/excusés: Serge Goffinet (LSAP)

ORDRE DU JOUR

SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège des bourgmestres et échevins.**
2. **Projets communaux :**
   a. Empiètement du chemin rural au lieudit Heideroicht à Differdange et reprofilage/enduisage du chemin rural au lieudit Am Schäffelchen à Differdange – devis, article budgétaire 4/542/221313/19040 ;
   b. Rénovation des salles de classe et de la salle de l'éducation physique à l'École des garçons de Niederkorn – plans et devis, article budgétaire 4/910/221311/19002 ;
   c. Décompte des travaux de construction du lycée provisoire de l'École internationale à Differdange – article budgétaire 4/910/221311/16010.
3. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers : modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier au lieudit Mathendahl à Niederkorn présenté par le collège échevinal pour le compte de la société INTEGRA INVESTMENT SA.**
4. **Actes et conventions :**
   a. Actes notariés avec ArcelorMittal visant acquisition de parcelles aux lieudits « Im Pesch » et « Peschgarten » à Niederkorn et « Stade Thillenberg » à Differdange d'une superficie totale de 245,81 a ;
   b. Contrat de bail avec l'État du grand-duché de Luxembourg pour la location d'un bâtiment modulaire pour les besoins de l'EIDE ;
   c. Contrat de fermage d'un terrain au lieudit Im Maigrund à Niederkorn.
5. **Règlements communaux :**
   a. Adaptation de la grille tarifaire du complexe aquatique Aquasud ;
   b. Règlements temporaires de circulation.
6. **Aménagement forestier de la forêt communale de Differdange 2015-2024 et plan de gestion Natura 2000 de 2017-2027.**
7. **Changement au sein des commissions consultatives.**
8. **Questions**

1. Communications

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *profite de la première séance de 2020 pour souhaiter une bonne et constructive année à tous — et surtout une bonne santé.*
Elle excuse monsieur Goffinet, qui est en congé.
(Interruption)
Christiane Brassel-Rausch confirme que comme monsieur Goffinet est retraité, il ne peut pas être en congé. Il est en vacances.

ALI RUCKERT (KPL) *voudrait poser des questions concernant les décharges à la fin de la séance.*

FRANÇOIS MEISCH (DP) *a lui aussi des questions.*

ERNY MULLER (LSAP) *s'ajoute à la liste.*

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) *mentionne monsieur Diderich.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passe au premier point de l'ordre du jour.*
Elle communique au conseil communal que la ministre de la Culture, madame Tanson, a accordé un subside annuel de 150 000 € à l'Aalt Stadhaus pour sa programmation. Elle croit savoir que monsieur Ulveling attendait ce moment depuis longtemps. Elle en profite pour remercier madame Tanson et son service.
Christiane Brassel-Rausch informe ensuite le conseil communal que les communes de la vallée de la Chiers ont tenu une réunion constructive concernant les projets régionaux. Désormais, ce type de réunions aura lieu plusieurs fois par an.
Lors de cette réunion, les partenaires ont décidé de construire le stade d'athlétisme au Woiwer.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären, fir eis éischt Gemengerotssëtzung am neie Joer 2020. Ech profitéiere vun dësem Datum am Januar, fir Iech alleguerten e gutt a konstruktiivt neit Joer ze wënschen a virun allem eng gutt Gesondheet.

Am nämmlechten Otemzuch wëll ech den Här Goffinet entschëllegen, deen haut net un eiser Sëtzung deelhëlt. Hien ass an der Vakanz.

Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, ech wollt um Enn vun der Sitzung dem Schäfferot e puer Froe stellen am Zesummenhang mat den Deponien um Schlakentipp.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert.

Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech schléisse mech deem un. Just en anert Theema.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Muller, wannechgelift. Och nach Froen?

ERNY MULLER (LSAP):

Jo.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Eng Fro.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Eng Fro. Dat maache mer dann alles an der Reiefolleg um Schluss vun der Seance.

Da wiere mer beim éischte Punkt ukomm, Communications du collège. Do hunn ech fir unzefänken déi ganz gutt Nouvelle, dass mer virun annerhallwer Woch, zwou Wochen, bei der Kulturministesch an der Stad waren, bei der Madamm Tanson. An dass mer do confirméiert kritt hunn, dass mer vum Kulturministère fir d'Aalt Stadhaus, also eise Kulturzentrum, fir d'Programmatioun 150.000 Euro kréien, all Joer.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

All Joer?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo. Souwäit ech weess, huet den Här Ulveling laang drop gewaart. Lo hu mer se.

An deem Kader wéilt ech der Madamm Tanson an hirem ganze Service nach eng Kéier Merci soe fir déi Ënnerstëtzung.

Da wollt ech och nach soen, dass mer eng ganz konstruktiv – ech soen dat Wuert elo net méi –, eng ganz flott Reunioun hate mat de Buergermeeschteren an de Schäffe vun de Gemengen aus dem Kordall, fir iwwer regional Projeten ze schwätzen. Déi ass ganz gutt verlaf, déi Versammlung. An de Wonsch ass geäussert ginn, dat des Ëfteren am Joer ze widderhuelen. Wéi gesot, fir zesummen, haaptsächlech iwwer iwwerregional Projeten ze schwätzen an ze plangen.

An deem Kader soen ech Iech och, dass mer do d'Decisioun geholl hunn, de Liichtathletikstadion hei op de Woiwer ze huelen. Nodeems all méiglech Sitten, déi mer nach probéiert hunn ze ana-

lyséieren, aus deem engen oder deem anere Grond ewechgefall sinn. Wéi ech dat hei scho gesot hunn, a mer net ëmmer gegleeft ginn ass, komme mer elo op de Woiwer zréck. Dat ass deen éischte Schratt.

Am zweete Schratt bleift awer nach ganz kloer ze kucken, wéi dee Projet ëmzesetzen ass. Dat heescht, wat d'Machbarkeet vum Projet ass. Dozou gehéiert, ënner anerem, e ganz gutt ausgeschafftent Verkéierskonzept. Well ech mengen, dat ass een Defi, deen eis bei deem Projet bevirsteet.

Wéi gesot, deen éischte Schratt ass gemaach. Deen zweeten ass un eis, elo ze kucken, wéi mer dee Projet kënnen ëmsetzen, dass e fir jiddwereen tragbar ass.

Ganz wichteg, wat de Crassier ubelaangt, ass elo eng Reunioun festgesat den 10. Februar, mat der Madamm Minister, den Häre vun der Arcelor, de Gemenge Suessem an Déifferdeng, fir iwwert de Crassier ze schwätzen. Mir sinn amgaang, en Datum ze sichen, wou déi Responsabel vun ArcelorMittal ugefrot hunn, fir d'Schäffe vun de Gemenge Suessem an Déifferdeng ze gesinn, mat de jeeweilegen Ëmweltberoder, fir eis ze erklären, wat si wëlles hunn a wéi hir Virgoensweis ass.

Et ass awer esou, dass et schwiereg ass. Do si mer wierklech nach amgaang, no den Datumen ze sichen. Mir probéieren, een Datum ze kréien, wann et méiglech ass, virum Rendez-vous mat der Madamm Ministesch den 10. Februar.

Dat wier vu mengem Deel alles, wat u Kommunikatioun ass. Ech géif d'Wuert un den Här Ulveling weiderginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci Madamm Buergermeeschter, ech hunn dräi Kommunikatiounen ze maachen, zwou iwwer Projeten, déi amgaange sinn. Éischtens ass dat de Bock-Projet vun der Schoul a vun der Turnhal, déi mer bauen. Mir kréien do Verzögerungen. An zwar aus deem Grond, well mer de Moment nach keng Erlabnis hunn, fir déi Container opzeriichten.

Mir hate jo geplangt, Containeren op zwee Stäck opzeriichten. Vu dass dat iwwer zéng Meter héich ass, brauche mer eng extra Geneemegung vum Service national de la sécurité dans la fonction publique, déi mer nach net hunn. Déi mussen eis eng Derogatioun ginn. Bei esou Konstruktiounen, fir esou Container opzeriichten, mussen déi F90-konform sinn. Dat heescht, déi mussen 90 Minutten dem Feier resistéieren.

Esou Containere sinn éischtens ganz schwéier ze fannen, an zweetens musse mer et ausschreiwen. Doduerch kréie mer warscheinlech gutt sechs Méint Retard an deem Projet. Mam Abattage vun de Beem, déi mussen ewechgeholl ginn an deem Hiwwel – dat ass Gesträich a Beem –, wäerte mer ëm den 1. November ufänken. Soudass mer elo eis mussen iwwerleeën, wéi mer déi Ersatz-Schoul, Ersatz-Containerschoul opriichten. Wéi gesot, mir musse waarden op deen Avis, deen nach feelt.

Dat anert, och e leedleche Projet, dat ass dee vum AS-Terrain, wou mer, wéi Der all wësst, schonn iwwer ee Joer Retard hunn. Dat ass awer leider net an eiser Hand. Dat ass an der Hand vu Ponts et Chaussées. Do ass et esou, datt d'Responsabel gewiesselt hunn. Ech hat e puermol nogefrot, an et ass mer ëmmer gesot ginn, si wären amgaang, den Dossier ze analyséieren. Si hunn anscheinend och ausgeschriwwen. Mee et sinn awer nach keng Aarbechte verginn.

Doropshin hu mer decidéiert, eis an deenen nächsten zwou, dräi Woche mat deene Responsabele vu Ponts et Chaussées ze gesinn, fir ze kucken, dass awer elo e bësse Mouvement an deen Dossier kënnt. Well et ass, wéi Der all wësst, net ganz schéin, wéi dat sech elo presentéiert. Mir hunn do e super Jugendhaus opgeriicht, wat elo praktesch wéi an der Pampa do steet. Mir musse kucken do weiderzekommen.

Deemools hate si als Kompensatioun gesot, si géife sech drëm këmmeren, wéi se de Contournement gebaut hunn, well mir hinnen den Terrain an alles zur Verfügung gestallt haten. De Problem ass, si maachen net esou richteg virun oder net esou schnell vläicht, wéi mir et hätte kënne maachen.

Les autres sites n'étaient pas adaptés. Christiane Brassel-Rausch avait dit plusieurs fois que ce projet n'était pas abandonné même si on ne l'a pas toujours crue. Désormais, il s'agit d'analyser la faisabilité du projet. Il faudra notamment élaborer un concept de circulation efficace et réaliser le projet de façon à ce qu'il soit acceptable pour tous. Le 10 février aura lieu une réunion concernant le crassier avec la ministre, les représentants d'Arcelor et les communes de Sanem et Differdange. Par ailleurs, les responsables d'ArcelorMittal veulent expliquer au préalable aux collèges échevinaux ce qu'ils ont l'intention de faire. Mais il est difficile de trouver une date convenant à tout le monde avant le rendez-vous avec la ministre le 10 février.

TOM ULVELING (CSV) *a plusieurs communications à faire. La première concerne le projet du Bock, qui a pris du retard. Le collège échevinal ne dispose pas de l'autorisation nécessaire pour installer un conteneur de deux étages.*
Ces conteneurs auront une hauteur supérieure à dix mètres et nécessitent d'une autorisation du Service national de la sécurité dans la fonction publique. Ils doivent être conformes à la norme F 90, ce qui signifie qu'ils résistent au feu pendant 90 minutes. Ce type de conteneurs est difficile à trouver. La commune devra lancer un appel d'offres, ce qui provoquera un retard de six mois. Compte tenu de l'abattage des arbres sur la colline, les travaux commenceront vers le 1er novembre. Il faudra réfléchir à la façon de construire les conteneurs une fois les autorisations disponibles.
Les travaux sur le terrain de l'AS ont, quant à eux, un an de retard. Mais cela dépend de l'Administration des ponts et chaussées. Apparemment, l'appel d'offres a été lancé. Le collège échevinal doit rencontrer les responsables prochainement pour relancer le dossier. Car actuellement, la superbe maison des jeunes construite par la commune se retrouve en pleine pampa.
Lorsque l'Administration des ponts et chaussées a construit le contournement, la commune lui a cédé des

terrains. C'est pourquoi c'est à elle de les réaménager. Mais le projet traine en longueur.
Tom Ulveling passe au bilan culturel. Il se réjouit que la programmation de l'Aalt Stadhaus soit enfin subventionnée par l'État à hauteur de 150 000 €. Cela permettra au service culturel de travailler plus efficacement. Tom Ulveling remercie la nouvelle ministre pour son accueil rapide et sa décision.
Les dépenses annuelles du centre culturel s'élèvent à 380 000 € et les recettes à 112 000 €. Ces chiffres n'incluent pas les salaires de 839 000 €.
Les conseillers communaux disposent du nombre de spectateurs par type de spectacle. La comédie arrive en tête avec 8200 spectateurs. Les concerts en comptent 1400. L'année dernière, 8500 spectateurs en tout se sont rendus à l'Aalt Stadhaus.
La grille tarifaire sera revue de façon à demander un prix unique pour chaque catégorie.
Les spectacles ont couté 342 000 €. Les recettes s'élèvent à 111 000 €. Le gros des revenus a été engendré par les spectacles comiques, les concerts et les spectacles de cabaret.
Le taux d'occupation s'élève à 71,87 %. C'est le taux le plus élevé jamais obtenu par l'Aalt Stadhaus et la tendance est à la hausse. Cela prouve que la programmation va dans la bonne direction.
Le budget 2019 prévoyait des dépenses à hauteur de 365 000 € et des recettes de 85 000 €. Les chiffres réels se montent à 342 000 € et 85 000 €.
Le nombre de spectacles est passé de 43 en 2014 à 79 en 2019 et le nombre de spectateurs de 4600 à 8500. Les productions sont autant nationales qu'internationales, ce qui est un bon signe.
L'Aalt Stadhaus accueille aussi des assemblées générales, des mariages, des formations, des répétitions, les lundis littéraires…
Tom Ulveling a aussi fait calculer le prix des fêtes. Le Blues Express coute 212 000 €, Megafuesent 76 000 €… En tout, cela représente 680 000 € pour des recettes de 174 000 €.

Da wollt ech Iech, well ech Iech dat versprach hat, de Bilan culturel virstellen. Dir hutt all d'Donnéeë kritt. Ech begréissen, wéi d'Madamm Buergermeeschter gesot huet, dass mer elo endlech, beim drëtte Minister ukommend, eng Zouso kritt hunn, fir eis Programmatioun am Stadhaus mat 150.000 Euro ze bezuschussen, vum Ministère.

Dat ass eng super Saach. Elo kënne mer ganz anescht schaffen. An ech wëll och, vun dëser Säit, där neier Madamm Minister Merci soen, dass si esou schnell éischtens eis empfaangen huet an zweetens op deen Dossier do agaangen ass an eis dat zougesprach huet.

Dir gesitt, op der drëtter Säit vum Budget, dass mer am Salle de spectacle 380.000 Euro Depensen hunn, all Joer, a Recettë vun 112.000 Euro. Do sinn awer net d'Chargen an d'Salairë vun eisem Personal, dat am Centre culturel beschäftegt ass, vun 839.000 Euro dran.

Mir hunn Iech eng Opstellung gemaach vun de verschiddene Genrë vu Spektakelen an der Zuel vun den Zuschauer pro Spektakel. D'Comedy huet bei wäitem dee meeschte Pourcentage, iwwer 2.800 Leit. Bei de Concerte sinn et der 1.400. D'lescht Joer hate mer ëm déi 8.500 Zuschauer an eisem Ale Stadhaus. Wat net schlecht ass. Nieft der Comedy bidde mer Concerten, Kino, Cabaret, Animatioun fir Kanner, Konferenzen an Thé-dansanten un. Am Ganze bal eng 80 Spektakelen.

Bäifügend wëll ech soen, dass mer amgaang sinn, déi Grille ze iwwerdenken, vun de Präisser, déi mer do froen. De Moment si mer an der Etüd, dass mer pro gewësse Kategorie en eenheetleche Präis froen. Dass net e Concert 10 an eng Kéier 15 Euro kascht, mee dass en d'Moyenne kascht. Soudass all Concert dee selwechte Präis huet an all Comedy-Spektakel dee selwechte Präis huet. Dat si mer amgaang ze kucken. Ech mengen, dat ass vläicht méi einfach fir d'Leit, fir op dee Wee ze goen.

Mir haten 342.000 Euro Depensen. Déi meeschten Depensë si bei der Comedy, duerno bei de Concerten ugefall. Op där anerer Säit hate mer 111.000 Euro u Recetten. Wou mer natierlech och bei der Comedy, bei de Concerten a beim Cabaret déi meeschte Recetten haten.

Dir gesitt eng Opstellung vum Taux d'occupation vun deene verschiddene Spektakelen. Mir sinn de Moment op 71,87 %. Op där nächster Säit ass d'Evolutioun vum Taux d'occupation général. Dir gesitt, dass dat deen héchsten ass, dee mer jeemools haten, an dass en um Eropgoen ass. Dat bestäerkt eis an eiser Programmatioun, dass mer do um richtege Wee sinn.

Depensen, déi prévu waren, dat waren 365.000 Euro. D'lescht Joer hu mer awer „nëmmen" 342.000 ausginn. Bei de Recetten hate mer 85.000 Euro virgesinn a mir hunn der 111.000 erakritt. Do gesitt Der, dass d'Depensë parallel zu de Recettë verlafen. Dass déi sech am Fong d'Wo halen.

Bei der Evolutioun vun der Zuel vun de Spektakele gesitt Der, dass säit 2014, wou et opgaangen ass, wou mer 43 Spektakelen haten, mer elo bal um Duebele sinn. Et sinn der am Ganzen 79. Dat geet och staark an d'Luucht. An natierlech och d'Spectateuren. An dat freet eis, dass d'Spectateuren, déi bei 4.600 ugefaangen hunn, elo praktesch op 8.500 sinn. Wat e super Resultat ass.

Bei de Spektakelen hu mer bal grad esou vill national Produktioune wéi international Produktiounen. Déi lafen och parallel. Wat och e gutt Zeechen ass.

Da gesitt Der, wat nach alles am Stadhaus stattfënnt: Assemblée-générallen, Reuniounen, Mariagen, 131, Formatiounen, Repetitiounen, Lundi littéraires an esou weider. Dir gesitt, d'Stadhaus ass gutt besicht.

Ech hunn och eng kleng Opstellung gemaach vun all eise Festercher, déi mer esou feieren, wat se kaschten. De Blues Express ass dat Fest, wat eis am meeschte kascht: 212.000 Euro. Megafuesend 76.000 Euro. Et j'en passe. Am Ganzen hate mer d'lescht Joer fir eis Fester 680.000 Euro ausginn. Mer hunn awer och Recettë vun 174.000 Euro. Netto, kann ee soen, dass mer eng hallef Millioun ausginn, fir d'kulturell Evenementer ze ënnerstëtzen.

Dir gesitt och eng Oplëschtung vun den Expositiounen am Stadhaus. Et waren der genau 13 d'lescht Joer, déi entweeder am Stadhaus oder am H_2O statt-

fonnt hunn. Dat si flott Saachen, déi ëmmer do stattfannen.

De Rescht kënnt Der Iech an aller Rou doheem eng Kéier ukucken. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Ulveling. Dann Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hunn eng Bemierkung dozou ze maachen. Ech fannen et och formidabel, datt mer elo déi 150.000 Euro kréien. Och déi nei Präisser, och wat mer mat der Hall O gestëmmt hunn. Mee do hu mer Saachen, déi, wat een am Nachhinein gesäit, wat d'Kultur ugeet, fir mech och Kultur sinn: d'Veräiner, déi Organisatioune maachen an eiser Gemeng, déi iwwert d'Gemengen ewech bekannt sinn.

An do hu mer net méi spéit wéi déi lescht Generalversammlung vum Fëscherclub Nidderkuer gesot kritt, datt se et net méi fäerdegbréngen, also datt se defizitär sinn, wat d'Quetschefest zu Nidderkuer ugeet. Wat e Fest war, wat iwwert d'Grenze vun eiser Gemeng bekannt war. Well se deemools hu missen aus dem Sall "Im Mai" réckelen, well mer do eng Crèche dragesat hunn.

Wou se versprach kritt hate vun der Gemeng, si géifen ënnerstëtzt ginn. Fir Zelter a fir Leit, déi nuets oppassen, géif d'Gemeng eng Hand mat upaken. Leider Gottes ass dat net geschitt. Soudatt se esou vill Defiziter hunn. Ech mengen, d'Madamm Buergermeeschtesch war och op der Generalversammlung. Si huet dat och matkritt, wat de Veräin do gesot huet. Ech mengen, dat gehéiert och zu der Kultur, datt mer eis Veräiner ënnerstëtzen. Déi puer Veräiner, déi nach eppes organiséieren. Ech schwätzen elo net vun egal wat fir enge Fester, mee Fester, déi iwwert d'Gemeng eraus ginn. Ech wëll do den Handballclub nennen, mat deem Chrëschtfest, deen en an der Sportshal mécht. Déi och Problemer hunn, d'Enner beieneen ze kréien, fir dat, wat se froen.

Et weess ee jo, datt eng Nopeschgemeng eppes Änleches organiséiert fir Chrëschtdag, wat dat déi kascht. Déi leien och bei bal 100.000 Euro, fir dat ze maachen. A mir froen déi Veräiner nach vill. Well dat och Saache sinn, déi iwwert d'Gemeng ewech ginn. Do sollte mer eis awer eng Kéier iwwerleeën, datt mer déi Veräiner, wou d'Leit nach esou motivéiert sinn, fir esou Saachen ze maachen, finanziell ënnerstëtzen, fir datt se iwwert d'Ronne kommen.

Well wann herno an deenen eenzele Quartieren näischt méi geschitt, wësse mer jo, wéi et geet. Dann iwwerhëlt d'Gemeng dat. An dat kascht ëmmerhi méi, wéi wann d'Veräiner et géife maachen. Et ass elo deen zweeten, drëtte Veräin, deen eis dat dote gesot huet. Duerfir géif ech déi Responsabel vun der Kultur bieden, dat nach eng Kéier op den Ordre du jour ze huelen an ze kucken, wat ee kéint maachen, fir de Veräiner do entgéintzekommen.

Ech mengen, wann et eng Organisatioun ass, wou den Numm Déifferdeng dran ass an et ass iwwert d'Gemengen ewech, da sollt een dat och ënnerstëtzen. Well dat si Saachen, déi Veräiner, déi Kultur, déi brauche mer dann net hei inhouse ze maachen, déi gi jo vun deene Leit gemaach. A mir hunn der jo do e puer, déi wierklech ganz bekannt sinn. An déi sollt een och ënnerstëtzen. Datt d'Leit d'Flemm net kréien, well et um Enn vum Joer heescht „null von null geht auf", a si hu vill geschafft. Duerfir sollt een dat maachen.

Just zur Erënnerung zu deem ganze Bilan hei. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. E puer kuerz Sätz zum Zoustand vum Terrain ronderëm d'Jugendhaus um Fousbann. Net méi spéit wéi gëschter sinn ech ugeschwat gi vu Leit, déi do wunnen. Eis heibannen ass et bewosst, wéi den Här Ulveling gesot huet, dass dat net ënner eiser Responsabilitéit,

Treize expositions ont été organisées à l'Aalt Stadhaus ou au H_2O en 2019.
Tom Ulveling demande aux conseillers communaux de lire le reste du rapport chez eux en toute tranquillité.

FRED BERTINELLI (LSAP) *trouve formidable que la commune touche 150 000 € pour sa programmation culturelle. Mais lorsqu'on fixe les prix, il faut aussi tenir compte des manifestations organisées par les clubs et associations.*
Lors de sa dernière assemblée générale, le club de pêche de Niederkorn a parlé de ses difficultés. Lorsqu'ils ont été obligés de changer de locaux, la commune leur a promis son soutien, mais cela n'a jamais été fait. Désormais, le club est en situation déficitaire. La bourgmestre a assisté à l'assemblée générale et connait donc la situation.
Ces manifestations organisées par les associations font aussi partie de la culture. Il s'agit de fêtes connues au-delà des frontières communales. Fred Bertinelli pense par exemple à la fête de Noël du club de handball ayant lieu dans le centre sportif. Eux aussi ont des problèmes d'organisation liés aux frais. Une commune voisine organise une fête similaire coutant près de 100 000 €. C'est pourquoi il faut réfléchir aux façons de soutenir financièrement des associations aussi motivées.
Le collège échevinal sait bien que si les associations n'organisent plus rien, la commune sera obligée de prendre le relai, ce qui lui coutera plus cher en fin de compte. Deux ou trois clubs se sont déjà plaints. C'est pourquoi Fred Bertinelli demande à l'échevin à la culture de réfléchir à la façon de soutenir les clubs, surtout pour des manifestations faisant connaitre Differdange au-delà des frontières communales. Cela permet à la commune de ne pas devoir tout organiser elle-même. Il faut éviter que les bénévoles perdent leur motivation.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *revient sur la question du terrain autour de la maison des jeunes du Fousbann. Les riverains s'impatientent, mais dans ce cas, la responsabilité revient à l'Administration des ponts*

et chaussées. Or les gens ne le savent pas. C'est pourquoi Guy Altmeisch propose d'installer une pancarte signalant qu'il s'agit d'un chantier de l'Administration des ponts et chaussées.
(Interruption)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passe aux projets communaux et cède la parole à monsieur Ulveling.*

TOM ULVELING (CSV) *explique qu'il s'agit de refaire deux sentiers. L'ASTA demandera les autorisations et organisera l'appel d'offres. Le projet sera financé par la commune, qui récupèrera ensuite 30 %. Le premier projet se situe au lieudit Am Schäffelchen le long du potager de Sabrina. Actuellement, le site est difficilement accessible. Les frais se montent à 60 500 €.*
Le deuxième chemin se trouve à proximité du Bache Jang. Lorsque les travaux auront été réalisés, le garde forestier se chargera de couper le bois pour libérer la voie.
La commune préfinancera les travaux et touchera ensuite des subsides. L'ASTA sera maitre d'ouvrage. Tom Ulveling demande aux conseillers communaux d'approuver les deux projets.

CHRISTIANE SAEUL (DP) *constate que deux chemins forestiers seront remis en état. L'un se trouve au lieudit Heideroicht près du Bache Jang. Il permet d'accéder à la forêt. Le revêtement sera rénové. Il pourra même être utilisé comme piste cyclable.*
Il est également prévu d'installer des gaines vides pour faciliter un éventuel raccordement électrique. Le devis se monte à 36 500 €. La commune devrait recevoir un subside de 30 %. Christiane Saeul demande si l'ASTA participera aux frais.
(Interruption)
Christiane Saeul passe au deuxième chemin situé au lieudit « Am Schäffelchen ». Il a été construit il y a 80 ans et constitue la prolongation de la rue de Belair le long des jardins jusqu'au cimetière. Le revêtement sera refait pour 60 500 €. Les conditions sont les mêmes que pour le chemin au lieudit Heideroicht.

mee vu Ponts et Chaussées ass. Dobaussen, d'Leit, déi do wunnen, mengen awer ëmmer, dat wier ënnert der Responsabilitéit vun der Gemeng. A mir als Gemeng kréien d'Lach do an de Kapp, well déi Leit sinn net frou iwwert deen Zoustand. Dofir géif ech proposéieren, e Panneau opzehänken, dee public géif maachen, dass d'Ponts et Chaussées responsabel ass fir dee Chantier. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Altmeisch. Da géife mer zum Punkt 2a kommen: Projets communaux, Empierrement du chemin rural. Ech géif dem Här Ulveling direkt d'Wuert ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Et sinn zwee Projeten, zwee Feldweeër, déi nei gemaach ginn. Do ass et esou, dass d'ASTA fir eis d'Geneemegungen ufreet, et ausschreift a mir bezuelen et. An da kréie mer, am Prinzip, mat hirer Hëllef 30 % zréck. Et sinn zwee Projeten. Deen een „Am Schäffelchen". Dat ass laanscht de Geméisgaart vum Sabrina. Dee Wee soll nei gemaach ginn. Deen ass de Moment schwéier zougänglech. Dat soll 60.500 Euro kaschten.

Deen anere Wee ass beim Baache Jang, dee contournéiert de Baache Jang, dee geet an de Bësch. De Fierschter schneit duerno de Bësch, de Wee erëm fräi an enger weiderer Etapp.

Wéi gesot, mir finanzéieren déi vir, an en Deel dovu kréie mer erëm iwwer Subsiden. Dat leeft alles ënnert der Regie vun der ASTA, déi, wéi gesot, eis hëlleft mat den Ausschreiwungen an esou weider. Ech géif Iech bieden, déi zwee Projeten ze stëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Häre Schäfferot, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Häre vun der Press, hei ginn zwee existent ländlech Weeër an d'Rei gesat. Mol op „Heideroicht" bei Baache Jang. Dëse Wee ass scho viru Jore gemaach ginn a geet an de Bësch eran. Dee kritt en neien, méi renge Belag. Kéint och weiderhin als Vëlospist benotzt ginn.

Och ugefrot ass ginn, fir eidel Gainen ze leeën, am Fall wou se gebraucht ginn, zum Beispill fir Elektresch. Bei dësem Devis vu 36.500 Euro, deen d'Gemeng virfinanzéiert, kréie mer 30 % als Subsid, ënnert der Regie vun der Verwaltung vun der ASTA erëm. Do wollt ech froen, déi 30 %, dat ass jo reng e Subsid, dee mer kréien. Et ass jo net, dass d'ASTA dee bäileet, plus dass mer d'Subside kréien. Dat ass schued.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir bezuelen alles a mir kréien der 30 erëm.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci. Deen zweete ländleche Wee „Am Schäffelchen", eng Strooss, déi virun 80 Jore gebaut ginn ass, ass d'Verlängerung vun der Belairstrooss laanscht d'Spillplaz, laanscht d'Gäert bis, am Moment, um Enn vum Kierfecht. Dee gesäit ganz, ganz wüüst aus. Hei ginn déi Lächer zougemaach an e kritt en neie Belag. Bei engem Devis vu 60.500 Euro, zu deene selwechte Konditioune wéi virdru beim Wee „Heideroicht".

D'DP begréisst dës Erneierungsaarbechten a proposéiert, vu dass méi dëser ländlecher Weeër missten an d'Rei gesat ginn, plus minus zwee dëser Weeër an déi nächst Joresbudgete materanzehuelen. D'DP stëmmt dëse Punkt an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Madamm Saeul. Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären, mir hunn hei zwee Devise virleien, fir mat der ASTA zesumme Feldweeër nei ze maachen. Eemol an der Kondel, 250 Meter fir 60.500 Euro. An de Wee fir an d'Staufelsheck um Bierg, 150 Meter fir 36.500 Euro. Eng gutt Saach. Mir sollten eis all Joers e gewësse Budget ginn, fir eis Feldweeër an der Rei ze halen.

Beim Wee an der Kondel fäerten ech awer, dass mer keng Geneemegung wäerte kréien, fir do Makadamm ze maachen. Well den MDDI ass relativ restriktiv, fir Makadamm kënnen dohinzeleeën. Ech weess net, ob et dofir eng Geneemegung gëtt. Dat war eng Fro.

Beim Wee fir an d'Staufelsheck hat ech dem Här Liesch scho gesot, vun deenen 150 Meter si scho 50 Meter praktesch fäerdeg. Soudass een den Devis mam Här Rota, iwwregens e Mann vun Uewerkuer, misst iwwerkucken. Natierlech stëmme mir mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Wéi gesot, d'ASTA mécht dee ganze Geneemegungsvolet fir eis. A wat si do erausschloen, dat maache mer dann an deem Sënn. Wa si Makadamm geneemegt kréien, da maache mer Makadamm. Wa se et net geneemegt kréien, maache mer natierlech keen. Lo musse mer kucken, wéi si do verfueren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling.

Da géife mer zur Ofstëmmung kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif à l'empierrement du chemin rural au lieudit « Heideroicht » à Differdange.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif au reprofilage du chemin rural au lieudit « Am Schäffelchen » à Differdange.

Da komme mer zum zweete Punkt, do geet et ëm d'Pläng an d'Devisen iwwert d'Renovatioun vum Turnsall an der Bouweschoul zu Nidderkuer. Ech ginn dem Här Ulveling d'Wuert.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Wéi mer mat dësem Dossier ugefaangen hunn, ware mer ganz begeeschtert. Mir hate geduecht, mir kéinten dat selwecht maachen, wat mer fäerdegbruecht hunn an dëser Vakanz um Woiwer. Leider huet sech erausgestallt, dass dat net méiglech ass.

De Problem ass, dass dee Kliewer, dee sengerzäit benotzt ginn ass, do sinn d'Valeure vum PKA 13-mol méi héich, wéi et dierft sinn. Dee Chantier, dat ass praktesch, wéi wann et eng Asbest-Verseuchung wier. Dat heescht, all déi Oplage kréie mer, fir dat do erauszehuelen. Dofir wäerte mer et net kënnen an enger Kéier maachen. Mee iwwer zwee, eventuell souguer bis dräi Exercicer.

Well, wann een de Buedem bis eraus huet, da muss een erëm waarden, bis de Büro de Go gëtt, fir de Rescht ze maachen. Soudass mer eis entschloss hunn, an der grousser Vakanz just déi siwe Klassesäll ze sanéieren. Dorënner versti mer de Buedem erauszehuelen, neie Buedem ze leeën, nei Dieren dran ze maachen, nei Fënsteren, Volete géint d'Sonn, also dat besser ze schützen. Et muss ee wëssen, an där Bouweschoul ass nach ni eng gréisser Renovatioun zënter hirem Bestoe gemaach ginn.

An enger zweeter Phas wäerte mer dann den Turnsall ugoen. Wou aner Re-

Le DP salue ces projets et demande que davantage de sentiers forestiers soient remis en état.

GUY TEMPELS (CSV) *constate que la commune rénovera deux sentiers en partenariat avec l'ASTA : un au Kondel pour 60 500 € et un au Staufelsheck pour 36 500 €. Il estime qu'il faudrait prévoir un budget de ce type tous les ans.*
Il craint cependant que la commune n'obtienne pas d'autorisation pour mettre du macadam au Kondel, car le MDDI se montre généralement restrictif. Le collège échevinal a-t-il un permis ?
Pour ce qui est du chemin au Staufelsheck, 50 m sur 150 m sont pratiquement finis.

TOM ULVELING (CSV) *répète que c'est l'ASTA qui s'occupe de toutes les autorisations. Le chemin sera macadamisé si cela est possible ; autrement, on trouvera une autre solution.*
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passe aux plans et devis concernant la rénovation de la salle de gymnastique de l'École des garçons de Niederkorn.*

TOM ULVELING (CSV) *était très enthousiaste de ce projet au départ. Le collège échevinal espérait pouvoir répéter ce qu'il avait fait pendant les dernières vacances au Woiwer.*
Mais entretemps, il s'est avéré que la valeur d'acidité constante est 13 fois plus élevée que la normale. La situation est comparable à une pollution à l'amiante. Le chantier est donc plus complexe puisqu'il faudra dépolluer le site dans un premier temps. Les travaux s'étaleront sur deux ou trois exercices.
Une fois le terrain assaini, la commune devra attendre d'obtenir l'autorisation pour réaliser le reste des travaux. Finalement, le collège échevinal a décidé d'assainir sept salles de classe pendant les grandes vacances, c'est-à-dire remplacer le sol, les portes, les fenêtres, les volets… Tom Ulveling signale que l'école n'a jamais été rénovée de fond en comble depuis sa construction.

2b. École des Garçons Niederkorn

Lors de la deuxième phase l'année suivante, c'est la salle de sport qui sera rénovée. Le réseau informatique, les radiateurs, les installations électriques, l'éclairage, le plafond, la menuiserie intérieure et la peinture seront refaits.
Le devis s'élève à 1,750 million d'euros.
Pour Tom Ulveling, il est important d'adapter les écoles aux standards contemporains. Dans ce cas-ci, les choses avancent moins vite que prévu. L'échevin espère que le conseil communal approuvera le devis.

ERNY MULLER (LSAP) *rappelle que le devis porte sur l'assainissement et la rénovation de la partie ancienne de l'École des garçons de Niederkorn. Ceci, après les travaux réalisés dans les écoles du Fousbann et du Woiwer.*
Le dernier agrandissement de cette école date d'il y a plus de vingt ans. Une partie de l'école est en parfait état. Mais le rez-de-chaussée, le dernier étage et la salle de sport…
(Interruption)
Erny Muller confirme que la salle de musique est en bon état.
(Interruption)
Erny Muller trouve important que l'école soit rénovée. Il était temps.
Le devis se monte à 1 750 000 €, une somme importante qui s'explique par l'ampleur des rénovations comme l'a remarqué monsieur Ulveling.
Cent-quatre-vingt-dix-neuf-mille euros serviront à refaire l'électricité dans sept salles de classe. Les fenêtres seront remplacées et la façade isolée. Les fenêtres couteront 226 000 € et les stores 122 000 €. Cent-cinquante-six-mille euros sont destinés au mobilier. L'assainissement coutera plus cher qu'un simple remplacement de revêtement.
Les frais d'architectes se montent à 121 000 € auxquels s'ajoutent les honoraires des bureaux techniques. Ces sommes n'ont pas baissé depuis que monsieur Ulveling a remplacé Erny Muller.
Les travaux seront-ils terminés dans un an après les grandes vacances? La Liberté pourra-t-elle continuer à utiliser la salle de gymnastique? Qu'envisage le collège

ERNY MULLER (LSAP):

Dat ass jo gutt.

Ech mengen, et ass elo wichteg, dass déi nogebessert ginn. Zemools – ech war schonn an deene Säll – wann ee sech déi ukuckt, da gesäit een, dass dat net vu Muttwëll ass.

Den Devis ass 1.750.000 Euro, wat e relativ grousse Chiffer ass. Mee deen ass jo awer erkläert am Detail vun den Aarbechten. Déi dann an dräi Phasen, wéi Der gesot hutt, Här Ulveling, realiséiert ginn.

Dee gréissere Chiffer heivun ass, dat muss een awer soen, d'Elektresch. Dat gëtt komplett nei gemaach. All d'Reseaue ginn nei gemaach, 189.000 Euro fir siwe Säll an den Turnsall.

An da Menuiserie extérieure, hutt Der gesot. Dat heescht, all d'Fënstere ginn ersat, no den neiste Krittären am Medium Holz, hunn ech gelies. An och mat där néideger Isolatioun a selbstverständlech och Store baussen a Sonneblenden. Déi bausse Fassad: 226.000 Euro fir d'Fënsteren an 122.000 Euro fir d'Storen.

Dann nei Plaffongen. En neie Parquet, hutt Der eis jo och erkläert, firwat, wéinst de PKAen am Colle. An de Mobilier däerf een och net vergiessen. De Mobilier gëtt komplett erneiert. Et sinn ëmmerhin 156.000 Euro virgesinn. An dann och déi Sanéierung, déi e bësse méi deier kascht wéi en normale Remplacement vun engem Buedem.

Mer däerfen och net vergiessen – Dir hutt ëfters d'Remark gemaach –, d'Architektefraisen, wéi héich déi sinn. Hei si se och erëm iwwer 121.000 Euro. Ouni déi speziell Assistance vun de Bureau-techniquen. Also och dat kascht. Ech wëll soen, et ass och net erofgaangen, säit Dir d'Responsabilitéit hutt vun deem Secteur. Dat gehéiert eeben derzou. Mir hunn ëfters schonn doriwwer geschwat.

Et ass wichteg, dass dat hei éischtens seriö ausgeschafft an zweetens och suivéiert gëtt.

Mir hätten eng Fro zu de Phasen. Ass et esou geduecht, dass mer an engem Joer, no der grousser Vakanz, dann op

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, Dir Dammen an Dir Häre vun der Press, mir hunn haut den Devis virleien an och den Detail vun den Aarbechte betreffend d'Sanéierung an d'Renovatioun vun deem alen Deel, loosse mer et emol esou nennen, vun der Bouweschoul vun Nidderkuer.

Nodeems déi Fousbanner Schoul, déi al Schoul, elo tipptopp an der Rei ass, d'Woiwer Schoul komplett sanéiert ass, ass et, mengen ech, elo wichteg, dass Nidderkuer virugefouert gëtt. Well et ass jo awer schonn eppes méi wéi zéng Joer hier, dass do nei gebaut, bäigebaut an ausgebaut ginn ass. Do ass en Deel, deen tipptopp an der Rei ass. Mee de Rez-de-chaussée an deen ieweschte Stack an och den Turnsall …

ENG STËMM:

An de Musekssall. Dee gëtt och renovéiert.

d'mannst alles fäerdeg hunn? Dat wär déi éischt Fro.

Déi zweet Fro ass, wat mam Turnsall geschitt. Den Turnsall ass jo och virgesinn, gëtt jo och erneiert. Ob do an Zukunft d'Liberté den Turnsall ka weider benotzen, speziell fir d'Turnen. Och dee Moment, wou déi nei Sportshal schonn a Betrib ass. Wéi Der dat elo envisagéiert, am sportleche Beräich. Ech mengen, wärend enger gewësser Zäit misst et dann nach souwisou sinn, well Uewerkuer ee Moment ausfält a mer komplett op Nidderkuer plënneren. Mee och wéi d'Zukunft ausgesäit, ob de Veräin do säin Heem behält. Dat wären eis Froen zu deem Projet. Merci. Mir stëmmen op jidde Fall déi 1.750.000 Euro.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Häre, als CSV begréisse mer, datt elo den urspréngleche Deel vun der Bouweschoul zu Nidderkuer renovéiert gëtt. Déi siwe Klassesäll, de Musekssall an den Turnsall. U sech dee komplette Rez-de-chaussée an den éischte Stack.

Déi elo mat där neister Technik, insbesonnesch fir d'Sécherheet, de Reseau, d'Informatik an d'Elektresch versi gëtt. Ech wëll awer preziséieren, datt dat zum Deel schonn do war. Net, datt ee mengt, d'Schoul wier do vun der Aussewelt ofgeschnidde gewiescht.

Dës siwe Klassesäll si mat déi flottsten aus der ganzer Schoul. Elo schonn. Zum engen duerch hir Gréisst an hir Héicht. Zum aneren duerch hir charakteristesch Architektur, wou mir, wéi hei am Dossier virgesinn ass, et wichteg fannen, datt dës erhale bleift.

Den Här Muller huet et schonn ugeschwat, am Devis ass e Mobilier virgesinn, insbesonnesch Abauschief. Dat ass eng ganz gutt Saach. Dat hu mer an den neien Deeler schonn. Domadder gewënnt ee wierklech vill Plaz.

Beim Turnsall, deen dann eréischt an enger zweeter Phas ugaange gëtt, ass ee frou, datt een, nieft dem Charme vum Albau, mat där neier Sportshal zu Nidderkuer elo endlech eng Auswäichméiglechkeet huet, fir dësen ze renovéieren. Well dës Aarbechte wierklech fälleg sinn. D'CSV stëmmt dës Devisen natierlech mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Dir Dammen an Dir Häre aus dem Gemengerot, et ass wichteg, weiderhin an eis Schoulinfrastrukturen ze investéieren. Do ass et logesch, dass déi Nidderkuerer Jongeschoul un d'Rei kënnt. An dass am Gebai vun 1924 deemnächst, laut dem virleienden Avant-Projet-Sommaire, déi siwe Schoulsäll, den ugrenzenden Turnsall souwéi de Musekssall renovéiert ginn. Awer och schwiereg Allaaschten entsuergt ginn. Ech mengen, do ka keen dogéint sinn.

Mir hoffen, dass den definitive Projet schnell op den Dësch kënnt an d'Aarbechten duerno schnell kënnen an Ugréff geholl ginn. Mir stëmmen dësen APS respektiv dësen Devis estimatif mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Madamm Pregno, wannechgelift.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Häre, et ass ganz kloer, dass mir als déi gréng dee Projet matstëmmen. Mir si ganz frou, dass d'Renovatioune vun de Schoule viruginn. Merci.

échevinal une fois que la nouvelle salle de sport sera fonctionnelle? Lors de la rénovation du centre sportif d'Oberkorn, les activités sportives se tiendront à Niederkorn. Mais que se passera-t-il ensuite?
Les socialistes approuveront le devis de 1 750 000 €.

JERRY HARTUNG (CSV) *salue la rénovation de l'ancienne partie de l'École des garçons comprenant le rez-de-chaussée et le premier étage. L'équipement technique sera entièrement modernisé. Le conseiller communal tient cependant à préciser que cette école n'était pas coupée du monde jusqu'à présent.*
Les sept salles de classe qui seront rénovées font partie des plus belles de l'école par leur volume et leur architecture.
Comme l'a souligné monsieur Muller, le mobilier sera remplacé. Les armoires seront encastrables comme dans la partie plus neuve.
En ce qui concerne la salle de gymnastique, Jerry Hartung est content que le nouveau centre sportif de Niederkorn permette de la rénover. Il était temps.
Le CSV approuvera les devis.

FRANÇOIS MEISCH (DP) *souligne l'importance d'investir dans les infrastructures scolaires. Rénover l'École des garçons de Niederkorn est logique. Le bâtiment de 1924, les sept salles de classe, la salle de gymnastique et la salle de musique sont concernés par les travaux.*
Les conseillers communaux ne peuvent bien entendu pas être contraires aux travaux de décontamination. François Meisch espère que ces travaux avanceront rapidement et que le projet définitif sera vite entamé.
Le DP approuvera le devis.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *annonce que les écologistes soutiennent ce projet et se réjouissent des rénovations.*

ALI RUCKERT (KPL) *constate à son tour qu'il était temps de réaliser ces travaux. Il est content que la salle de musique soit également rénovée. Cela ne figure pas dans le dossier.*
(Interruption de M. Krecké)
Ali Ruckert se dit surpris des frais d'architectes se montant à 121 000 €. Il ne s'agit pas de construire une école, mais de rénovations. Pourquoi les architectes communaux ne s'en chargent-ils pas ? Se pourrait-il qu'ils soient occupés à réaliser des projets pour le compte de l'État et qu'ils n'aient pas de temps pour la commune ? Quelle est l'explication du collège échevinal ?
La salle de gymnastique est arrivée en fin de vie. Le collège échevinal en a-t-il discuté avec La Liberté ? Le club pourra-t-il poursuivre ses activités dans la salle rénovée ? A-t-on prévu l'installation d'un ascenseur ? Cela faciliterait le transport de matériel lourd. Actuellement, il faut passer à travers l'école, ce qui est pénible quand des manifestations sont organisées.
Ali Ruckert espère que les travaux seront réalisés rapidement.

GUY DIDERICH (DÉI LÉNK) *salue à son tour les rénovations. Cependant, il n'a rien lu concernant une éventuelle rénovation énergétique. Certes, les fenêtres seront remplacées, mais le collège échevinal a-t-il prévu des travaux plus conséquents dans ce domaine ? Après tout, le conseil communal discute souvent d'économies d'énergie et d'objectifs environnementaux. Gary Diderich croit avoir compris que dans le cadre du pacte climat, les communes sont censées évaluer leurs propres bâtiments. Si tel est le cas, ces travaux de rénovation auraient constitué une bonne occasion de le faire.*

TOM ULVELING (CSV) *concorde avec monsieur Ruckert. Les frais d'architectes sont plutôt élevés. D'un autre côté, il ne s'agit pas non plus de dessiner deux plans pendant trois heures. Les architectes s'occupent des bordereaux, de la surveillance, des soumissions… Les honoraires sont fixés dans le contrat de l'OAI.*
La salle de gymnastique sera rénovée au cours de la deuxième phase.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre, et ass wichteg, dass déi Renovatioun vun de Schoulsäll, déi am Fong laang iwwerfälleg ass, elo passéiere wäert. Ech sinn och frou, elo hei ze héieren, dass och de Musekssall soll renovéiert ginn. Dat steet nämlech hei net dran. Hei gëtt just geschwat vu siwe Schoulsäll a vum Turnsall.

(Ënnerbriechung)

Ech muss soen, et huet mech awer erëm eng Kéier erstaunt, dass mer 121.000 Euro un Architektekäschten ausgi fir dee Projet do. Do gëtt jo keng nei Schoul gebaut. Et gëtt renovéiert. An ech froe mech, firwat net den Architekt vun der Gemeng dee Projet hätt kéinten iwwerhuelen. Ass dat vläicht, well déi domat beschäftegt sinn, staatlech Projeten ze maachen an da keng Zäit hunn, fir Gemengeprojeten ze maachen? Kënnt Der eis do vläicht eng Erklärung ginn? Ech fannen et op alle Fall vill Sue fir Architekturkäschten.

Déi zweet Saach, deen Turnsall, do wësse mer alleguer, dass deen do ukomm ass, wou et einfach net méi geet. An dass en elo eebe muss nei gemaach ginn. Meng Fro: Ass an der Tëschenzäit mat der Liberté doriwwer geschwat ginn, wat do geschitt? Wéi se kënnen trainéieren, wann deen nei gemaach gëtt? An ob se duerno och erëm d'Méiglechkeet hunn, an deem Turnsall hir Aktivitéite weiderzefëieren?

Ech wollt och froen, ob do virgesinn ass, bei deem Turnsall e Lift anzebauen. Well mer wëssen, dass dee vill méi héich läit, an dass schwéier Geräter mussen duerch d'Schoul eragedroe ginn. Wat ëmmer zimmlech penibel ass, wann do Manifestatioune stattfannen. Ech hoffen, wéi mer elo erkläert kritt hunn, dass déi Aarbechten esou kënnen iwwert d'Bün goen, dass mer relativ séier déi Schoul kënnen erëm voll a Gebrauch huelen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, och vun déi Lénk aus begréisse mir déi heite Renovatioun, déi wichteg an néideg ass.

Ech hätt eng Fro. Bei där Renovatioun hat ech elo näischt gesinn, wat d'energetesch Renovéierung ugeet. D'Fënstere ginn ersat. Dat ass natierlech eng Fassad, wou ech net weess, ob et vu baussen geet, dat wär e bësse riskant. Mee einfach d'Fro: Ass dat envisagéiert ginn?

A wär et net awer wichteg, wa mer vun Energiespueren a Klimaziler schwätzen. Dat hat ech esou verstanen, wéi wann am Klimapakt am Moment eng Prioritéit wär, mol déi eege Gebaier op de Leescht ze huelen. A wann een dann drugeet, wär dat hei net néideg gewiescht an dee richtege Moment gewiescht? Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech géif op d'Froen äntweren. Den Här Ruckert huet sech iwwert d'Architektekäschten ausgesprach. Ech si mat Iech d'accord, dat si relativ vill Suen. Mee ech mengen, et muss ee jo bedenken, dass dat elo net nëmmen ass, fir dräi Stonnen ze zeechnen. Déi Architektebüroe maache jo och déi ganz Bordereauen, déi maachen d'Surveillance vum Chantier, si schreiwen aus. Dat heescht, do ass awer nach e ganze Koup Aarbecht hannendrun. Dat sinn net nëmmen e puer Strécher op engem Plang. Bon, et ass eeben dat, wat am OAI-Vertrag virgesinn ass. An da musse mer dat bezuelen.

Den Här Muller hat gefrot nom Turnsall en rapport mat der Liberté. Den Turnsall gëtt an enger zweeter Phas gemaach. Ass also an der éischter Phas elo nach disponibel. Mir wëssen, dass en net méi konform ass nom aktuelle Standard. Dat heescht, et muss eng Mise en conformité do gemaach ginn. Dat si mer eis bewosst.

Et ass och virgesinn, am neien Turnsall zu Nidderkuer Fixatiounen am Buedem ze maachen, wou se kënnen hir Geräter umaachen, wéi e Sprangpäerd an esou weider. Soudass dee Sall ka benotzt gi fir ze turnen. Dat ass virgesinn.

De Rescht, mam Turnsall, dat musse mer nach genau studéieren. Dir hutt geschwat vun engem Lift. Deen ass de Moment net virgesinn. Mee dat kann een awer nach alles kucken. Et ass um Sportsservice, fir elo genau e Plang ze maachen, wou mer jo elo ufänken och d'Uewerkuerer Sportshal ze renovéieren. Da musse mer genau wëssen, wéi wat wou, wat fir ee Veräi wéini wou kann trainéieren.

An deem Kader mengen ech, musse mer nach kucken, wéi dat mam Turnsall Nidderkuer weidergeet. Et ass kloer, dass mer deen als Turnsall wëllen erhalen. Mee et ass nach net kloer, après coup, wann dee renovéiert ass, wien dann do nach kann, ausser vläicht der Liberté, oeuvréieren.

Den Här Muller hat d'Fro gestallt, wéini et fäerdeg ass. Här Muller, ech hat Iech awer versicht ze erklären, mir wollten net de Risiko agoen, net fäerdeg ze ginn. Wa mir elo wierklech drop gedréckt hätten, wéi mer dat mat der Woiwer Schoul gemaach hunn – mir wëssen, et ass August, do si verschidde Büroen net do, et si verschidde Beamten net do.

A wa mer da fir déi verschidden Aarbechten ëmmer mussen erëm en Aval kréie vum Ministère oder esou, fir déi nächst Aarbechten ze maachen, wollt ech net duerno dostoe mat enger Schoul, déi hallef fäerdeg ass. Wou da vläicht d'Regaler do sinn, mee d'Dieren nach net do, oder hei oder do. Dofir hu mer gesot, mir maachen et an zwou Kéieren. An ech mengen, Iech soen ze kënnen, dass mer dat no der nächster grousser Vakanz wäerte fäerdeg hunn.

Zum Musekssall wëll ech just soen, dat ass e klenge Sall. Dat war fréier e Schoulsall. Deen ass ëmfonctionéiert ginn als Musekssall. Dat ass also näischt Riseges. Wéi gesot, ech ginn dovun aus – a meng Leit hu mer gesot, dass dat méiglech ass –, dass mer fir September 2021 fäerdeg sinn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Wa keng Froe méi sinn, da komme mer zur Ofstëmmung.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Zu menger Fro mat der Energie, ass do eppes gesot ginn?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Entschëllegt. Dir hutt se deelweis selwer beäntwert. Et kommen nei Fënsteren dran. De Problem, energetesch, et ass eng flott Fassad, do gesinn ech elo schwéier, dass een do eppes drop pecht. Vu banne misst ee kucken. Dat anert ass …

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Et ass net gekuckt gi vu bannen, ob do eppes méiglech ass?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat kann ech Iech elo net soen, dat misst ech nofroen. Op där anerer Säit soen ech mer, wéi wëll een esou ee Gebai energetesch fit maachen, wann ee Gäng huet, déi véier Meter héich sinn a véier Meter breet sinn. Et ass en aalt Gebai. Do ass sengerzäit net dru geduecht ginn. Dat heescht, do musse grouss Fläche gehëtzt ginn, déi am Fong net vill bréngen, ausser, dass se schéi sinn a grouss sinn. Et kann ee kucken, fir vläicht bannen eng Isoléierung ze maachen. Dat misst een nofroen. Da soen ech Iech Bescheed.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling.

Elle n'est plus conforme aux standards actuels. Le collège échevinal en est conscient. Une fois la rénovation terminée, les appareils de gymnastique comme les chevaux d'arçon pourront être fixés au sol. Monsieur Ruckert a suggéré un ascenseur. Ce n'est pas prévu, mais envisageable.

Le centre sportif d'Oberkorn va être assaini. Il faudra que le service des sports réalise un plan détaillé de l'occupation des différentes salles. La salle de gymnastique de Niederkorn sera préservée, mais le collège échevinal ne sait pas encore quels clubs s'en serviront en plus de La Liberté.

Monsieur Muller a demandé des délais. Tom Ulveling a déjà fourni les explications. Pour ne pas courir le risque de se retrouver avec une école à moitié finie faute de disposer de toutes les autorisations, le collège échevinal préfère s'y prendre en deux fois. Le chantier devrait se terminer après les prochaines grandes vacances.

La salle de musique est petite. À l'origine, il s'agissait d'une salle de classe. L'équipe de monsieur Ulveling lui a expliqué qu'elle devrait être fonctionnelle en septembre 2021.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passe au vote.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *se plaint du fait que le collège échevinal n'ait pas répondu à sa question concernant l'assainissement énergétique.*

TOM ULVELING (CSV) *répond que monsieur Diderich a répondu à sa propre question. Les fenêtres seront remplacées.*

La façade est belle. Tom Ulveling voit mal comment on pourrait coller une isolation dessus.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *propose une isolation intérieure.*

TOM ULVELING (CSV) *ne sait pas si cette option a été prise en condidération.*

Mais il se demande comment on pourrait assainir énergiquement un bâtiment avec des couloirs de quatre mètres de large et quatre

mètres de haut. Ces couloirs sont beaux, mais apportent peu.
Tom Ulveling s'informera quant à l'isolation par l'intérieur.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passe au décompte du lycée provisoire de l'EIDE. L'emprunt à court terme doit être soldé.*

TOM ULVELING (CSV) *explique que de l'approbation de ce décompte dépend le versement du remboursement par l'État. Il rappelle que la commune doit rembourser un emprunt. C'est pourquoi il est important d'approuver le décompte rapidement.*
Tom Ulveling tient à remercier madame Peterhänsel d'avoir réussi à ériger cette école en un peu plus d'un an, et à décontaminer et déplacer le centre de recyclage. Le personnel communal est compétent et travaille extrêmement bien.
Tom Ulveling rappelle qu'il a fallu déplacer le centre de recyclage pour construire le lycée. La décontamination du site a commencé en septembre 2016. En novembre de la même année, les travaux de construction ont commencé. Le lycée a ouvert ses portes à temps pour la rentrée 2017. Il compte 17 salles de classe, une cafétéria, des locaux à thème, des locaux administratifs… Il peut accueillir 450 élèves.
Le collège échevinal aurait pu choisir d'aménager une structure en conteneurs, mais le béton massif était moins cher. La façade est recouverte de lamelles d'aluminium et est bien intégrée à son environnement.
Le déplacement et la décontamination du centre de recyclage ont couté 1,7 million d'euros et la construction du lycée 16 138 000 € — 1,3 million d'euros de moins que prévu.
Tom Ulveling demande au conseil communal d'approuver le décompte pour que les dossiers puissent être envoyés au ministère.

ERNY MULLER (LSAP) *rappelle qu'il était responsable de ce projet. Tout s'est bien passé entre les différents partenaires. Un groupe de travail*

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les plans et devis relatifs à la rénovation des salles de classe et de la salle de l'éducation physique à l'École des garçons de Niederkorn.

Da komme mer zum Punkt 2c. Do geet et ëm d'Dekonte vum Lycée provisoire vun der EIDE, wou mer jo ëmmer alles erëmkréien. An do geet et ëm en Emprunt à court terme, dee soll soldéiert ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Et ass wichteg, dass mer dee Kont elo hei stëmmen. Dorunner hänkt et, dass mer d'Sue vum Staat kréien. Soubal dee Kont färdeg ass, kréie mer, laut Deal, dee mer mam Staat sengerzäit gemaach hunn, dee ganze Montant erëmbezuelt. Ech wëll drun erënneren, dass mer do dogéint en Emprunt hunn. Dee musse mer och erëmbezuelen. Soudass et wichteg ass, dass mer dat heite relativ schnell iwwert d'Bün kréien.

Ech wëll der Madamm Peterhänsel vun dëser Säit e grousse Merci ausschwätzen. Well si huet et färdegbruecht,net nëmmen déi Schoul hei an e bësse méi wéi engem Joer opzeriichten a funktiounsfäeg ze maachen, si huet et och färdegbruecht, virdrun dee ganze Recyclingszenter ze dekontaminéieren an op eng aner Plaz ze verleeën. Soudass ee gesäit, dass mer do wierklech awer performant Leit hunn, déi, wa se um Dossier sinn, relativ gutt schaffen. Net nëmme relativ gutt, mee wierklech gutt schaffen.

Et ware jo zwou Saachen. Fir d'éischt hat missen deen ale Recyclingszenter ewechgeholl ginn. Deen hu mer jo geplënnert. Duerno hat missen d'Gebai opgeriicht ginn. Am September 2016 war mam Ofrappe vum Recyclingszenter an der Dekontaminatioun vum Site ugefaange ginn. Am November 2016 waren d'Aarbechte vum Gebai ugaange ginn.

D'Gebai ass an der Rentrée 2017 a Betrib geholl ginn. Dat war wierklech sportlech gewiescht. D'Gebai huet 17 Klassesäll, dräi grouss Atelieren, dräi Theemeraim, eng Cafeteria, eng Bibliothéik an en administrativen Trakt fir d'Administratioun vun der EIDE. An et ass ongeféier fir 450 Schüler ausgeluecht.

Et war fräi ausgeschriwwen. Datt och e Containerbau am Fong méiglech gewiescht wär. Mee déi bëllegst Offer war e massive Bëtongsbau. Deen ass dunn och gebaut ginn. D'Fassad besteet aus Aluminiumlamellen. Dir kennt all dat Gebai. Dat passt gutt an déi Ëmgéigend. Ech mengen, dass et och en Avantage ass, dass dat net am Containerbau opgeriicht ginn ass, mee eeben am Bëtong. Well do jo awer méi eng laang Durée virgesinn ass.

Den Deplacement vum Recyclingszenter an d'Dekontaminatioun vum Site huet 1,7 Milliounen an e puer Zerquëtschter kascht. De Bau vum Gebai huet genau 16.138.000 Euro kascht. Dat war 1,3 Milliounen ënnert dem Devis. Soudass ee ka soen, dass hei wierklech gutt geschafft ginn ass vun eise Servicer. An natierlech an Zesummenaarbecht mat de Servicer vum Staat, vun der Educatioun a vun deem, deen d'Bauopsiicht hat.

Dofir wär et gutt, wéi gesot, well mer deen Emprunt mussen zréckbezuelen a mir kréien do kee weideren Delai, komescherweis, wa mer dat géifen haut stëmmen. Da geet dat direkt an de Ministère, fir dass mer dat kënne rembourséiert kréien. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech wëll kuerz drun erënneren, dass ech en charge war, als responsabele Schäffen, vun deem dote Projet. Ech wollt dat selwecht soen, wéi den Här Ulveling.

Dat heescht, dat war e Projet, dee ganz gutt iwwert d'Bün gaangen ass. Wou all d'Parteien, déi do mat engagéiert waren, vun der École internationale an all deenen anere Partner, vun Ufank un zesummen an engem Boot waren. Mir ha-

ten e pluridisziplinären Aarbechtsgrupp gemaach. Iwwert dee Wee hu mer all Ufuerderungen an all Demandë konnte mat verschaffen.

Déi meescht heibanne kënnen dat jugéieren, wat dat heescht, 17,5 Millioune fir 450 Schüler, dat ass ganz bëlleg. Dat ass dat mannst, wat ee ka soen. Wann een dann nach bedenkt, dass mer iwwer eng Millioun hate fir d'Dekontaminatioun op där Plaz. Do steet, ArcelorMittal Lëtzebuerg huet déi gemaach. Firwat? Majo, ech erënneren drun, fir dass do kee Mëssverständnes opkënnt: Et war esou, dass ArcelorMittal dee ganze Site do dekontaminéiert huet.

Dat heescht, et waren zwou Etappen, am Viraus. Dat war den Tower, de sougenannten Hadir-Tower, dee Buedem. Et war de Buedem vun dem Lycée classique, dee jo elo och schonn do steet. An et war, an enger drëtter Phas, de Parc de recyclage, wou d'Gemeng Proprietär war vum Terrain, mee wou d'Prozedur vun der Dekontaminatioun ugegliddert ginn ass un déi gesamt Prozedur, déi do schonn ugefaangen hat.

Dat heescht, do war eng Demande gemaach ginn. Vun all deene Saache ware regulär Demanden do an och Autorisatiounen. Dat heescht, et war eng Extensioun gefrot ginn, fir déi Autorisatioun, déi scho bestanen huet, fir den Deel vum Recyclingspark. Dofir konnt den Delai verkierzt ginn. Mee, wéi gesot, dat war e kompletten Deel, deen do geschitt ass, op deem Site. Well dat hei läit jo praktesch op deem selwechten Areal wéi déi zwee aner Projeten.

Et war ganz interessant, mat eisen interne Büroen ze schaffen. Ech wëll och der Madamm Peterhänsel Merci soen. Awer och dem Architektebüro. Dat war wierklech alles ideal gelaf. Dofir war et och méiglech, déi kuerz Zäit an deen interessante Präis erauszeschloen.

Wann Der kuckt, mir hunn 12.282.000 Euro bezuelt fir de Réibau, dat heescht d'Gebai selwer. Wéi den Här Ulveling sot, et war eng Bëtongsweis, mat Bëtongsophänkungen an esou weider. Et war am Fong en alternative Projet zu enger zweeter Offer, déi am Holzbau war. Ech kann Iech soen, déi Offer war fënnef Milliounen Euro méi deier. An hei hu mer dee selwechte Rendement erauskritt, energetesch gesinn.

Dat war alles ganz kloer virgeschriwwen, och wéi d'Fassad misst ausgesinn an esou weider. Déi zwee Projeten, déi waren, no baussen hier, praktesch identesch. Mee duerch d'Verwendung vun anere Materialie si mer awer hei op e Präis komm, dee fënnef Milliounen Euro méi héich war.

Dat ass meng Konklusioun. Wéi gesot, ech wollt och nach all deene Leit Merci soen. Ech si frou, dass ech dee Projet konnt duerchzéien, an dass en esou gutt reusséiert ass. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Den Här Muller huet elo gesot, déi Dekontaminatioun, wou jo ArcelorMittal 1.077.000 Euro kritt huet, fir déi ze maachen, wär Deel eebe vum Hadir-Tower, duerno Lycée, an da wär nach déi drëtt Phas gewiescht. Do wollt ech nofroen: Wat ass domadder genee geschitt? Sinn déi op déi Deponië gaangen, wou elo am Gespréich sinn? A wou et esou ausgesäit, wéi wann dat net alles esou kloer gereegelt a gutt géif lafen, wéi dat hei behaapt ginn ass?

Ech wëll drun erënneren, wéi mir den Acte de vente mat Hadir fir déi Terraine vum Hadir-Tower hei gestëmmt haten, hat ech explizitt nogefrot, wat déi Décharge historique ass an ob déi Décharge historique an der Rei wär. An ech hat hei vum Schäfferot gesot kritt, dat wär alles tipptopp. Do wär 2013 en Inkommodo-Kommodo gemaach ginn, do wär d'Ëmweltkommissioun do gewiescht, dat wär alles gekuckt ginn an dat wär esou an der Rei.

Elo wësse mer, dass dat net esou an der Rei ass. An am Detail hu mer nach ëmmer net all déi Informatiounen, déi ee bräicht, fir den Dossier wierklech gutt ze kennen. Mee de Fait – a mir komme jo spéider mat Froen drop zréck, dofir wollt ech awer hei elo nofroen, wat dann hei genee geschitt ass als Dekontaminatioun. Wat wouhinner bruecht ginn ass. Ech soen Iech Merci.

multidisciplinaire a traité toutes les demandes.
Le prix de 17,5 millions d'euros pour 450 élèves est faible. En plus, un-million d'euros ont servi à la décontamination du sol. Celle-ci a été effectuée par ArcelorMittal. En effet, il a fallu prévoir deux étapes : celle pour la tour Hadir et le lycée classique, et celle pour le terrain du parc de recyclage. Cette deuxième procédure a été reliée à la première afin d'accélérer le processus. Les autorisations pour la première demande avaient déjà été émises. La commune n'a fait que demander une extension pour le parc de recyclage. Car il s'agit pratiquement de deux projets sur un même site.
Erny Muller remercie à son tour madame Peterhänsel, mais aussi le bureau d'architectes. Le projet s'est déroulé de manière idéale. C'est ce qui a permis de réaliser les travaux rapidement et à un prix avantageux.
Le gros œuvre a couté 12 282 000 €. Comme l'a dit monsieur Ulveling, le collège échevinal a choisi une structure en béton. Une deuxième offre prévoyait une structure en bois, mais coutant cinq-millions d'euros de plus pour un rendement énergétique similaire. De l'extérieur, les projets étaient pratiquement identiques, mais les matériaux utilisés étaient différents.
Erny Muller remercie à nouveau tous les acteurs. Il est content que ce projet soit une réussite.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *revient sur les propos de monsieur Muller. ArcelorMittal a touché 1 077 000 € pour la décontamination du sol. Qu'a-t-on fait de la terre ? A-t-elle été déposée dans les décharges ? Il en est question actuellement et il semblerait que leur fonctionnement ne soit pas réglé comme il devrait.*
Gary Diderich rappelle que lors des débats concernant l'acte de vente pour les terrains de la tour Hadir, il avait clairement demandé au collège échevinal si la décharge historique était en règle. Le collège échevinal avait répondu que oui. La commission de l'environnement se serait rendue sur place en 2013 dans le cadre d'un commodo.

Aujourd'hui, il apparait que tout n'était pas en règle. Le conseil communal ne dispose d'ailleurs toujours pas des informations nécessaires.

ALI RUCKERT (KPL) *constate que l'on parle d'un projet réussi. Pourtant, il n'approuvera pas le décompte.*
Comme il l'a dit tout à l'heure, si les architectes communaux doivent s'occuper de projets nationaux, ils ne peuvent plus faire leur travail.
En plus, les pratiques de l'école internationale sont discriminatoires puisque seule la moitié des élèves sera de Differdange. De nombreux élèves continueront donc à fréquenter des lycées dans d'autres communes — avec les problèmes de transport qui s'ensuivent.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *propose de répondre aux questions de monsieur Diderich à la fin de la séance.*

ERNY MULLER (LSAP) *a été contacté par la presse concernant des déclarations pendant une séance du conseil communal. On lui a reproché d'avoir fait de fausses déclarations. Or c'est faux.*
La procédure en question a été suivie par le service écologique. La commune disposait de toutes les autorisations nécessaires. Pour ce projet-ci, la commune s'est bornée à simplifier la procédure en ajoutant un bout de terrain à une procédure de décontamination existante. Les conseillers communaux savent bien qu'il a fallu stocker du macadam sur le site pendant un certain temps parce que les autorisations pour un dépôt dans la décharge historique n'étaient pas encore disponibles. C'est d'ailleurs la raison pour laquelle la terre a finalement été envoyée à l'étranger.
Il faut dire les choses comme elles sont au lieu de prétendre que la commune a tout toléré. En outre, ceci n'a rien à voir avec la discussion qui va suivre. Erny Muller ne se réfère qu'à ce projet-ci. Si la décharge ne disposait pas de certaines autorisations, il le regrette, mais il ne pouvait pas être au courant.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, hei gëtt zwar vun engem gutt reusséierte Projet geschwat. Ech wäert awer trotzdeem deen Dekont do net stëmmen, als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei.

Et ass och hei dat agetratt, wat ech virdru mat der Schoul vun Nidderkuer gesot hunn. Wann een Architekten op Staatsprojete setzt, da si se net do, fir kommunal Projeten ze maachen.

Mee hei geet et jo besonnesch drëm, dass hei eng Diskriminéierung virläit. Dass an déi international Schoul net all Déifferdenger Kand goe kann, mee nëmme bis d'Hallschent vun de Schüler. An dat huet d'Kommunistesch Partei vun Ufank un ofgeleent, well do dann Extrawurschte gebrode ginn an d'Schüler vun Déifferdeng weider mussen an aner Lycéeën, an aner Gemenge goen. Wat jo och dann en zousätzlechen Transportproblem stellt. Dofir wäert ech och géint dee Kont do stëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Diderich, ech denken, dass Är Froen am Kader vun der Froestellung zum Schluss vun der Seance kënne beäntwert ginn. Oder den Här Muller …

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wollt just eppes soen. Also wat mech elo selwer betrëfft. Ech muss soen, ech sinn och vun der Press ugesprach ginn, no Aussoen, déi hei am Gemengerot waren. An et ass souguer an Aussiicht gestallt ginn, ech hätt hei falsch Aussoe gemaach. Ech wëll Iech eng Kéier ganz kloer soen, dass ech déi hei net gemaach hunn. Well déi Prozedur, déi ass gelaf, déi ass suivéiert ginn, och vun eisem Service écologique. Do war eng Kommodo-Inkommodo-Prozedur. Dat war eng Prozedur, do war alles autoriséiert, alles, bis op dat Lescht.

An hei ass just ee klengen Deel vun enger Dekontaminatioun do ugehaange ginn, fir d'Prozedur ze vereinfachen. Et ass näischt gemaach ginn, bis déi Prozedur, bis déi Autorisatiounen an alles do war.

Dir hat vläicht och gesinn, dass do laang Zäit, zum Beispill Makadamm op der Plaz stockéiert war, well mer deen net konnten do deponéieren, op där Déponie historique. An dat ass ganz kloer. Dat ass net dohigaangen, mee dat ass an d'Ausland gaangen. Do ass gewaart ginn, bis dass mer d'Autorisatiounen haten. Dee Koup, dee louch wéi laang op der Plaz, souguer dass en de Chantier gehënnert huet, bis dass ugefaange ginn ass.

Ech mengen, et muss een awer alles soen. An net, wéi elo haut gemengt gëtt, datt mir mat Schold dru sinn, eis Gemeng: „Dir hutt jo dat alles toleréiert, dass et op déi Deponien do gefouert ginn ass". Also ech wëll dat elo virewechhuelen, dat huet näischt mat der Diskussioun ze dinn, déi elo hannendru kënnt. Ech bezéie mech elo just op dee Projet hei.

Fir mech war dat, sou wéi de Projet verlaf ass, an der Rei. Wann elo, am Nachhinein, dat net esou kloer ass, da kann ech dat nëmme bedaueren – oder mir alleguer. Wann déi Deponie elo vläicht net eng Autorisatioun hat, dat konnt ech dee Moment net gesinn, well d'Autorisatioune ware jo do, vun de Ministèren, de Kommodo-Inkommodo, et war alles do, fir do ze deponéieren. An et sinn och ganz genee Analyse gemaach gi vun deene Materialien. Et ass ganz bekannt, wat do deponéiert ginn ass an esou weider. Mee dat zur Saach, wat deen heite Projet ubelaangt. De Rescht maache mer dann duerno. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wollt just dem Här Ruckert soen: Här Ruckert, Dir kritiséiert all Kéiers, dass eis Leit dorop schaffen. Dat ass eng Hëllef, déi mer dem Staat ginn, fir dass et schnell virugeet. Dat ass éischtens an eisem Interêt an och vun all eise Kanner. Zweetens wësst Der jo awer och, dass mer déi Aarbechten, déi eis Leit an deem Kader maachen, dass mer dem Staat déi facturéieren. Dat heescht, mir kréien déi sous forme vun Honorairen erëm, wa mir Leit zur Verfügung stellen.

An déi zweet Logik, déi ech och net verstinn, dass Der dauernd sot, Dir géift dat net ënnerstëtzen, well net all Déifferdenger Kand hei kéint an d'Schoul goen. Mee an den Escher Lycée geet och vläicht net all Escher an d'Schoul. Do misst een awer e bëssen d'Grenzen oprechterhalen. Well et deet awer och gutt, wann e klenge Mix do ass. An ech hat beim Direkter nogefrot, iwwer 50 % vun de Schüler kommen aus Déifferdeng. Wat jo awer elo net negligeabel ass.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, all Mënsch, deen hei am Gemengerot ass, weess, dass et an der Vergaangenheet drëm gaangen ass, en ëffentleche klasseschen oder technesche Lycée hei zu Déifferdeng ze bauen, fir déi Kanner, déi hei an der Gemeng wunnen. Dat ass bis haut net geschitt.

An hei gëtt elo eng Schoul gebaut, se heescht jo net fir näischt net einfach e Lycée, mee et ass eng international Schoul, anerer soen, et ass eng Europaschoul, déi gebaut gëtt, fir dass d'Kanner vu Spezialisten, déi am Ausland ugeheuert ginn, och hei kënnen an d'Schoul goen. Dofir ass dat. Et ass also e bëssen en elitäre Projet, wou vill Kanner vun Déifferdeng, déi wéilten dohinnergoen, an dee Lycée, iwwerhaapt net ugeholl ginn.

ENG STËMM:

Dat ass net wouer.

ALI RUCKERT (KPL):

Dorëms geet et bei där Saach. An dat ass net normal.

(Ënnerbriechung)

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Schwachtgen, wannechgelift.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt Stellung huelen zu deem Kontaminatiounsproblem, wat den Här Muller ugeschwat huet. Ech kann dat esou bestätegen, well mer déi Zäit e ganze Koup Saachen an där Richtung gemaach hunn, déi effektiv op déi Decharge do uewe komm sinn, déi mer awer am geneeste sollten analyséieren. An ech mengen, dee Prozess leeft.

Herno, wann héchstwarscheinlech Froe gestallt ginn, ass jo keen ëffentlechen Debat, wou all Conseiller sech do belaangt, well ech weess, dass bei Froen eng Äntwert vum Schäfferot kënnt an dann ass et fäerdeg. Ausser mer maachen haut e groussen Debat iwwert dee Crassier do uewen. An ech mengen, et ass de Moment nach net den Zäitpunkt, deen ze maachen, bis dass mer all Informatiounen hunn, souwuel vum Bedreiwer wéi och vum Staat.

A wann eise Schäfferot, a mir alleguerten an ech a mengem Rôle och als President vun enger Ëmweltkommissioun, déi Informatiounen hunn, kënne mer en ëffentlechen Debat maachen, mat jiddwerengem heibannen an och mat jiddwer Bierger dobaussen. Da kënne mer och en connaissance de cause schwätzen.

An ech géif och an deem Sënn soen, dass mer als Déifferdenger Gemeng, wärend de leschte fënnef, sechs Joren an engem Comité de suivi waren, wou all Elementer vun ArcelorMittal analyséiert gi sinn zu Esch um Belval am

De toute façon, des analyses ont été effectuées et ce qui a été déposé est clair en ce qui concerne ce projet.

TOM ULVELING (CSV) *constate que monsieur Ruckert critique systématiquement l'aide que la commune apporte à l'État. Mais que ces projets soient réalisés rapidement est de l'intérêt des enfants. En plus, la commune facture des honoraires à l'État.*
Monsieur Ruckert critique aussi le fait que l'école en question n'accueille pas que des enfants de Differdange. Mais la même chose est vraie pour le lycée d'Esch. Un peu de mixité ne fait pas de mal. Tom Ulveling s'est renseigné auprès du directeur et plus de 50 % des élèves sont differdangeois.

ALI RUCKERT (KPL) *rétorque qu'il a toujours été question de construire un lycée classique ou technique public à Differdange, et ce, pour les enfants vivant dans la commune. Or cela n'a jamais été fait.*
Et voilà que l'on ouvre une école internationale. D'autres parleraient d'école européenne. Cette école se destine aux enfants de spécialistes étrangers recrutés au Luxembourg. Il s'agit donc d'une école quelque peu élitiste n'acceptant pas tous les Differdangeois voulant la fréquenter.
(Interruption)
Ali Ruckert maintient qu'il ne trouve pas ce mode de fonctionnement normal.
(Interruption)

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) *souhaite revenir sur le problème de la contamination.*
Il confirme qu'à l'époque, d'importants volumes ont été déposés dans la décharge en question. Il s'agit désormais d'analyser en détail ce que c'était. Ce processus est en cours.
Frenz Schwachtgen signale ensuite qu'aucun débat public où les conseillers communaux peuvent prendre la parole n'est prévu à la fin de cette séance. Il s'agira d'un simple question-réponse. De toute façon, il est trop tôt pour un tel débat, car les informations ne sont pas encore toutes disponibles. Lorsque le collège échevinal et la commission de l'environnement les

auront, on pourra organiser un tel débat — en connaissance de cause — avec les conseillers communaux, mais aussi les citoyens.
Au cours des cinq ou six dernières années, la Ville de Differdange a fait partie d'un comité de suivi avec tous les partenaires : le ministère de l'Économie, le ministère de l'Environnement, le Mouvement écologique, l'Administration de la gestion des eaux, deux communes, un expert, six ingénieurs d'ArcelorMittal… Le suivi ne portait pas uniquement sur le crassier, mais sur toutes les formes de pollution — et notamment l'air et l'eau. Les différents partenaires ont également discuté de l'incendie de Kronospan.
Pour ce qui est du crassier, la Ville de Differdange a toujours exigé la transparence la plus complète. Monsieur Muller peut témoigner du fait que la commune a agi dans le plus strict respect des autorisations et des règles. Pour le reste, c'est au gouvernement de répondre. Tout à l'heure, lors de la séance de questions au collège échevinal, celui-ci devra répondre en fonction de ses connaissances d'aujourd'hui. Mais Frenz Schwachtgen ne pense pas qu'un débat complet puisse avoir lieu aujourd'hui.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passe au PAP Mathendahl et cède la parole à monsieur Liesch.*

FRANÇOIS MEISCH (DP) *signale qu'il a reçu un deuxième décompte concernant la maison relais d'Oberkorn.*

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) *répond qu'il s'agit du décompte du mois de février.*

FRANÇOIS MEISCH (DP) *l'a reçu hier.*
(Interruption)

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *passe au PAP Mathendahl. Ce projet a progressé au fur et à mesure. Le collège échevinal a reçu plusieurs propositions de modification.*
Dans un des lots, il est notamment question de briser partiellement les rangées de maisons et de rendre les façades plus dynamiques en y ajou-

MDDI. Mat alle Partner, dat heescht mam Ministère de l'Économie, mam Ëmweltministère, mat der Gestion de l'eau, mat dem Mouvement écologique, mat den zwou Gemengen, wou mer zu e puer Leit vertruede waren. A wou mir als eenzeg Gemeng e Fachmann, den Dokter Jacques Mersch ëmmer derbäihaten, fir mat alle cheemesche Wäerter an deene Punkte standfest ze sinn. Mat enger hallwer Dosen Ingenieure vun ArcelorMittal, déi dat als Ëmweltproblematiken am Wëssen haten.

Soss hätte mir als Gemenge jo guer net do kéinte matschwätzen. An déi Resultater, dee ganze Suivi ass gemaach ginn, net nëmmen um Niveau vum Crassier, mee och vun allen anere Pollutiounen, wat d'Loft ubelaangt, wat d'Waasser ubelaangt. Et ass och iwwert de Kronospan-Brand geschwat ginn an esou virun. Wou all d'Partner ëmmer um Dësch souzen, periodesch, net all Woch, mee wou déi do Elementer op den Dësch komm sinn.

An déi Elementer wäerten och afléissen an dee ganzen Debat iwwert dee Crassier. Wou ech betounen, wou mir als Gemeng ëmmer gefuerdert hunn, dass komplett Transparenz do misst erakommen. Wou och déi hei Stoffer an der Zeitung stoungen, dass déi dorobber komm sinn. Jo, dat stëmmt. An den Här Muller bezeit eis hei, dass dat no alle Reegele vun den Autorisatiounen, aus der Vue vun der Gemeng Déifferdeng geschitt ass.

An ech mengen, ech kann dat och zimmlech matbehaapten. Ob do uewen elo d'Autorisatiounen op där Plaz oder op där Plaz all an der Rei waren, dat muss de Staat eis soen. Ech mengen, dofir féiere mer jo déi Diskussiounen. An dofir, wann herno d'Fro-an-Äntwert-Spill ass, ass dat jo um Schäfferot, a sengem Wësse vun haut, dat dann ze beäntwerten. An ech denken, dass mer herno kee groussen Debat opmaachen iwwert d'Deponien, mee dass Froe gestallt ginn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Da géife mer elo zur Ofstëmmung kommen.

Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 1 voix non d'approuver le décompte des travaux de construction du lycée provisoire de l'École internationale à Differdange.

Am Punkt dräi geet et ëm de PAP am Mathendahl. Ech géif dem Här Liesch d'Wuert ginn.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Gëschter war nach en zweeten Dekont erakomm, Maison relais Uewerkuer.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Dee maache mer am Februar.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Da komme mer op de PAP Mathendahl. Dee Projet hate mer schonn e puermol hei. Au fur et à mesure si mer weiderkomm am Projet. Natierlech koume se bei eis mat där enger oder anerer neier Iddi, ze kucken, ob mer mat op de Wee ginn. Hei hu mer eng kleng Modifikatioun an engem Lous, wou se proposéieren, déi Haiser, déi do an enger Rei stinn, déi ganz Rei e bëssen ze briechen. E bësse méi dynamesch Fassaden eranzebréngen, mat sougenannte Lächer oder Saachen, déi erausstinn un der Fassad, wat méi e flott Spill gëtt, wann een an déi Strooss erakënnt.

Fir dat ze realiséieren, a fir awer trotzdeem am selwechte Volume kënnen ze bauen, dat ass wichteg, de Volume bleift d'selwecht, e gëtt net méi kleng oder méi grouss, misste mer eng Änneerung um PAP maachen. Am Moment ass erlaabt, zwee Stäck plus een en retrait. Dass mer do ganzer dräi Stäck am komplette géifen erlaben. Soudass een dee Volumen, deen een an de Fassaden deelweis verléiert, duerch déi Dynamik um drëtte Stack erëm ka rattrapéieren, wann et noutwendeg ass.

Mir ginn hei just de Gabarit vir. Si hunn an hirem Dossier eng kleng Skizz gemaach, wéi dat kéint ausgesinn. Dat ass déi Modifikatioun vun de Gabariten.

Et ass eng Erreur matérielle dran an de Lousen A5 bis A11, wou verschidden Héichten um Plang an an der Partie écrite vertosch goufen.

An dann ass nach eng Modifikatioun an der Partie écrite. Wou mer och probéieren, de Leit e bëssen entgéintzekommen, andeem mer am PAP net virschreiwen, wéi vill Kummere se mussen hunn, mee dass mer soen, wéi grouss déi Raim musse sinn. Da kann deen, deen herno dat Haus keeft, soen, ech hätt gär meng Kummer méi grouss oder méi kleng an ech hätt gär dofir meng Stuff méi grouss.

Deen, deen d'Haus keeft, huet also méi Flexibilitéit, mam Promoteur ze kucken, wéi e säin Haus bannendran opdeelt, wéi wa mir elo fest virschreiwen, et mussen onbedéngt dräi Kummere sinn. Wann elo eng Famill kënnt, déi seet, mir brauchen awer nëmmen zwou Kummeren, mir géifen déi just gär e bësse méi grouss maachen, da wär dat am Moment net méiglech.

An ech mengen, dat ass eng flott Approche. Wou mer eis vläicht an zukünftege PAPe sollten iwwerleeën, ob mer an déi dote Richtung ginn an net fest Zëmmere virschreiwen, mee einfach d'Surface. Dorëms geet et eis jo. Dass mer net wëllen, dass kleng Saachen entstinn. Mee dass gréisser Raim entstinn. Dat ass eng Ännerung, déi ech ganz interessant fannen.

Dat ass alles, wat zu dëser Modifikatioun ze soen ass.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech wollt op dem Här Liesch seng Aussoen agoen. Wéi scho gesot ginn ass, handelt et sech hei ëm sougenannte Modifications non-substantielles. Eng Modification partielle vum PAP Mathendahl II, III, IV a V, déi no där neier Procédure allégée Artikel 30bis appreciéiert ginn ass.

Mir kënnen hei nëmmen dem Intérieur, dës Kéier op d'mannst, felicitéieren, wéi schnell déi Prozedur iwwert den Instanzewee gaangen ass. Well esou schnell hate mer nach keen Dossier erëm. An et ass nëmmen ze hoffen, dass dat an Zukunft esou weidergeet. Dat ass jo emol eng gutt Saach vun de Facilitéite vun de Prozeduren.

Zur Modifikatioun selwer. Här Liesch, Dir hutt jo gesot, also ech mengen, do hu mer absolutt näischt dergéint auszesetzen. De Volume, d'Surface brute construite, déi ännert sech net.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Nee.

ERNY MULLER (LSAP):

D'Volumë gi just anescht opgedeelt.

Dat anert, et sinn all Kéiers Eefamilljenhaiser. Dat mécht wierklech Sënn, fir esou eppes emol ze maachen. An och déi zweet, mat den Héichte vun de Gabariten, wann een d'Pläng kuckt, da gesäit een direkt, dass do en Iertum ass. Ech mengen, dat ka jiddweree feststellen. An déi drëtt Saach, do wär ech zwar e bësse méi virsiichteg.

Ech verstinn, dass een hei d'Zëmmerzuel ewechléisst. Mee wann een haut vun engem Appartement schwätzt, da seet een ëmmer, wéi vill Zëmmeren. Dat ass eeben de Sproochgebrauch. Domadder kann ee sech plus ou moins e Bild maachen, wat fir Appartementer, wéi d'Gréisst vun den Appartementer ass. Ech mengen, hei kënne mer jo och gesinn, zum Beispill am Lot V3, wou déi sougenannte Logement sociaux drakommen, do hu mer alt bis véier Schlofzëmmeren. Déi sinn 115 bis 130 m^2.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Jo.

ERNY MULLER (LSAP):

Dat heescht, do sinn der mat véier, dräi, dat geet bis 115 m^2. Bon, ech kann domadder liewen, wann nëmmen d'Surtant des éléments. Pour pouvoir réaliser ces changements, une adaptation du PAP est nécessaire. Georges Liesch signale que le volume ne change pas.
Actuellement, le PAP prévoit des constructions de deux étages et un retrait. Le collège échevinal propose de passer à trois étages. De cette façon, le volume perdu à cause de la modification des façades serait rattrapé par un étage supplémentaire. Le conseil communal dispose d'une esquisse dans le dossier.
Les lots A5 à A11 contiennent une erreur matérielle concernant les hauteurs.
La dernière modification porte sur la partie écrite. Le PAP ne fixera plus le nombre de chambres dans les maisons, mais le volume des pièces. De cette façon, les futurs résidents pourront par exemple décider s'ils préfèrent avoir une grande chambre ou une grande salle à manger. Une famille pourra par exemple opter pour deux chambres plus grandes au lieu de trois.
Georges Liesch trouve qu'à l'avenir, le collège échevinal devrait poursuivre dans cette voie, car elle offre plus de flexibilité.

ERNY MULLER (LSAP) *explique qu'il s'agit de modifications non substantielles du PAP Mathendahl sur la base de la procédure allégée, article 30bis.*
Les socialistes félicitent le ministère de l'Intérieur pour la rapidité avec laquelle cette procédure a été réalisée. C'est une première. Erny Muller espère que cela continuera ainsi. Pour ce qui est des modifications en soi, le LSAP n'y trouve rien à redire. La surface brute construite reste la même.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *confirme que rien ne change.*

ERNY MULLER (LSAP) *constate que seule l'affectation des volumes est adaptée.*
Le projet ne prévoit que des maisons unifamiliales, ce qui est une bonne chose.
L'erreur concernant la hauteur des gabarits est évidente.
Pour ce qui est du nombre de chambres à coucher, Erny Muller se

montrerait plus prudent. Car lorsqu'on achète un appartement, il est toujours question du nombre de chambres à coucher. Cela fait partie du jargon et contribue à définir la taille de l'appartement. Dans le lot V3 comprenant les logements sociaux, les appartements ont jusqu'à quatre chambres à coucher et font entre 115 m² et 130 m².
(Interruption)
Erny Muller dit qu'il peut faire avec à condition que la surface soit définie.
(Interruption)
Erny Muller trouve que le nombre de chambres à coucher donne une indication du nombre de personnes pouvant vivre dans un appartement.

JERRY HARTUNG (CSV) *s'est renseigné auprès des services communaux compétents. Les façades sont améliorées et le volume ne change pas.*
Il juge positive la décision concernant les chambres à coucher. Car en définissant le volume, les familles peuvent opter pour moins de chambres à coucher et plus d'espace de vie.

CHRISTIANE SAEUL (DP) *constate qu'il est question de modifications non substantielles du PAP Mathendahl à Niederkorn. Elles concernent des lots derrière la rue des Écoles et permettent entre autres de corriger une erreur dans la partie graphique. Dans les lots Q1 à 11, le troisième étage n'est plus construit en retrait afin d'élargir les possibilités en matière d'architecture.*
En ce qui concerne les chambres à coucher, on tiendra compte des mètres carrés des appartements. Les acquéreurs pourront décider d'agrandir telle ou telle pièce. C'est une bonne chose.
La cité Mathendahl devrait accueillir quelque 1050 nouveaux résidents. Afin de régler le trafic qui s'ensuivra, il est prévu de régler la circulation par des feux tricolores à la sortie du quartier.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passe à l'aménagement de deux places de stationnement derrière le pont à Niederkorn.*

face drasteet. Mee dat anert ass en Unhaltspunkt fir awer ze gesinn, wéi vill Leit do kënnen dra wunnen. Ech soen Iech Merci. Mir stëmmen dat op jidde Fall.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Dir Dammen, Dir Hären, den Här Liesch an den Här Muller hu schonn alles gesot. Ech war mer dat ukucken. An eis zoustänneg Servicer. Effektiv sinn et wierklech flott Formen, déi do kéinten entstoen. De Gesamt-volumen ännert net. Wat op där enger Säit derbäi géif kommen, muss op enger anerer Säit ewechfalen. Dëst erlaabt vill méi Spillraum, fir flott architektonesch Kreatiounen.

Dat mat der Zëmmerzuel gesi mer positiv. Doduerch, datt d'Gréisst virgeschriwwen ass, kënne jo u sech net méi kleng Kummere kommen, mee just am Géigendeel, manner Kummeren, awer duerfir de Liewensraum méi grouss ginn. Soudatt d'CSV keng Awänn géint dës Modifikatiounen huet. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Zur Modifikatioun vum PAP zu Nidderkuer am Mathendahl. Hei handelt et sech ëm geréngfügeg Ëmännerungen tëschent dem initiale Projet an der Weiderféierung vun den Aarbechte vun zwee Loten, situéiert hannert der Rue des Écoles am Mathendahl, A5 bis A11, eng Verbesserung an der Partie graphique, well sech do geiert ginn ass, an de Q1 bis Q11. Hei gëtt de leschte Stack net méi en retrait gebaut, fir der Architektur méi Spillraum ze ginn.

Zum Sproochgebrauch vun den Zëmmeren. Ersat gëtt d'Surface duerch d'Meterkareeë vum Appartement. Ech fannen dat ganz gutt. Well et géif ee jo scho ganz gären alt emol een Zëmmer méi kleng maachen, dat do Zëmmer méi grouss maachen. Fannen ech eng ganz gutt Iddi. Fanne mir eng ganz gutt Iddi.

Cité Mathendahl ass e grousse Projet. E Plus vun iwwer 1.050 neien Awunner wäerte sou zu Nidderkuer bäikommen. Positiv gesinn, e Plus zur Nofro vu Wunnengen, déi relativ grouss ass.

Fir deem neien Trafic Meeschter ze ginn op der Kräizung Käerjenger Wee/ Péitenger Wee an d'Sortie vum Mathendahl, ass eng komplett nei Installatioun vu Luuchte virgesinn, fir den Trafic ze geréieren. D'Aarbechte sinn amgaang.

Mir stëmmen dës Modifikatioun. An ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, da stëmme mer of.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier au lieudit Mathendahl à Niederkorn présenté par le collège échevinal pour le compte de la société INTEGRA INVESTMENT SA.

Den nächste Punkt 4a ass Actes et conventions, wou mer zwou Parkplaze kréien zu Nidderkuer hannert de Bréck. Eng méi eng grouss, eng méi eng kleng. Plus den Thillebierg. Ech ginn d'Wuert un den Här Liesch, wannechgelift.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Wéi am Budget schonn ugekënnegt, hu mer dann elo hei déi zwee Akten, wou mer mat Arcelor eens gi sinn, fir dat ze kafen. Dat eent ass den historeschen Thillebierg, dee mer kafen, ronn 178 Ar fir zwou Milliounen Euro. Do leie mer

bei 11.200 Euro den Ar. E Präis, dee gerechtfäerdegt ass.

Deen Terrain ass am aktuelle PAG als Ödland, fräi Fläche mat Zweckbauten definéiert. Am neie PAG gëtt et eng REC-3, also ëmmer nach am selwechte Sënn, wou mer déi Sportsinfrastrukture wëllen och halen. Ech mengen, et denkt keen drun, déi flott Infrastruktur do iergendwann eng Kéier ewechzehuelen.

Mir wëllen dat doten also fir zwou Milliounen Euro kafen. Wëssend, dass mer awer an deenen nächste Joren trotzdeem nach vill Sue mussen drastiechen. Zum Beispill fir d'Astandsetzung vun där flotter Tribün, vun de Vestiairen awer och wéinst de statesche Problemer, déi mer do hunn.

Wann een d'Strooss eropgeet, gesäit een, dass déi Träger, wou alles drop läit, net am allerbeschten Zoustand sinn. Dat heescht, do muss jiddefalls an den nächste Joren drop geschafft ginn. Duerfir hate mer probéiert, mat hinnen de Präis e wéineg erofzedrécken, well mer gesot hunn, do kënnt jo awer nach en décke Batz op eis duer, fir dat a Stand ze setzen.

Ech géif deen zweeten dann direkt matmaachen, wann Der averstane sidd. Dat ass zu Nidderkuer an der Rue Pierre Gansen, eng Plaz, déi am Moment jo Arcelor gehéiert, déi mir als Parking benotzen. Déi kréie mer och ze kafen. Dat si ronn 66 Ar. Hei ass de Präis e bëssen en aneren, well et jo matten an der Bebauungszon vun Nidderkuer läit. Hei si mer bei 1,28 Milliounen Euro. Dat sinn dann 19.250 Euro den Ar. Also e bësse méi. Awer nach ëmmer, wéi ech fannen, e ganz gudde Präis, dee mer do hunn.

Mir brauchen deen Terrain. Dir wësst, Richtung CHEM, dee ganzen Areal, do kann ee sech jo villes virstellen, wéi dee sech à court terme, moyen terme an à long terme soll developpéieren. Do hu mir an der éischter Rei d'Méiglechkeet, selwer Acteur ze sinn. Do géif dee Moment de Parking ewechfalen.

Soudass dës Plaz, déi mer hei elo kafen, sech géif ubidden, fir eventuell e Parkhaus ze bauen. Grouss genuch ass den Areal. Wär direkt bei der Gare. Wär direkt am Zentrum vun Nidderkuer. Dat géif zum Beispill déi Surface, déi mer verléieren, an der Nidderkuerer Kéier, beim CHEM, kompenséieren. Duerfir ass et fir eis ganz wichteg, deen Terrain hei matten an Nidderkuer ze kréien.

Dat sinn d'Erklärungen zu deenen zwee Sitten.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Liesch. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci nach eng Kéier fir d'Wuert. Endlech ass et esou wäit, kann ee soen. Mir haten am viregte Schäfferot jo ëfters Diskussiounen, bal all Kéiers, wa mer mat Arcelor zesumme waren, fir déi Terrainen do kënnen ze kréien. An et steet jo nach een aus. Dat ass dee vum Carreau du Thillenberg, hoffe mer, dass dat och nach virugeet.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Jo.

ERNY MULLER (LSAP):

Mee, wat wichteg ass, haaptsächlech zu Nidderkuer, hate mer jo schonn en Arrangement fonnt. An do muss ech de fréiere Verkéiersschäffen ernimmen, de Fred Bertinelli. Hien hat d'Initiativ geholl, fir do e Parking ze maachen. En ideale Parking, gutt geleeën, direkt bei der Eisebunn, bei der Sportshal, déi elo dohikënnt. Och no um Zentrum vun Déifferdeng, fir d'Schoulpersonal an esou weider.

Ech mengen, et ass en ideale Standuert fir e Parking. An do wäert jo och warscheinlech ëmmer e Parking bleiwen. Vläicht e Parkhaus, wéi Der gesot hutt, Här Liesch. Wat och Sënn géif maachen. Well wann een dat géif maachen, dann hätt een e Parking méi an d'Héicht an da kéint een de Rescht benotzen, wéi et jo och hei steet, fir eng Zone d'activité communale, wann et och nëmmen eng kleng ass. Et kéint ee sech virstellen eppes wéi Startuppen oder wat weess ech.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *précise qu'il est question de deux actes avec ArcelorMittal.*
Le premier concerne l'acquisition du Thillenberg. Il s'agit de 178 a pour deux-millions d'euros, c'est-à-dire 11 200 € l'are. Le terrain est classé comme terre inculte dans le PAG actuel et sera reclassé en zone REC 3 dans le nouveau PAG. Les infrastructures sportives seront conservées.
La Ville de Differdange sait qu'elle devra procéder à des investissements dans les années à venir. Par exemple pour remettre en état la tribune et les vestiaires. Les poutrelles sont aussi en mauvais état. Le collège échevinal a essayé de faire baisser le prix d'achat en raison des travaux nécessaires.
Le deuxième acte concerne un terrain dans la rue Pierre-Gansen à Niederkorn appartenant à ArcelorMittal. La Ville de Differdange achète 66 a pour 1,28 million d'euros, c'est-à-dire 19 250 € l'are.
Tout le site en direction du CHEM pourra être développé au cours des années à venir. Cela signifie que les parkings vont disparaitre. C'est pourquoi le terrain acheté à ArcelorMittal pourrait servir de parc de stationnement. Il est grand, situé près de la gare et en plein centre. Il permettra de compenser la surface perdue près du CHEM.

ERNY MULLER (LSAP) *attendait ce moment depuis longtemps. L'ancien collège échevinal a souvent discuté de l'acquisition de ce terrain avec ArcelorMittal. Erny Muller rappelle que la Ville de Differdange négocie aussi l'acquisition du carreau du Thillenberg.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *confirme les propos de monsieur Muller.*

ERNY MULLER (LSAP) *rappelle qu'un accord avait déjà été trouvé concernant Niederkorn. Il tient à signaler l'engagement de monsieur Bertinelli pour l'aménagement d'un parking. Il est bien situé et peut être utilisé par le personnel enseignant. Erny Muller espère que ce parking sera préservé.*
Monsieur Liesch a même mentionné un parc de stationnement. À ce

moment-là, le parking serait construit en hauteur et le reste de la surface pourrait accueillir une zone d'activité communale — pourquoi pas avec des startups. Tout ceci explique que ce terrain est un peu plus cher : 20 000 €.
L'accord est finalisé à travers deux actes, car le terrain appartient en partie à ArcelorMittal Luxembourg et en partie à ArcelorMittal Differdange-Belval.
Monsieur Altmeisch commentera l'acte portant sur le Thillebierg. Erny Muller se réjouit du fait que la commune deviendra propriétaire du stade et de tout le site.
Le LSAP approuvera les deux actes de 1,3 million d'euros et de 2 millions d'euros.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

s'associe à ce qu'a dit monsieur Muller concernant le Thillebierg et le carreau de la mine. Il s'agit d'une des entrées de mine les plus grandes du pays.
L'acquisition permettra à la Ville de Differdange d'intervenir concrètement dans la préservation des entrées de galeries et de les rendre accessibles au public. Les galeries sont dans un mauvais état et il faut agir.
Frenz Schwachtgen propose de trouver une affectation à l'ancien bâtiment administratif du Rollesbierg et du Thillebierg. Il a notamment été question d'une auberge de jeunesse. Il faudra voir ce qui est faisable.
Le site se trouve en pleine nature. Et si ce terrain n'avait pas été protégé en même temps que celui de l'Äppelbësch, il n'aurait pas été possible d'y bloquer la construction de cinq résidences.
Pour le carreau du Thillebierg, cette acquisition est formidable. Le carreau est encore actif, car Arcelor puise de l'eau de la galerie.
(Interruption)
Frenz Schwachtgen suppose qu'il restera en activité jusqu'à ce qu'Arcelor cesse sa production.
Frenz Schwachtgen se dit nostalgique du Thillebierg tout comme doit l'être monsieur Muller. Ils y ont joué au football quand ils étaient jeunes. Mais le site accueillait aussi d'autres activités sportives comme la gymnastique, le

Op jidde Fall ass eng Méiglechkeet do, fir an deem Beräich, nieft dem Parking nach eng aner Activité communale dohinzekréien. Dofir ass deen Terrain jo e bësse méi deier, wéi Der och gesot hutt, eppes Klenges ënner 20.000 Euro.

Et sinn zwee Akten. Deen ee 66,40 Ar. An dann hu mer nach een Ar, deen, wéi ee seet, der „Schmelz" gehéiert, ënner Guillemeten. Duerfir gëtt dee vun enger anerer Gesellschaft verkaaft wéi deen éischten, deen dann ArcelorMittal Lëtzebuerg ass. Den Zweeten ass ArcelorMittal Déifferdeng-Belval.

Zum anere Projet, dem Stade Thillenberg, do begréisse mer dat selbstverständlech och. Dozou géif awer den Här Altmeisch eppes soen. Ech perséinlech si ganz frou doriwwer, well ech jo och eng ganz Partie Joren do verbruecht hunn, dass schlussendlech d'Gemeng Proprietär vun deem, net nëmme vum Stadion, mee vum ganzen Areal gëtt. Mee, wéi gesot, géif den Här Altmeisch nach e Wuert soen. Op jidde Fall mir begréissen déi do Akten. Deen ee fir bal 1,3 Milliounen Euro, deen anere fir zwou Milliounen. A wäerten och déi Akte matdroen a stëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Schwachtgen, wannechgelift.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech si mat. Ech schléisse mech dem Här Muller senge Wierder un. Virun allem, fir d'éischt emol, wat den Thillebierg ubelaangt, als Sportsite. An zweetens och als e Patrimoine Carreau Thillebierg, als Galerie-Entrée an am Fong als Zentral vun de Galerie vum Thillebierg. Wat mat déi gréissten, wann net déi gréissten, am Land waren.

Ech mengen, dat do gëtt eis och emol endlech d'Geleeënheet, fir wierklech aktiv do anzegräifen. Och wat d'Sauvegarde vun deenen ale Galeriesentréeën a souguer Deelstollen do ubelaangt, déi ee vläicht kann zougänglech maachen. Do gëtt et divers Niveaue vu Galerien. Wat déi wéinegst wëssen. Déi, leider, an engem ganz schlechten Zoustand déi lescht Jore waren. Dat kann een elo alles emol upaken.

Wann een dann och kuckt, dat Gebai, wat nach do steet, dat soll och en Zweck kréien. Dat war jo e Bürosgebai, d'Verwaltung am Fong vun de ganze Galerien, Rollesbierg an Thillebierg. Mer hate jo schonn emol Iddien, Jugendherberg an esou virun, e Jugendhotel vläicht. Et muss een emol kucken, wat alles sech do kann erëmfannen.

Dat Ganzt an engem ganz flotte Kader vun Natur. Well wann déi Protektiounen net op d'Natur geluecht gi wier deemools, am Verbund och mat deem Terrain vun der Fondatioun Hëllef fir d'Natur, déi um Wangert läit, am Äppelbësch, déi direkt ugrenzt, da wier deemools net dee Projet verhënnert ginn, deen do fënnef Appartementshaiser op deem Site virgesinn hätt. Gott sei Dank ass et eeben ni derzou komm.

Also fir de Carreau Thillebierg ass dat schonn eng formidabel Saach. Mer wëssen, dass en nach en activité ass, well d'Arcelor zitt nach ëmmer hiert Waasser do aus den Ënnerstäck vun de Galerien eraus. An déi bleift jo nach héchstwarscheinlech en activité, bis dass iergendwann eng Kéier, hoffentlech net, op der Arcelor net méi produzéiert gëtt.

Dann, wann ech kuerz nach dierf iwwert den Thillebierg schwätzen, ech mengen, do kënnt natierlech Nostalgie op, bei mir och, grad esou wéi beim Här Muller. Well mer vill Jugendzäit an och flott Fussballzäiten do verbruecht hunn.

Mee et muss een och drun erënneren, dass dat deemools ee vun den Haaptsitte war vun der Gemeng Déifferdeng. Wou effektiv net nëmme Fussball gespillt ginn ass, mee ënner anerem och vill Turnerei, Turnfestivalle waren, Handball gespillt ginn ass, Tennis gespillt ginn ass, nach bis virun e puer Joren. Et deet mer och leed, dass deen Terrain elo net méi besteet. Et war deen eenzegen hei an der Gemeng, deen nach praktikabel war.

De Site u sech, mengen ech, och erëm als Patrimoine. Mir musse vill Suen, hoffentlech mat vill Hëllef vu Sites et Monuments, an déi Tribün stiechen, déi eenzegaarteg ass hei am Land an iw-

wert d'Grenzen eraus, nom alen englesche Stil. Deemools hunn d'Red Boys jo hiren Numm net fir näischt kritt. Well effektiv Virbild den englesche Fussball war an och de Stil vun der Tribün deem englesche Stil deemools ugepasst war.

De Site Thillebierg als nei Sportstätte ass honnertprozenteg ze erhalen, ze renovéieren. Mir däerfen net vergiessen, dass mer e Partysall, wann ech dat emol salopp ka soen, vläicht brauchen, deen e bësse vun de Leit ewech läit. Do war jo ëmmer dru geduecht ginn, fir do en anstännege Chalet opzeriichten, wou kleng Familljefeieren an esou viru kéinte stattfannen. Ech weess net, ob déi Iddien nach ëmmer aktuell sinn, mee mer kënnen awer dorunner denken, elo endlech.

Zu Nidderkuer ass et héich Zäit ginn, dass mer deen Terrain do kréien, wou dee Parking elo drop ass. Do ass méi dermat unzefänken. A wa mer deen a Gemengebesëtz hunn, ass dat ëmsou besser. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Dir Dammen an Dir Hären aus dem Gemengerot, mir appreciéieren, datt de Parking an der Rue Pierre Gansen elo a Gemengenhand iwwergeet. Grad zu Déifferdeng am Zentrum ass et schwiereg, eng Parkplaz ze fannen. Dat hei gëtt eis d'Méiglechkeet, do eventuell weider auszebauen. An enger gudder Lag.

De geschichtsträchtegen Thillebierg-Stadion kréie mer dann elo fir de Präis vun zwou Milliounen Euro. Den Terrain an d'Infrastrukture si bekanntlech säit Längerem an engem ganz schlechten Zoustand. Scho virun zwanzeg Joren, wou mer nach selwer do d'Fussballschong geschnürt hunn, sinn d'Kakerlaken an de Vestiairë schonn do ronderëm gelaf.

(Gelaachs)

Dee ganze Site an engem gudden Zoustand wär eng Plus-value. Wuelwëssend, datt dat eis eppes Zolittes wäert kaschten.

Zwou Froen: An deenen 178 Ar, do sinn elo géigesätzlech Aussoen hei gemaach ginn. Wat ass do genau mat dran? Fält och deen zweeten Terrain mat dran, respektiv dee soi-disant Parking?

ERNY MULLER (LSAP):

Nee.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

An dann nach: Lafen Diskussioune fir de Site um Carreau Thillebierg, do wou fréier d'Firma Luxhygiène war, fir deen och eventuell an engem abseebaren Zäitraum ze kréien? Do ware jo scho vill Iddien, déi am Raum stoungen a stinn, wat do kéint gemaach ginn an entstoen.

Mir stëmmen op jidde Fall dësen Akt hei mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. D'Madamm Richartz, wannechgelift.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären, genau wéi den Här Liesch begréisse mir dee Kaf vun deenen zwou Parzellen zu Nidderkuer „Am Pesch" an am „Peschgarten". Ech fannen, wann een esou e Park an engem Zentrum vun enger Uertschaft huet, dat ass scho bal Luxus. Duerfir begréisse mir dee Kaf.

Zum Thillebierg ass elo esou vill gesot ginn. Natierlech begréisse mir och dee Kaf. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Richartz. Här Ruckert, wannechgelift.

handball, le tennis… Frenz Schwachtgen regrette d'ailleurs que ce court n'existe plus.
(Interruption de M. Altmeisch)
Frenz Schwachtgen espère que l'Administration des sites et monuments subventionnera la tribune, qui est unique dans le pays.
(Interruption)
Frenz Schwachtgen explique que les « Red Boys » doivent leur nom au football anglais, le modèle de l'époque, et que la tribune a été construite selon le style anglais.
Il faut conserver le Thillebierg comme site sportif. Frenz Schwachtgen rappelle par ailleurs que la commune a besoin d'une salle des fêtes. Il a même été question de construire un chalet comme il faut pour les fêtes de famille.
(Interruption)
Frenz Schwachtgen estime qu'il faut réfléchir à la question.
Il était temps que la commune achète le parking à Niederkorn.

FRANÇOIS MEISCH (DP) *se dit content que le parking de la rue Pierre-Gansen appartienne désormais à la commune. Il est difficile de trouver une place de stationnement dans le centre. Ce parking est bien situé.*
La Ville de Differdange achète le stade de Thillenberg pour deux-millions d'euros. Le terrain et les infrastructures sont en mauvais état. François Meisch se souvient des cafards dans les vestiaires il y a vingt ans.
(Rires)
Ce site remis en état constituerait une plus-value même si cela coutera cher.
François Meisch demande ce qui est inclus dans les 178 a. Qu'en est-il du parking ?

ERNY MULLER (LSAP) *répond que le parking n'en fait pas partie.*

FRANÇOIS MEISCH (DP) *demande où en sont les négociations pour le carreau Thillebierg.*
Le DP approuvera les actes.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG) *salue à son tour l'acquisition des deux parcelles à Niederkorn. Posséder un tel parc dans le centre est un luxe.*

Pour ce qui est du Thillebierg, tout a été dit. Les écologistes soutiennent ces acquisitions.

ALI RUCKERT (KPL) *salue à son tour l'achat des places de stationnement à Niederkorn et du stade du Thillebierg. On pourra y organiser des manifestations sportives une fois qu'il sera restauré.*
Ali Ruckert regrette cependant qu'après tout ce qui s'est passé, ArcelorMittal demande deux-millions d'euros. Car l'Hadir, l'Arbed et ArcelorMittal y ont fait des bénéfices pendant des décennies. En plus, l'industrie de l'acier a racheté ces terrains aux agriculteurs de Differdange pour une bouchée de pain. Et aujourd'hui, elle les revend à la commune pour beaucoup d'argent.
(Interruption)
Ali Ruckert n'oublie pas non plus tout ce que l'usine a fermé à Differdange — notamment l'école professionnelle. Il fallait du culot pour demander de l'argent pour ce terrain.
Tout à l'heure, il a été question du nom des « Red Boys » et Ali Ruckert ne veut pas propager de légendes. Le nom n'a rien à voir avec le football anglais. Les joueurs étaient principalement des mineurs et ils étaient engagés dans le parti socialiste ou dans le parti communiste. Ali Ruckert mentionne le gardien de but. Il rappelle que Xénon Bernard était le président du parti communiste et qu'il a été assassiné par les nazis. C'est la raison pour laquelle l'équipe s'appelait « Red Boys ».
(Interruption)
Ali Ruckert signale par ailleurs que l'AS Differdange a joué pendant des décennies avec une étoile rouge sur le tricot. Il tenait à préciser ces faits.

GUY TEMPELS (CSV) *constate que la commune deviendra propriétaire du stade Thillebierg pour deux-millions d'euros. Construit entre 1921 et 1925 pour 6300 spectateurs, il mérite d'être préservé. Désormais, c'est à la commune de se donner les moyens de le revaloriser. La tribune, les vestiaires et les gradins doivent être remis en état. Il faut réfléchir à la construction d'un nouveau chalet et d'un court de tennis.*

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll hei am Numm vun der Kommunistescher Partei begréissen, dass d'Gemeng elo déi zwee Terrainen, déi Parkplazen zu Nidderkuer an den Thillebierg, de Stadion keeft. Dat ass eng flott Saach, wou ee jo awer an Zukunft ka sportlech Ereegnisser do organiséieren, och wann dat deier gëtt, fir dat ze renovéieren.

Ech bedaueren allerdéngs, dass ArcelorMittal och nach e puer Milliounen Euro fir deen Terrain do freet, no allem, wat zu Déifferdeng passéiert ass. Wou hir Virgänger-Gesellschaft hei zu Déifferdeng, d'Hadir, an d'ARBED an d'ArcelorMittal selwer wärend Joerzéngten hei Profitter gemaach hunn. A wou ee muss drun erënneren, dass déi Terrainen, déi do leien, dass d'Stolindustrie an d'Grouwebesëtzer am Fong de Baueren zu Déifferdeng déi fir en Apel an e Stéck Brout ofgegëtzelt hunn. An dat haut natierlech da fir deier Suen un d'Gemeng weiderverkafen.

Och wann ech drun denken, wat alles an der Tëschenzäit zougemaach ginn ass op der Déifferdenger Schmelz. Och dass se d'Léierbud zougemaach hunn. An dann hu se de Culot, elo nach Suen ze froen, fir eis deen Terrain ze verkafen.

Ech wëll awer och soen, fir dass elo keng Legenden hei opkommen, well hei vum Numm vun de Red Boys geschwat ginn ass zu Déifferdeng, vun deem Fussballveräin, et gëtt eng ganz einfach Erklärung, firwat déi sech Red Boys genannt hunn. Dat huet näischt mam Fussball a Groussbritannien ze dinn. Dat huet an éischter Linn dermat ze dinn, dass an där Ekipp Leit geschafft hunn, wat zum groussen Deel Biergleit waren, déi engagéiert waren entweeder an der Sozialistescher Partei oder an der Kommunistescher Partei.

De Goalkeeper, dat war de Jong vum Roude Schouster vun Déifferdeng. Den Zénon Bernard, de President vun der Kommunistescher Partei, huet an de Red Boys gespillt, deen duerno vun den Nazien ermort ginn ass. Also, dat ass d'Erklärung vun deem Numm, firwat d'Red Boys, d'Rout Jongen, sech esou genannt hunn. Wéi iwwregens och aner Veräiner an eiser Gemeng Déifferdeng, wéi AS-Déifferdeng zum Beispill, déi wärend Joerzéngte mat engem roude Stär um Hiem Fussball gespillt hunn. Ech wollt dat awer hei nach soen, fir dass dat awer och kloer ass.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären, fir zwou Milliounen Euro kënnt elo endlech de Stadion Thillebierg a Gemengenhänn. Tëscht 1921 an 1925 gebaut fir etwa 6.300 Zuschauer, ass dëse Site mat senger eenzegaarteger Tribün onbedéngt erhalenswäert.

Elo läit de Ball bei der Gemeng, fir sech deen néidege Budget ze ginn, fir dëse Site erëm opzewäerten. D'Tribün, d'Vestiairen an d'Gradine mussen onbedéngt a Stand bruecht ginn. Awer iwwer en neie Chalet an den Tennis sollt ee sech och Gedanke maachen.

Zum Terrain zu Nidderkuer ass dat meescht gesot ginn. Dee Parking ass wichteg. Et soll ee sech Gedanke maachen, wat een an Zukunft do kéint maachen. Et ass jo e Parkhaus ugeduecht. Vläicht wär et net schlecht, wann een do géif d'Diffcard aféieren, fir déi Leit, déi dohinner parke ginn, fir d'Bezuelung e bësse méi einfach ze maachen. Merci. Mir stëmme mat Jo.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wäert mech bei deem Vott hei enthalen, well et, in der Tat, op där enger Säit ganz wichteg ass, dass mir déi Terrainen do kafen als Gemeng, dass déi an eise Besëtz kommen. Dat sinn zwee ganz wichteg Terrainen. Den Thillebierg muss onbedéngt renovéiert ginn. Mir hunn do scho Suen drage-

stach als Déifferdenger Gemeng, an dee gehéiert eis nach net.

Ech mengen, mir sollen nach weider do wierklech dru schaffen, fir dee Patrimoine, am Fong dee schéinste Stadion vu Lëtzebuerg, als solchen ze erhalen an erëm opzewäerten. Esou eng Plaz, fir Fussball ze spillen, fënnt een einfach selten. A fir och Fussball kucken ze goen. Awer och déi aner Sportaarten, wéi gesot ginn ass.

Op där anerer Säit, Nidderkuer läit ganz zentral. Direkt bei der Eisebunn. Och direkt am Zentrum vun Nidderkuer. Och dat ass eng ganz wichteg Plaz.

De Problem ass awer – an dat ass jo och scho gesot ginn – dass mer hei einfach mat enger Realitéit konfrontéiert sinn, déi e bëssen d'Absurditéit an d'Perversitéit vu Lëtzebuerg, wann et ëm Grond a Buedem geet, erëmspigelt. Mir hunn hei e Groussgrondbesëtzer, deen a ganz Lëtzebuerg ganz wichteg Terrainen huet. Se ganz schwiereg hiergëtt a wann e se dann hiergëtt, fir déi Präisser, wou mer elo gesinn, obwuel e bei Wäitem net déi Präisser bezuelt huet.

An dann hu mer och nach e Steiersystem, dee mécht, dass en op déi Vente vun deem doten Terrain och elo net onbedéngt immens vill wäert un de Staat erëm mussen ofginn, wann een dat mat anere Länner vergläicht. An dat ass problematesch.

Dat ass problematesch an deem heite konkreete Fall, mee dat ass problematesch fir eis ganz Landesplanung an eise ganze Logement an dësem Land. An dat wëll ech mat mengem Vott op jidde Fall net als Prinzip ënnerstëtzen.

Mir mussen eis déi politesch Instrumenter ginn, dass mer an esou Fäll net ohnmächteg sinn, par rapport zu engem grousse Player wéi ArcelorMittal. An einfach musse kleng bäiginn, souzesoen, well mer soss den Terrain einfach net kréien. An déi Instrumenter hu mer am Moment net. An da bleift eis quasi, am Moment, an deenen aktuelle Verhältnisser, näischt anescht iwwreg. Dofir stëmmen ech och net dogéint. Ech denken, dass mer endlech domadder solle weiderkommen. Dofir wëll ech deem näischt entgéintsetzen.

Mee mir hunn eeben deen, also ech denken, et ass wierklech e prinzipielle Problem, wann en Terrain, aus deem sou vill schonn erausgeholl ginn ass, ekonomesch gesinn, fir e Betrib, dann nach eng Kéier esou vergëllt gëtt.

Deen Terrain zu Nidderkuer ass am Bauperimeter, awer net onbedéngt, fir Logement ze kreéieren. Do kann ee Büroen, Commerce an aner Aktivitéite kreéieren. Ma mir sinn awer elo wierklech bei Präisser, wéi wann een do e grousse Logementsprojet kéint maachen.

Jidderee begréisst, dass mer do e Parking dramaachen. D'Madamm Buergermeeschtesch hat awer och gesot, dass ee sech grondsätzlech d'Fro soll stellen: Wat ass d'Roll vum Auto? An iwwerhaapt vun den eenzele Verkéiersteilnehmer. Am Moment hu mer e Parking do. An et ass net dee Parking, deen hei an der Gemeng am meeschte besat ass, souwäit ech weess. Do fënnt ee relativ grousszügeg ëmmer eng Plaz. Ech sinn net genuch mam Auto ënnerwee, dofir kann ech et elo net soen, mee ech hu mer dat beriichte gelooss.

An da stellt sech d'Fro: Mat wéi engem Zil géife mer do e Parkhaus himaachen? Wär dat, fir do op d'Bunn ëmzeklammen op där Plaz? Wär dat, fir dass d'Léierpersonal sech iergendwann eng Kéier kann enzwousch parken an einfach e fixe Betrag am Joer ka bezuelen, amplaz dee ganze Chichi mat Ticketen ze maachen? Oder zu wéi engem Zweck?

Ech mengen, dat muss gekläert ginn, ier mer hei direkt vu Parkhaus schwätzen, matzen am Zentrum. Well soss zéie mer och erëm Verkéier dohinner un. Déi do Plaz ass méi interessant wéi d'Parkhaus am Parc des Sports. Hei hu mer Duerchgangsverkéier, deen aus Frankräich kënnt. An da kënne mer och op eemol méi Verkéier dohinner kréien, wa mer och nach interessant Parkplazen do ubidden. Wëlle mer dat, fir dass d'Leit awer do ëmklammen oder net?

Ech mengen, déi Froe solle mer wierklech stellen, ier mer blann a Richtung vun engem Parkhaus ginn. An ech wär frou, wa mer eng Kéier kéinten hei anstänneg iwwer Mobilitéit schwätzen. Eis déi néideg Zäit ginn, déi néideg Donnéeë ginn, fir esou Saachen ze be-

Le parking de Niederkorn est important. Il est question d'aménager un parc de stationnement. Les usagers devraient pouvoir utiliser la Diffcard.
Le CSV approuvera les actes.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *va s'abstenir. En effet, d'un côté, il est important que la commune devienne propriétaire de ces terrains.*
Le Thillebierg doit être rénové. La Ville de Differdange a déjà opéré des investissements. Il s'agit du plus beau stade du Luxembourg et il doit être conservé. Il peut accueillir des rencontres de football, mais aussi d'autres activités sportives.
L'autre terrain se trouve à proximité de la gare de Niederkorn et est aussi important.
Cependant, ces acquisitions reflètent l'absurdité et la perversité de certaines situations au Luxembourg. Un propriétaire foncier possède des terrains importants qu'il ne cède que difficilement. Et quand il le fait, c'est à des prix dépassant de loin le prix d'acquisition. En plus, le système d'imposition est tel qu'il ne devra même pas payer de taxes conséquentes.
Pour Gary Diderich, il s'agit d'un problème de planification nationale — notamment en matière de logement. C'est pourquoi il ne veut pas voter oui.
Le Luxembourg doit se donner les moyens de réagir. Or actuellement, de tels instruments n'existent pas. La Ville de Differdange n'a donc pas le choix. Ainsi, Gary Diderich ne votera pas non. Mais le problème de principe subsiste : une entreprise profite économiquement d'un terrain avant de le revendre cher.
Le terrain à Niederkorn peut servir à créer des bureaux, des commerces ou d'autres activités. Tout le monde a salué la construction d'un parking. Mais quel doit être le rôle de la voiture ? En plus, il y a déjà un parking sur ce site, mais apparemment, il n'est pas très utilisé. C'est pourquoi il faut se poser la question de l'utilité d'un parking à cet endroit. Doit-il permettre aux automobilistes de prendre le train ? Est-il destiné aux enseignants qui payeraient une taxe annuelle au lieu de devoir prendre des tickets en

permanence ? Avant de parler d'un parking en plein centre, il faut réfléchir à ces questions.
Gary Diderich rappelle que ce site attire le trafic de transit avec la France. Un parc de stationnement ne ferait qu'augmenter le nombre de voitures. Est-ce ce que le conseil communal veut ?
Gary Diderich trouve que le conseil communal doit aborder la question de la mobilité et se donner le temps de prendre les bonnes décisions.

FRED BERTINELLI (LSAP) *se réjouit particulièrement de l'acquisition du terrain du Thillebierg. Quand il était échevin au sport, il intervenait chaque mois auprès de la FLF pour obtenir l'autorisation de jouer dans ce stade. Comme la commune n'était pas propriétaire, il n'a pas pu investir autant qu'il l'aurait voulu. Mais les mesures les plus nécessaires ont été prises pour permettre aux différentes équipes de jouer sur ce terrain.*
Fred Bertinelli rappelle par ailleurs que le toit, qui s'était écroulé, a été rénové.
Le monument, dont la plaque a disparu, a été restauré. Vingt-mille personnes ont assisté à son inauguration par la grande-duchesse Charlotte après la guerre. Il s'agit du monument aux morts le plus important de la commune avec celui de Niederkorn. Les pierres ont été réparées. Mais Fred Bertinelli n'a pas bien compris où en est le reste des travaux. Monsieur Ulveling devrait trouver une solution pour la plaque. Il pourrait notamment dresser un état des lieux avec les Amis de l'histoire. Ce serait important pour les archives de Differdange, mais aussi pour savoir ce qui est arrivé à l'époque. Car avec la disparition de la plaque, on risque aussi de perdre les informations.
Quand ils faisaient partie de la majorité, les socialistes se sont engagés pour davantage de parkings de quartier. Fred Bertinelli ne partage donc pas du tout l'avis de monsieur Diderich concernant Niederkorn. Si, comme l'a dit monsieur Liesch, le parking de l'hôpital devait fermer, il ne comprend pas où monsieur Diderich voudrait mettre les voitures. Il pense notamment aux

schwätzen, ier mer a Richtung vu grousse Projete ginn an APSe maachen an esou weider. Dat géif mech jiddefalls bei deem Punkt hei freeën. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir Dammen an Dir Häre, Dir kënnt Iech jo virstellen, datt ech extreem frou sinn, datt mer deen Terrain um Thillebierg kafen. Wéi Der wësst, hunn ech schonn als Schäffe relativ laang do gewurschtelt, fir datt mer vu Mount zu Mount iwwerhaapt d'Autorisatioun vun der FLF kritt hunn, datt mer do weider konnte Fussball spillen.

Et war eisen Terrain net, duerfir konnt een och net esou investéieren, wéi ee wollt. Mee et huet een nach wierklech déi bluttnéideg Moossname mussen huelen, fir deene ganz villen Ekippen, déi do uewen op deem Terrain nach Fussball spillen, et ze erlaben, do kënnen ze spillen.

Wourop ech nach wëll opmierksam maachen, mir hate Saachen, wéi den Daach, deen agefall war, renovéiert. An och eppes, wat historesch extreem wichteg war, wou keen esou direkt drun denkt, an ech elo wéini nach gekuckt hunn, awer net weess, wou dat drun ass, dat ass dee Monument aux morts, deen do steet, dee mer restauréiert hunn. Wou kee richteg weess, wou d'Plack drun ass, déi do war.

Ech wëll drun erënneren, wou deen ageweit ginn ass, ware bal 20.000 Leit op deem Terrain. Deen ass vun der Grande-Duchesse Charlotte ageweit ginn nom Krich. Dat war e ganz, ganz wichtegen. Dat war mat ee vun de wichtegste Monument-aux-mortsen, mat Nidderkuer, déi hei an der Gemeng waren.

Do sollt ee kucken, fir historesch dat awer erëm hierzestellen, sou, wéi dat war. Déi Steng, déi si gefléckt ginn. Dat konnt ech nach maachen. Mee wou de Rescht drun ass, dat froen ech dann ëmmer erëm, mee kréien net esou richteg eng Äntwert dorobber, wou dat drun ass. Mee dat sollt een awer, Här Ulveling, nokucken, wou déi Plack drun ass.

Eventuell och eng Kéier mat den Amis de l'histoire kucken, fir eng Bestandsopnam, wéini dat ageweit ginn ass a firwat dat gemaach ginn ass. Dat wier och wichteg fir d'Stad Déifferdeng, fir dat ze archivéieren a fir ze kucken, wat déi Zäit do geschitt ass. Well ech mengen, do war e groussen Ulaf deemools. An dat sollt een net einfach esou … Herno ass déi Plack fort an da weess een net, wou se drun ass.

Parking Nidderkuer, déi Plaz, déi mer kaf hunn, si mer natierlech immens frou. Dat war am Kader, wou d'LSAP mat am Schäfferot war, déi regional Parkingen an eise Quartiersparkinge geduecht hat. An dat hate mer och fir Nidderkuer geduecht.

Ech sinn hei iwwerhaapt net der Meenung vum Här Diderich. Ech mengen, den Här Liesch huet gesot, wann dee Parking beim Spidol sollt zougemaach ginn, wann do sollt eppes gebaut ginn, ech weess dann net, wou den Här Diderich dann déi Autoe wëllt hiféieren. Och déi Leit, déi an d'Spidol ginn, déi op d'Gare ginn, wann dee grousse Parking beim Spidol fortkënnt. Ech gesinn dat net esou richteg an.

Et kann een zwar alles mam Vëlo maachen. Mee et muss een deene Leit, déi ëmmer e bësse méi an den Eck mat engem Auto gestallt ginn, awer d'Méiglechkeet ginn, fir nach iergendwou mam Auto kënnen ze parken. Duerfir war och deemools dee Parking do gelount ginn an och mat enger Aussiicht, deen eng Kéier kënnen ze kafen. An deen ass an deem Eck do ideal geleeën. En ass och esou verstoppt, datt e wierklech an d'Bild vun Nidderkuer géif passen.

Duerfir verstinn ech och iergendwéi net, wou dat hierkënnt. Mee et si ganz, ganz wichteg Terrainen, déi mer do kafen, déi zwee, déi mer kaf hunn. An et ass formidabel, datt mer no dräi neien Direkteren an den Domäne vun der Arcelor, et eis elo endlech da gelongen ass, dat ze kréien. Ech weess, datt mer do laang, laang hannendru waren. An dat

kann eiser Stad nëmme gutt doen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Häre, et ass vill zum Thillebierg gesot ginn. Vill Positives. Ech stinn och honnertprozenteg hannert deene Wierder. Wëll awer zwou Saachen nach bemierken. Vun Ufank u mussen d'Veräinsleit, déi de Site iwwer Jore benotzen, hir Meenung an hir Erfarung mat an déi Planung kënnen abréngen als Garant zu enger optimaler Ausnotzung.

Dat anert, wat mer opgefall ass, wéi ech den Akt vum Nottär gelies hunn, do steet ganz kloer dran, dass no der Ënnerschrëft deen neie Proprietär zoustänneg ass fir d'Waasserzoufuer a fir d'Elektresch. Et muss ee wëssen, dass haut d'Elektresch bei der Entrée vun der aler Minière Thillebierg ofgezweigt gëtt. Also nach um Reseau vun der Arcelor hänkt. Soudass mer wëssen, dass soubal mer ënnerschreiwen, mer eis mussen drëm këmmeren, als Gemeng, dass de Site weider versuergt bleift mat Elektresch a Waasser. Fir dass mer dee kënne viru benotzen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Ganz kuerz, eng Erklärung. Also, et ass net als Kritik ze verstoen. Mir hunn haut gesinn, dass Divergenze waren iwwert d'Limitatioun vun den Arealer. Dat heescht, mir hate kee Kadasterplang oder Extrait aus dem Kadasterplang dobäileie bei den Akten. Dat wär wichteg fir d'Zukunft, dass mer dat ëmmer hunn. Da gesi mer och ganz genee, dass do zum Beispill de Carreau du Thillebierg net dobäi ass, mee just en Deel vum Terrain selwer. D'selwecht och mat Nidderkuer. Dat ass déi eng Saach.

Zweetens stoung dran, dass eng Analys gemaach ginn ass vum Areal, vum Terrain, iwwer Enviro Services. Wou alles erkläert gëtt, wat do eventuell vu Materialien ass, déi missten eng Kéier entsuergt ginn, oder wat weess ech. Och dat wär interessant, wann een dat hätt. Et soll keng Kritik sinn, mee einfach nëmme fir d'Zukunft, dass mer dat dann hätten. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Schwachtgen, wannechgelift.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech muss mech am Fong selwer berichtegen. Mer hunn iwwer Thillebierg geschwat. Effektiv, fir mech ass Thillebierg de Carreau Thillebierg an de Fussballterrain. An ech hu mech elo hei musse berichtege loosse vu mengem Schäffen, dass ech effektiv do virgeprescht sinn, well ech hoffen, dass de Carreau Thillebierg an deem nächsten Akt dann hei um Dësch ass.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir Dammen, Dir Häre, ech si frou, dass Der all sou begeeschtert sidd hei iwwert den Thillebierg. Ech hoffen, dass déi Begeeschterung unhält, wann ech déi éischt Devisen hei virleeën.

(Gelaachs)

Well ech war mat Sites et Monuments op der Plaz. An dat gëtt e ganz schwieregen Dossier. Éischtens well e geschützt ass an zweetens, wa si mat am Boot sinn, da musse mer all Schrëtt mat hinnen ofstëmmen an all Schrëtt erëm geneemege loossen. All Devis eenzel, *personnes allant à l'hôpital ou à la gare. Alors, oui, on peut tout faire à vélo. Mais il faut aussi penser à ceux qui se déplacent en voiture. C'est la raison pour laquelle la commune a loué un parking sur ce site et qu'elle espérait pouvoir l'acheter un jour. L'endroit est idéal.*
Les deux terrains que la Ville de Differdange achète sont importants. Qu'après des négociations avec trois directeurs d'Arcelor la commune ait enfin réussi est formidable. C'est une bonne chose pour la ville.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *soutient tout ce qui a été dit au sujet du Thillebierg. Il souhaite cependant que les associations, qui utilisent ce site depuis des années, puissent donner leur avis dès le départ.*
Par ailleurs, d'après l'acte, le nouveau propriétaire sera responsable du raccordement à l'eau et à l'électricité après la signature. Or actuellement, l'électricité provient de l'entrée de l'ancienne mine du Thillebierg et dépend donc d'Arcelor. Après la signature, la commune devra donc veiller à ce que le site soit approvisionné.
(Interruption)

ERNY MULLER (LSAP) *ne souhaite pas critiquer le projet, mais constate des divergences concernant les limites du site. Les conseillers communaux ne disposent pas d'un extrait du cadastre. À l'avenir, il faudrait que le collège échevinal y pense.*
Cela permettrait par exemple de voir que le carreau du Thillebierg ne fait pas partie du terrain acquis. La même remarque vaut aussi pour Niederkorn.
Il est également prévu d'effectuer une analyse du terrain pour savoir s'il faut procéder à un assainissement. Un document à ce sujet aurait aussi été utile.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) *tient à corriger ce qu'il a dit tout à l'heure. Pour lui, le Thillebierg se compose du carreau de la mine et du terrain de football. Mais il est allé trop vite en besogne. Il espère cependant que le prochain acte concernera le carreau.*

TOM ULVELING (CSV) *est content de l'enthousiasme du conseil communal concernant le Thillebierg. Il espère que cet enthousiasme durera même lorsque les devis seront présentés.*
(Rires)
Tom Ulveling s'est rendu sur place avec l'Administration des sites et monuments, car le terrain est protégé et que l'Administration devra approuver les travaux, qu'elle subventionnera ensuite.
Pour le moment, l'Administration des sites et monuments ne voit qu'une solution: démonter la tribune et la refaire. Il faudra assainir le béton sous la tribune, où se trouvent les gradins.
Ensuite, il faudrait aussi construire de nouveaux vestiaires.
Monsieur Schwachtgen a, quant à lui, mentionné le plateau, où se trouvait le court de tennis. Actuellement, il ressemble à un désert. Il faudrait y aménager une structure pouvant être utilisée par des particuliers. Tom Ulveling pense notamment à une hutte. Mais quelle que soit la solution retenue, il faudra en discuter avec l'Administration des sites et monuments. La commune devra se montrer patiente. Les travaux couteront cher.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *revient sur la question de monsieur Meisch concernant le carreau du Thillebierg. Les négociations continuent. Arcelor est disposé à vendre le terrain, mais ils doivent encore fixer le prix.*
Ensuite, le collège échevinal, qui s'intéresse au terrain, devra l'accepter.
Georges Liesch n'est certainement pas un fervent défenseur d'Arcelor Mittal. Mais il tient à clarifier la situation.
Certes, ils ont utilisé les terrains et ont réalisé une plus-value en les revendant. Mais ils ont par exemple mis le Thillebierg à disposition de la commune et ils ont payé l'électricité pendant vingt ans. La Ville de Differdange n'a pas versé un franc. Elle n'a pas non plus payé de loyer alors qu'elle aussi a profité du terrain. En outre, la commune s'était engagée par écrit à assurer la maintenance du stade et du terrain, ce qu'elle n'a jamais fait. Aucun wou si subventionéieren an eenzel och nach vun hinne geneemegt ginn. Also dat gëtt sportlech.

Mee ech mengen, wat bis elo ugeduecht ass, wat si eis och gesot hunn, dass si géife mengen, déi eenzeg Léisung wär, dass een déi ganz Tribün ofdréit an erëm frësch mécht. An da muss een dee ganze Bëtong sanéieren, wou elo d'Tribün ass, also wou elo d'Gradine sinn, ënnert der Tribün. An da kann een dat erëm opriichten. Dat ass dat eent.

An dat anert, wou mer an der Planung amgaang sinn iwwerschlossméisseg ze kucken, dat ass, dass ee géif en neie Vestiairestrakt bauen. Och wat den Här Schwachtgen gesot huet, dass mer ugeduecht hunn, fir op deem Plateau, wou fréier den Tennisterrain war, wou et ausgesäit wéi an enger Wüst, eppes hinzebauen, wat duerno kéint vu Privatleit benotzt ginn, fir Fester oder esou ze feieren.

A wat fir enger Form mer dat maachen, ass nach net kloer. Ech hat un eng Blockhütt oder eppes Änleches geduecht. Mee dat musse mer natierlech alles nach, wéi gesot, well de Site geschützt ass, mat Sites et Monuments ofschwätzen. A mir mussen hiren Accord kréien. Dat wäert also en Dossier sinn, deen nach e bësse wäert schleefen, ier en zréck heihinner kënnt. Mee ech kann Iech elo scho soen, dass et relativ deier gëtt, dat, wat mer do musse maachen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Liesch, wannechgelift.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech probéieren, op d'Froen ze äntweren. Den Här Meisch hat gefrot, ob d'Diskussioune weiderginn um Carreau Thillebierg. Jo, en parallèle, mee si waren nach net prett. Déi hunn do nach verschidden Analyse wollte maachen, ier se eis wollten e Präis nennen. Mee Arcelor ass elo bereet, deen Terrain hierzeginn. Et ass nach eng Fro vu Präis. Ob mir deen dann akzeptéieren. Op jidde Fall si mer um Terrain interesséiert. Dat heescht, do lafen Diskussiounen, fir de Carreau matzekafen. Da wollt ech nach soen zu den Terrainen.

Ech sinn net bekannt dofir, dass ech e grousse Verdeedeger si vun ArcelorMittal. Mee ech muss awer vläicht hei e puer Saache richtegstellen. Et kann een natierlech soen, si hunn déi Terraine benotzt a si hunn do eng Plus-value gemaach a si verkafen eis déi Terrainen. Ech sinn do net grad ganz averstanen, muss ech soen.

Déi Terrainen, zum Beispill den Thillebierg, hu se eis zur Verfügung gestallt. Si hunn d'Elektresch bezuelt wärend deene leschten zwanzeg Joer, well, wéi den Här Altmeisch gesot huet, dat leeft alles iwwer si. Mir hunn do ni e Frang bezuelt. Weeder Locatioun nach Energie nach Waasser nach soss eppes. Gutt, dat hätte se och net misse maachen. Si hätten eis och den Terraine kéinte verloune mat engem Loyer. Hu se net gemaach. Do wëll ech soen, dass mer och vun deem Terrain profitéiert hunn.

En plus gëtt et e Schrëftstéck vu virun zwanzeg Joren, wou kloer drasteet, dass mir de Stade Thillebierg zur Verfügung kréien, mee mir awer missten d'Instandhaltungskäschte vum Stadion an och vun deem ënnendrënner maachen. Wat ni gemaach ginn ass. Dat heescht, an deenen zwanzeg Joren hat kee Gemengerot doranner investéiert gehat, oder massiv dran investéiert. Soudass mer eigentlech e bësse selwer schold sinn un deem delabréierten Zoustand. Well d'Arcelor huet kloer an engem Akt eis dat konnte virweisen.

Zu Nidderkuer ass et esou, den Här Bertinelli huet déi Diskussioun gefouert iwwert de Parking. Mir hunn dee kritt. Mir hunn dee Parking konnte bedreiwe wärend e puer Joren. Ech weess et net méi genau, mee dräi, véier Joren hu mer en awer schonn. Mir hunn do Parkinggebühren abezuelt. An d'Arcelor gëtt eis den Terrain fir näischt.

Do wëll ech e bësse relativéieren. Ech sinn trotzdeem bei der Kritik dobäi, dass mer zu Lëtzebuerg e Problem hu mat Groussgrondbesëtzer, déi Terrainen hunn, déi déi eng Kéier ganz bëlleg fir en Apel an e Stéck Brout kaf hunn an elo um Marché kënnen deier verkafen.

Do gehéiert fir mech net nëmmen Arcelor dohinner, mee do, ech soen emol a

klengen Dierfer ronderëm, sinn et dann éischter d'Bauerebetriber, déi dovunner profitéieren. Also, wann een iwwert d'Land kuckt, muss een, mengen ech, iwwerall deen dote Problem och kucken an net nëmmen een uspéngelen. An net nëmmen ee spezifesch, mee se alleguerte kucken. Ech wëll dat e bësse relativéieren, ouni elo wéi gesot awer hei Avocat vun Arcelor ze spillen.

Zum Parking sinn ech och bei Iech, Här Diderich. Dir hutt gesot, mir wëllen elo e Parkhaus maachen, schéisse mer eis do net an de Knéi, dass mer dann nach méi Autostrafic unzéien, wéi mer eigentlech wëllen? Et ass genau dat, wat mer net wëllen.

Et geet, wéi ech scho gesot hunn, éischter drëm, dee Parking, dee mer verléiere beim CHEM ze kompenséieren. Well mer eis do vläicht Logement virstellen, an deem flotten Eck kéint ee sech jo villes virstellen, vläicht Logement, amplaz do bleche Këschte stoen ze hunn. Da muss een, mengen ech, awer eng Alternativ bidden. An dat kéint dann esou e Parkhaus sinn.

Et geet also net drëm, do e Parkhaus ze bauen, dee mer als Park-and-ride géife bedéngen. Ech mengen, dass déi Gare awer nach ëmmer de Bemoll huet, wéi beim Aquasud och, dass do nëmmen all zweeten Zuch stoebleift. Dat heescht, esou attraktiv ass en dann awer net.

A mer wäerte méi spéit nach haut déi nei Buslinnen an RGTR-Linne virstellen. Wou mer gesinn, dass mer immens villes zu Déifferdeng bäikréien. Soudass mer dat och net onbedéngt brauchen. Do sinn ech ganz bei Iech. Mir sollten eis net méi Autostrafic zillen, wéi mer ës hunn. Mir kënnen awer – an do sinn ech dann och beim Här Bertinelli – dat, wat elo am Moment do ass, net einfach e puer Honnert Parkplazen eliminéieren. Ech mengen, dat wär och ze vill hefteg.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Just eng Prezisioun nach. Beim Thillebierg ass dann de Parking an den zweeten Terrain net derbäi? Hunn ech dat richteg verstanen?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Jo, dat ass richteg. Also et ass wierklech nëmmen, wann een eropgeet – ech ginn och dem Här Muller Recht, mir sollten e Plang dobäileeën. Wann een d'Kadasterparzell am Geoportail agëtt, da gesäit een, wat fir een et ass. Et ass just, wann een eropkënnt, lénker Hand de Stadion mat der Tribün a wou d'Tennisterraine waren. Alles, wat riets ass, wat ech Carreau Thillebierg nennen, ass nach an Diskussiounen.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Okay. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt och just preziséieren, ech hunn net gesot, dass do kee Parking soll hikommen. Ech hu gesot, kommt, mir iwwerleeën eis dat gutt an diskutéieren dat anstänneg. Och mat wéi engem Modus dat dohinnerkënnt. A Parkplazen, déi op där enger Säit ewechfalen, do fält och eng Aktivitéit an e Service fir eis Leit ewech, wou d'Leit jo och dowéinst dohinner parke gaange sinn. Awer net nëmmen.

Mee kommt, mir iwwerleeën eis dat gutt a soen net einfach, do ass eng gutt Plaz, maachen e Parking dohinner a reegelen e vläicht net esou wéi … Also ech wär frou, wann do Parkplaze wären, fir, zum Beispill, d'Léierpersonal, dass dat sech net méi muss ploen, oder fir hei oder fir do. Mee da mussen déi Parkplazen esou gereegelt ginn, vum Horaire a vun de Méiglechkeeten, wéi d'Leit sech abonéieren, dass et eebe Sënn mécht.

conseil communal n'a investi dans ce terrain pendant vingt ans. La commune est donc responsable de l'état de délabrement du site.
En ce qui concerne Niederkorn, monsieur Bertinelli a mené les négociations concernant le parking qu'Arcelor met à disposition de la commune depuis trois ou quatre ans.
Georges Liesch concorde sur le fait qu'il existe un problème avec les propriétaires fonciers au Luxembourg. Mais cela ne concerne pas qu'Arcelor. Dans certains villages, il s'agit par exemple d'exploitations agricoles. C'est pourquoi on ne peut pas se contenter de montrer du doigt une entreprise même si Georges Liesch ne veut pas jouer aux avocats d'Arcelor.
Monsieur Diderich se demande si construire un parc de stationnement ne fera pas qu'augmenter le trafic. Mais si le collège échevinal veut aménager le site à proximité de l'hôpital et y construire par exemple des logements, il doit remplacer le parking.
En d'autres termes, il ne s'agit pas de construire un « park and ride ». Seul un train sur deux s'arrête à la gare, qui n'est donc pas très attractive. En plus, les lignes RGTR vont être développées fortement à Differdange.
Georges Liesch ne veut pas de plus de voitures. Mais comme l'a dit monsieur Bertinelli, la commune ne peut pas non plus supprimer plusieurs centaines de places de stationnement.

FRANÇOIS MEISCH (DP) *demande si au Thillebierg, le parking et le deuxième terrain font partie de l'acte.*
(Interruption)
François Meisch constate qu'il avait donc bien compris.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *donne raison à monsieur Muller : le collège échevinal doit fournir un extrait du cadastre. Dans ce cas-ci, il s'agit uniquement du terrain à gauche avec le stade, la tribune et l'ancien court de tennis. Tout ce qui se trouve à droite n'a pas encore été négocié.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *n'a jamais dit qu'il ne fallait pas construire un parc de stationnement à Niederkorn. Il a dit qu'il fallait en discuter.*
En plus, s'il est vrai qu'un parking va disparaitre, l'activité pour laquelle ce parking est utilisé va disparaitre aussi.
Gary Diderich ne voudrait pas que le collège échevinal opte pour une solution de facilité. S'il décide de construire un parking, il devrait prévoir des places sur abonnement pour les enseignants.
(Votes)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passe à un contrat de location de conteneurs pour l'EIDE.*

TOM ULVELING (CSV) *rappelle que la commune a installé des conteneurs près de l'école ménagère pour la rentrée 2018. Il s'agit de six salles de classe, deux blocs sanitaires et un hall d'entrée.*
Comme il a fallu longtemps à l'État pour conclure une convention avec la commune, l'État s'est engagé à rembourser tous les frais à travers le loyer. Le point 10 prévoit le remboursement après coup de 15 mois de loyer. La somme se monte à 392 000 €, c'est-à-dire 26 000 € par mois.
L'État a pris du temps pour cette convention. Le moment est venu de l'approuver pour la Ville de Differdange puisse être remboursée.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passe au point 4 c avant une pause de dix minutes. Il s'agit de la location d'un terrain.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *explique que la commune essaie de régulariser les contrats de fermage. Dans ce cas-ci, elle souhaite ouvrir une pépinière. Or une famille possède un jardin sur le terrain en question et utilise la grange présente. Le collège échevinal propose un contrat de fermage à cette famille. Il sera renouvelé d'une année à l'autre.*
Le montant est fixé à 3,64 €. Pour la Ville de Differdange, il s'agit de régulariser la situation et s'assurer

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Da komme mer zur Ofstëmmung.

Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 2 abstentions d'approuver l'acte notarié avec ArcelorMittal Belval & Differdange visant acquisition d'une parcelle au lieudit Peschgarten à Niederkorn d'une superficie de 1,05 a.

Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 2 abstentions d'approuver l'acte notarié avec ArcelorMittal Luxembourg visant acquisition d'une parcelle au lieudit « Stade Thillenberg » à Differdange d'une superficie totale de 178,36 a.

Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 2 abstentions d'approuver l'acte notarié avec ArcelorMittal Luxembourg visant acquisition de parcelles au lieudit Im Pesch à Niederkorn d'une superficie totale de 66,4 a.

Den nächste Punkt, dat ass e Contrat de bail, eng Locatioun fir Containere fir den EIDE. An ech géif dem Här Ulveling d'Wuert ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Wéi Der all wësst, hu mer viru laanger, laanger Zäit – fir d'Rentrée 2018 si se nämlech opgaangen – déi Container opgeriicht bei der Haushaltungsschoul. Dat si sechs Klassesäll, zwee Block Sanitären an en Hall d'entrée fir d'École internationale EIDE.

Leider ass et esou gewiescht, dass de Staat sech ganz schwéier gedoen huet, eng Konventioun mat eis auszeschaffen. Déi krute mer elo eréischt. Soudass de Staat sech engagéiert, all déi Fraisen, déi mir do engagéiert hunn, iwwer e Loyer zréckzebezuelen.

An der Konventioun steet, ënner Punkt zéng, dass déi éischt 15 Méint Loyer, déi nach net bezuelt si ginn, dass se déi d'un coup wäerten eis musse remboursséieren. Dat sinn 392.000 Euro. An Zukunft musse se all Mount 26.000 Euro bezuelen, bis dat ofgestottert ass.

Wéi gesot, vu dass de Staat sech schwéier gedoen huet mat der Konventioun, hu mer déi elo eréischt kritt. Mee mir missten déi awer elo stëmmen, fir dass mer un déi Sue kommen, déi mer am Fong scho laang zegutt hätten. Dofir soen ech Iech Merci, dass Der dat stëmmt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Ulveling. Wa keng Wuertmeldung do ass, komme mer direkt zur Ofstëmmung.

Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 1 voix non d'approuver le contrat de bail avec l'État du grand-duché de Luxembourg pour la location d'un bâtiment modulaire pour les besoins de l'EIDE.

Merci. Mir kommen elo nach zum 4c an duerno maache mer zéng Minutte Paus.

Am 4c geet et ëm e Contrat de location vun Terrain de fermage, an ech ginn dem Här Liesch d'Wuert.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Dir wësst, dass mer jo e klengen Nohuelbedarf hunn, wat Contrat-de-fermagen hei an der Gemeng ugeet. Iwwerall, wou mer der fannen, déi net an der Rei sinn, probéiere mer ze regulariséieren. An dat ass hei de Fall.

Et ass eng Plaz, wou mer selwer als Gemeng Terrainen hunn, wou mer eis Pepinière maachen, déi ech hei am Kader vum Budget virgestallt hat. Et ass eng Famill, déi huet scho laang e Gaart op eisem Terrain. Si huet dee Schapp do matbenotzt. Mir hunn dovu profitéiert, fir dat ze regulariséieren a proposéieren

de Leit e Contrat de fermage, dee vu Joer zu Joer ka renouvelléiert ginn.

Et geet net ëm déi 3,64 Euro, déi mer hei erakréien. Dorëms geet et net. Et geet einfach drëm, dass dat propper néiergeschriwwen ass, an dass et kloer ass, dass et der Gemeng hiren Terrain ass an dass net, wann d'Leit en iwwer 30 Joer benotzt hunn, op eemol een op d'Iddi kënnt, dat wär säin Terrain.

De Schapp hu mer zum Deel selwer gebraucht. Duerfir hu mer hinnen deen net ganz ginn. Mir hunn hinnen d'Hallschent gelooss, well mer déi aner Hallschent selwer brauchen, fir eise Betrib vun der Pepinière do ze maachen. Voilà. Dat ass et schonn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Liesch. Keng Wuertmeldung? Da gi mer zum Vott iwwer.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de fermage d'un terrain au lieudit Im Maigrund à Niederkorn.

Et ass elo genau zéng vir zéng. Ech denken, wa mer eis um zéng Auer erëmgesinn, dat geet duer, fir ze verschnaufen. Villmools Merci.

(Paus)

Dir Dammen an Dir Hären, no eiser klenger Paus, komme mer elo zum Punkt 5a, d'Règlements communaux. Do geet et ëm d'Grille tarifaire vum Aquasud. An ech géif d'Wuert direkt un den Här Aguiar viruginn.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, firwat ginn d'Tariffer vum Aquasud geännert? Säit den Aquasud 2014 opgemaach huet, sinn d'Präisser ni un d'Inflatioun adaptéiert ginn. An der Tëschenzäit sinn awer d'Frais d'exploitation, wéi d'Waasser, d'Elektresch, d'Personalkäschten an d'Heizkäschten an d'Luucht gaangen. Dat selwecht gëllt fir d'Fonctionnementskäschten. Dogéint huet den Aquasud d'Präisser säit 2014 bis haut net erhéicht. Et däerf een och net vergiessen, datt d'TVA 2015 vu 15 % op 17 % geklommen ass.

Plus précisément, les entrées passent de 5 € à 5,50 € et les entrées réduites de 4 € à 4,50 €.

Pour les entrées à prix réduit, nous avons modifié l'âge, qui passe d'un maximum de 14 ans à 15 ans. C'est-à-dire que les moins de 16 ans pourront profiter de ces prix réduits.

La carte de famille continuera à exister avec quelques petits changements afin d'éviter des abus. Nous avons travaillé sur un concept d'au minimum 1 adulte et 1 enfant afin que 4 adultes et 1 enfant — soit 5 personnes de la même famille — puissent profiter de cette offre de 2,75 € respectivement de 2,20 €. Non seulement les parents peuvent en profiter, mais aussi les grands-parents.

Pour ceux qui veulent utiliser la piscine périodiquement, une carte d'entrée est proposée avec une réduction de 20 %. Ce prix réduit est proposé afin de donner une meilleure facilité aux jeunes et aux moins jeunes d'y accéder.

Dans le cadre scolaire, Aquasud propose des tarifs réduits pour les structures d'accueil. Cela concerne bien évidemment les maisons relais, les maisons des jeunes, les associations et clubs…

Certains activités et abonnements sont tous simplement supprimés par manque d'inscription et d'intérêt de la part des clients. En revanche, et dans le cadre de la prévention sanitaire pour les personnes à la recherche de soutien — que ce soit pour la perte de poids, la remise en forme, la recherche de performance ou de bienêtre —, un accompagnement et un suivi personnalisés sont proposés avec un pass supérieur, c'est-à-dire un abonnement avec quelques nouveautés.

Ce que je peux ajouter pour terminer, c'est que nous sommes une des piscines où nous appliquons les tarifs les plus bas du pays. Les prix varient dans les autres piscines entre 9 € et 11 € pour une entrée normale toute la journée.

que les droits de propriété soient clairement inscrits.
La grange a été subdivisée en deux et sera utilisée à la fois par la commune et par la famille.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *constate qu'il est 9 h 50 et décrète une pause jusqu'à 10 h.*
(Pause)
Christiane Brassel-Rausch passe au point 5a, la grille tarifaire d'Aquasud.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) *explique que les tarifs d'Aquasud n'ont jamais été adaptés à l'inflation depuis son ouverture. Or les frais d'exploitation et les frais de fonctionnement ont augmenté entretemps. La TVA est, quant à elle, passée à 17 %.*
(Interruption)
Paulo Aguiar ajoute que le prix des entrées passe de 5 € à 5,50 € et celui des entrées réduites de 4 € à 4,50 €. L'âge minimum pour profiter d'une entrée réduite passe de 14 à 15 ans. Tous ceux qui ont moins de 16 ans pourront donc en profiter.
La carte familiale est adaptée pour éviter les abus. Elle est accessible aux familles composées au minimum d'un adulte et d'un enfant et au maximum de quatre adultes et un enfant, c'est-à-dire cinq personnes au maximum.
Les prix se montent à 2,75 € et 2,20 €. Les parents et les grands-parents peuvent en profiter.
Ceux qui vont à la piscine régulièrement ont droit à 20 % de réduction. C'est une offre dont les jeunes devraient pouvoir profiter.
Certains abonnements et activités sont supprimés par manque de clients.
Parmi les nouveautés figure en revanche un accompagnement personnalisé pour la perte de poids, la remise en forme et la recherche de la performance ou du bienêtre.
Paulo Aguiar rappelle qu'Aquasud est une des piscines pratiquant les tarifs les plus bas du pays. Dans les autres piscines, les prix varient de 9 € à 11 €.
L'échevin félicite la direction et le personnel d'Aquasud pour leur professionnalisme.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *ne comprend pas cette politique tarifaire.*
Monsieur Aguiar a parlé d'une hausse de la TVA de 2 %. Et voilà que la commune ajoute à cette hausse une augmentation de 10 % du prix de l'abonnement.
Guy Altmeisch rappelle qu'en janvier, une promotion a été lancée sur les frais de dossier, qui sont passés de 70 € à 10 €. Un mois plus tard, l'abonnement est augmenté de 10 %. C'est inexplicable.
Le conseil communal n'est pas au courant des promotions. Les hausses lui sont simplement communiquées. Qui en est à l'origine : l'exploitant ou le collège échevinal ? En tout cas, le LSAP ne peut pas l'accepter.
La commune veut que les gens fassent du sport. Elle doit donc soutenir ceux qui ont moins de moyens. Il faudrait un pass spécifique.
Pour les socialistes, Aquasud devrait être géré par la commune. Car aujourd'hui, le personnel ne dispose pas d'un contrat collectif. La piscine en plein air est en mauvais état. Guy Altmeisch souligne des problèmes de propreté et le mauvais état de la pelouse.
En plus, les horaires dépendent du nombre d'employés présents. Si plusieurs sont malades, la piscine reste fermée même si 300 personnes attendent devant l'entrée. Lorsque la piscine était gérée par la commune, ces choses n'arrivaient pas. Le conseil communal ne peut pas tolérer cette situation.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *s'associe en grande partie à ce que vient de dire monsieur Altmeisch. Il est contraire à l'exploitation privée de la piscine. C'est à la commune de l'assurer.*
À titre d'exemple, la décision d'ouvrir ou pas la piscine le lendemain est prise sur la base de la météo. Mais la météo n'est pas toujours fiable.
Par ailleurs, la piscine extérieure est négligée parce qu'elle n'est pas rentable. Mais la rentabilité n'est pas tout dans un service public construit par la commune au fil des années. Car Differdange a été pionnière dans ce type d'installations. Il est intolérable qu'aujourd'hui, la

Il ne me reste qu'à féliciter la gestion et le professionnalisme de la direction et du personnel d'Aquasud depuis l'ouverture en 2014.

Merci de m'avoir écouté.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Aguiar. Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Häre, déi Präispolitik do kann d'LSAP Déifferdeng net verstoen. Ech erkläre mech: Fir d'éischt schwätze mer emol vun enger Hausse vun der TVA vun 2 %, wéi den Här Aguiar elo erkläert huet. Mir bréngen et fäerdeg, op déi Hausse vun der TVA eng Hausse vun 10 % op den Abonnementer ze schloen.

Am Januar ass eng Promotioun op d'Frais de dossier fir Abonnente lancéiert ginn. Dat heescht, d'Frais de dossier si vu 70 Euro op 10 Euro vum Exploitant erofgesat ginn. Ee Mount duerno ginn d'Abonnementer dann ëm 10 % méi deier. E kommerzielle Geste, deen net ze erklären ass.

Promotioune ginn net ugefrot. Haussë ginn eis matgedeelt. Wien hannert där Ufro ass, vun där Präishausse do, wësse mer net. Ass dat den Exploitant oder ass dat de Schäfferot? Dat ass eis net matgedeelt ginn. D'LSAP Déifferdeng kann esou eng Hausse net stëmmen.

Mir motivéieren a féieren d'Leit gären zum Sport. Mussen awer de finanziell a sozial méi schwaach Leit erlaben, Sport ze praktizéieren. Kommt mer ersetzen déi Hausse duerch e Sportpass fir mannerbemëttelt Leit.

Weider widderhuelen ech, dass d'LSAP och haut nach der Meenung ass, dass den Aquasud misst vun der Gemeng geréiert ginn. Doduerch, dass dat net de Fall ass, ass haut follgend Situatioun: D'Personal, dat do schafft, ka leider net op en adequate Kollektivvertrag zréckgräifen. D'oppe Schwämm, wéi am leschte Summer festgestallt ginn ass, ass an engem schlechten Zoustand, wat d'Wiss ubelaangt, d'Propretéit a virun allem d'Heures d'ouverture.

Leider ginn déi Zäite gereegelt a Relatioun mat der Personalstäerkt vum Exploitant. Wat net ka sinn. Wa si moies feststellen, datt d'Personal krank gemellt ass oder d'Personal net do ass aus verschiddenen Ursaachen, da bleift d'Schwämm zou. Eng Enttäuschung fir déi Leit, déi dann do zu 200-300 virun der Dier stinn, mat hire Kanner wëlle schwamme goen an da keen Accès kréien, well si net dat néidegt Personal hunn.

Déi Zäit, wéi d'Gerance vun der Gemeng war, war dat ni de Fall. Do war d'Schwämm och op, wann et e bësse gereent huet oder Personal huet missen ersat ginn.

Dat Ganzt geet op d'Käschte vun eisen Awunner an däerf vun der Politik net toleréiert ginn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, zu de prinzipielle Bedenken, wat den Aquasud ugeet, kann ech mech deem, wat den Här Altmeisch gesot huet, gréisstendeels uschléissen. Dat ass kloer. An dat spillt natierlech och mat, wann et ëm d'Präisser geet.

Mir waren a mir bleiwen dogéint, dass déi Exploitatioun iwwer esou e PPP privatiséiert ginn ass an d'Gemeng hei net selwer d'Personal stellt an d'Gestioun assuréiert.

Dat féiert dann dozou, dass aner Iwwerleeungen an d'Spill kommen, zum Beispill bei der Ouverture oder der Fermeture vun der oppener Schwämm, wou zum Deel d'Meteo vum Dag duerno gekuckt gëtt, fir Decisiounen ze huelen. Wou d'Meteo awer net onbedéngt ëmmer verlässlech ass.

An dat féiert och dozou, dass d'oppe Schwämm allgemeng relativ negligéiert

5a. Tarifs d'Aquasud

gëtt, well et sech einfach net rentéiert, aus deene verschiddenste Grënn. Mee d'Rentéiere bei enger Schwämm, ass et net dorëms, wou et geet. Et geet ëm e Service public, e Bien commun, deen d'Déifferdenger Gemeng iwwer laang Joren am Fong opgebaut huet, Virreider war zu Lëtzebuerg, wat esou eng Installatioun ugaangen ass, an all déi Jore konnt oprechterhalen. An dass dann hautdesdaags heiansdo bei guddem Wieder déi Schwämm zou ass, dat kann u sech net sinn.

Do doniewent hu mer elo déi Hausse hei presentéiert kritt, mam Argument, dass mer eis un d'Inflatioun upassen. Aus betribswirtschaftlecher Iwwerleeung kann een dat verstoen, dass e Betrib d'Käschten un d'Depensen upasst. Wa mer awer elo ufänken, d'Schüler Fraisen ze froen, wa se an d'Schoul kommen, well d'Paie vun den Enseignanten eropginn, da kréie mer awer e Problem. An ech soen dat esou krass, well dat eeben d'Logik ass.

Educatioun ass e Service public. A fir mech ass eng Schwämm och e Service public. Dat soll net onbedéngt eng Gratuitéit sinn, averstanen. Mee et sollt awer och net eng betribswirtschaftlech Logik sinn, dass wann d'Depensen an d'Luucht ginn, dass dann d'Leit méi musse bezuelen.

Mir froen net méi Steieren, wann d'Salairë vun de Fonctionnairen eropginn. An där Logik si mer net bei Service-publicke wéi der Educatioun. An an där Logik, denken ech, solle mer och net si bei eiser Schwämm. Zemools, well mer wëssen, dass et e Problem gëtt an eiser Gesellschaft. Dass et méi Obesitéit gëtt, zum Beispill. Mir wëssen dat. Mir wëssen, dass mer eppes dogéint musse maachen. An dann ass et eng Missioun fir d'Politik a fir d'ëffentlech Hand, dogéint Saachen ze ënnerhuelen. An dat ass, zum Beispill, esou eng Schwämm unzebidden.

Mer wëllen och, dass kee Waasser méi verbëtzt gëtt, an dass d'Leit sech net onbedéngt eng Schwämm doheem alafe loossen. Dat wësse mer och. Dat ass och en Zil, wat mer hunn. Dat heescht, mir ginn eis politesch Ziler a mir mussen eis d'Moyene ginn, fir déi ze erreechen. An déi Moyenen ze erreechen, heescht eeben och, mir huelen a Kaf, dass eppes sech net onbedéngt deckt. An an där Logik si mer, leider, zënter dass mer den Aquasud privatiséiert hunn, net méi. A si mer och net bei där Präishausse.

Natierlech kann een argumentéieren, dass déi Präishausse elo net enorm ass. Déi léisst sech vertrieden. Am Verglach zu aneren, léisst se sech vertrieden. Ech wëll elo net den Däiwel un d'Wand molen a soen, dat do kann elo kee méi sech leeschten, well d'Leit kënne sech och aner Saache leeschten. Mee ech sinn awer der Meenung, dass et déi falsch Logik ass, déi applizéiert gëtt. Iwwerhaapt bei der Exploitatioun vun där Schwämm. An eeben och, wa mer op déi Hausse hei ginn.

Nieft deem méi Prinzipiellen, gesinn ech elo am Detail vun den Tariffer net wierklech e Problem. Ech gesinn awer e Problem doranner, wéi dat elo gemaach ginn ass. Dat heescht, wéi dat ëmgesat ginn ass. Dass zum Deel eebe Saache schonn applizéiert gi si vum Exploitant, déi hei nach net gestëmmt an diskutéiert waren.

Ech hat et jo hei schonn eng Kéier ugeschwat gehat. D'Carte famille: Et stoung op eemol e Schëldchen do, et gëtt keng Carte famille méi. An d'Leit sinn och ofgewise ginn, wa se entweeder eng nei Carte famille wollten oder mat hirer Carte famille, déi se schonn haten, wa se ofgelaf war, nach dovunner wollte profitéieren. Dank menger Interventioun ass dat korrigéiert ginn. Dat heescht, d'Leit sinn duerno erëm erageloss gi mat der Carte famille, och wa se ofgelaf war. Dat war dann dat mannst.

Mee ech mengen, et ass wichteg, dass dee Rappell awer nach eng Kéier gemaach gëtt, dass fir d'Tariffer nach ëmmer de Gemengerot zoustänneg ass. An dass net d'Tariffer kënnen … Och, dass et keen Tarif unique méi gëtt fir oppe Schwämm an zoue Schwämm. Dat ass awer eppes, wat mir hei als Gemengerot gestëmmt hunn. An d'Exploitatioun vum Aquasud huet einfach decidéiert, vläicht mat gudde Grënn, dass dat fir d'Hygiène net gutt ass, dass d'Leit eran- an erauslafen.

Mee si hunn dat awer einfach esou decidéiert, ouni mat eis Récksprooch ze huelen. Vläicht mam Kommitee, mee an deem Kommitee kréien ech näischt

piscine reste fermée quand il fait beau.
La hausse des prix est expliquée par l'inflation. D'un point de vue économique, il est compréhensible qu'une entreprise adapte les tarifs aux frais. Mais la piscine est un service public. Si l'on pousse cette logique jusqu'au bout, il faudrait facturer l'augmentation des salaires des enseignants aux élèves.
Gary Diderich n'est pas partisan du tout gratuit. Mais la réflexion ne peut pas être uniquement économique. Une commune ne peut pas augmenter les prix à chaque hausse des dépenses.
Il ne faut pas oublier non plus les problèmes d'obésité de notre société. Les instances publiques doivent intervenir et la piscine peut faire partie des solutions.
La commune veut aussi lutter contre le gaspillage de l'eau. Il faut donc éviter que les gens ne remplissent des piscines chez eux. Le collège échevinal doit se donner les moyens d'atteindre ses objectifs politiques. Et cela signifie parfois que l'on ne peut pas rentrer dans ses frais. Or cette logique a été abandonnée après la privatisation d'Aquasud.
Bien sûr, l'augmentation des tarifs n'est pas énorme — surtout si on les compare à d'autres piscines. Il ne faut pas non plus diaboliser la situation. Mais pour Gary Diderich, la façon dont est exploitée la piscine n'est pas logique.
Pour le reste, les tarifs sont acceptables. Mais ils sont partiellement appliqués alors que le conseil communal ne les a pas encore approuvés. Gary Diderich a déjà mentionné le fait que la carte familiale n'existe plus. Tous ceux qui voulaient en acheter une ou remplacer celle qu'ils avaient ont été refoulés. Grâce à Gary Diderich, cette situation a été corrigée. Mais il tient à rappeler que le conseil communal est responsable des tarifs.
Il signale par ailleurs que le tarif unique pour la piscine couverte et la piscine extérieure a été supprimé par l'exploitant sans l'accord préalable du conseil communal. Peut-être était-ce une question d'hygiène parce que les gens entraient et sortaient du complexe. Peut-être que le comité était au courant. Mais les

conseillers communaux n'en savaient rien. C'est une irrégularité.
Qu'en est-il des abonnements existants ? Leurs tarifs seront-ils adaptés ? Car les abonnés ne signent pas un nouveau contrat tous les ans. Le montant est débité de leur compte à travers une domiciliation. Si les prix augmentent, comment les personnes en question seront-elles mises au courant ?
Gary Diderich n'approuvera pas la hausse des tarifs.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *rappelle que la commune ressent aussi les effets de la hausse des prix. Lors de la présentation du budget, il a notamment parlé des prix de l'énergie et du chauffage des bâtiments.*
Aquasud étant une entreprise consommant beaucoup d'énergie, Georges Liesch comprend qu'elle doit répercuter cette hausse sur les prix.
L'échevin ne veut pas se lancer dans un débat sur la privatisation. De toute façon, chaque conseiller communal a son avis sur la question.
Par ailleurs, inutile de se voiler la face. Si le conseil communal n'approuve pas les nouveaux tarifs, la commune devra, par contrat, couvrir les déficits. Indirectement, elle contribuera donc à payer les frais.
D'autres services publics comme l'eau ou les déchets ne sont pas gratuits non plus. En cas de hausse, ces tarifs augmentent aussi.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *n'a pas parlé de gratuité.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *s'excuse. Mais les débats ont déjà porté sur le principe de la couverture des frais et la réponse n'est pas toujours évidente.*
Dans ce cas-ci, l'augmentation est vraiment minimale. Quand on voit l'augmentation du prix de l'eau et de l'électricité, toute autre entreprise augmenterait beaucoup plus. Pour Aquasud, c'est moins de 10 %.

ALI RUCKERT (KPL) *répète les propos de monsieur Liesch : chaque commerçant augmenterait ses prix compte tenu de la situation.*

mat als Conseiller. An dann ass den Tarif net méi applizéiert ginn, dee mir awer hei gestëmmt hunn. Dat ass u sech irregulär. Dat däerfe se net. Well d'Tariffer, dat si mir, déi déi hei stëmmen. An deem Sënn wëll ech nach eng Kéier dorop opmierksam maachen.

Eng Klärungsfro, déi ech hunn, dat ass: Wat ass mat de lafenden Abonnementer? Do hunn d'Leit jo ënnerschriwwen, opgrond vun engem Präis. An dat leeft einfach weider, dat muss een net all Joer erëm nei ënnerschreiwen. Et ass eng Domiciliatioun op de Kont. Wéi gëtt domadder verfuer? Bleiwen déi Leit bei deene Präisser, wou se bis elo haten? Oder ginn déi Präisser och an d'Luucht? A wann déi och an d'Luucht ginn, wéi ginn déi Leit doriwwer informéiert? Dat ass eng wichteg Fro, déi ech mer stellen.

Ech wäert net fir déi Hausse hei stëmmen, aus deenen Iwwerleeungen, déi ech elo exposéiert hunn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Liesch, wannechgelift.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech wollt just soen, dass mir als Gemeng jo och ënnert deene Präishaussen, déi et gëtt, bon, net drënner leiden, mee eigentlech, dat hu mir jo spéitstens beim Budget gesinn, wou ech gesot hunn, dass d'Energiepräisser an d'Luucht gaange sinn, dass mir dat am Budget och ze spiere kréie bei eise Gebaier, déi mer hëtzen.

Duerfir verstinn ech eigentlech, dass en Aquasud, wat een energieintensive Betrib ass, zum Beispill, schonn eleng déi Hausse mussen iergendwéi offiederen. Ech ginn net op déi Diskussioun an ‚Privatiséierung oder net', ech mengen, do huet jiddwereen heibanne seng Meenung, dat ass esou.

Mee ech fannen, mir däerfen eis awer och net an d'Täsch léien. Well wa mir elo soen, nee, déi Tariffer sollen esou bleiwen, si mir jo kontraktuell gebonnen, den Defizit, dee se maachen, matzedroen. Dat heescht, mir bezuelen et dann indirekt mat. Duerfir fannen ech et net richteg, fir sech do an d'Täsch ze léien.

An Dir schwätzt vun engem Service public, deen da misst gratis sinn. Ech wëll just soen, dat ass beim Müll a beim Waasser och net de Fall. Och do hu mer Präisser, déi mer applizéieren. Och do, wann et Haussë gëtt, gi mer hin a mir setzen déi an d'Luucht. Och do hu mer erëm hei Diskussiounen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hunn net vu gratis geschwat.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Nee, nee, also net gratis. Pardon, Dir hutt net gratis gesot, dat ass richteg. Och do hu mer ëmmer d'Diskussioun, wat ee soll maachen oder net. De Käschtendeckungsprinzip léisst sech hei vläicht net 1:1 eriwwermolen. Mee ech wëll dat awer eng Kéier hei erwänen, dass et net esou einfach ass.

An déi Augmentatioun, déi hei proposéiert gëtt, ass jo awer wierklech just minimal dat, wat dat säit 2014 mat dräi Indextranchen, a wann een d'Präisser vun Energie a Waasser kuckt, u Méikäschte fir e Betrib bedeit. Da géif all Geschäftsmann, mengen ech, dobausse souwisou vill méi eropgoen. A mir ginn hei, op Propos vun deem Kommitee, mol net 10 % erop.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, hei ass elo grad gesot ginn, opgrond vun der Entwécklung, déi mer erlieft hunn, géif eventuell all Geschäftsmann op dee Wee do goen, fir déi Präisser ze erhéijen.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Méi ze erhéijen.

ALI RUCKERT (KPL):

Oder méi ze erhéijen.

Ech stellen also fest: D'Schwämm, dat ass e Geschäft. Dat ass keen ëffentlechen Déngscht méi. Mee et ass e Geschäft. Wou iergendee Profit da muss dermat maachen.

ENG STËMM:

Jo.

ALI RUCKERT (KPL):

An dat wësse mer, dass dee franséische Konzern déi Schwämm do geréiert, fir Profitter ze maachen. Dofir sinn och déi Léin, déi do bezuelt ginn, esou niddreg. An et kann een elo net kommen a soen, déi Personalkäschte ginn elo an d'Luucht, well elo ass schonn erëm eng Kéier de Mindestloun erhéicht ginn. Dee franséische Konzern, dee bezilt 1 %, oder méi, u Mindestloun. De Rescht gëtt aus dem Staatsbudget, dat heescht vun eis all, bezuelt, wat déi Mindestlounerhéijung do ugeet.

An d'Personal, wat do schafft, souwäit ech informéiert sinn, war d'Gemeng gezwongen, e Schwammmeeschter anzestellen, fir dass iwwerhaapt eis Kanner an eiser Schwämm kënnen do Schoul gehale kréien.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dat ass richteg.

ALI RUCKERT (KPL):

An dat fannen ech, ganz éierlech gesot, net normal. Ech fannen et och net normal, dass wann eng Gemeng eng Schwämm huet, dass Privatleit oder Schoulklasse mueres dohinnerkommen an dann ass einfach zou. An da gi se erëm heem. Ass dat normal? Fannt Dir dat normal? An da kann een dach net eis hei erzielen, wéi dat de Schäffe grad gemaach huet, hei géif mat Professionalitéit geschafft ginn. Dat ass keng Professionalitéit.

Ech wëll drun erënneren, wéi mer déi Diskussioun gefouert haten, wéi dee PPP hei vun der DP a vun de Gréngen duerchgeboxt ginn ass, dass dat den Iwwel ass vun allem, vun deem mer haut schwätzen. Wann dat net geschitt wär, da géife mer net an déi Richtung do schwätzen.

Dofir sinn ech als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei der Meenung, dass dat muss réckgängeg gemaach ginn. Dass eis Schwämm muss rekommunaliséiert ginn. Dass se der Gemeng erëm gehéiert. An dass d'Gemeng driwwer decidéiert, wat do geschitt. An dass se sech net vun engem franséische Konzern muss octroyéiere loossen, wat an eiser Schwämm ze geschéien huet.

Elo ginn erëm d'Präisser ëm 10 % erhéicht. Da kréie mer gesot, dat ass de Waasserpräis, deen an d'Luucht gesat ginn ass, dat sinn d'Personalkäschten, dat ass d'Elektresch, wat an d'Luucht gesat ginn ass. Ech hunn elo hei iwwerhaapt keen Detail dovu kritt. Wann eppes erhéicht gëtt, da muss een de Leit och genau soen, firwat et erhéicht gëtt. Net einfach soen, et ass eppes méi deier ginn, an dann erhéije mer elo. Wat sinn dat fir Situatiounen? Et muss een de Leit konkreet soen, ëm wat et geet. An dat maacht Dir hei net. Ech fannen dat net ganz seriö.

An dann, wat d'Elektresch ugeet, do war dach, wann ech mech richteg erënneren, d'Situatioun déi, dass d'Gemeng dat ëmmer virfinanzéiert huet. All Joer 40.000 Euro, mengen ech. An dass dann dee franséische Konzern dat sollt un d'Gemeng zréckbezuelen. Kann ee vun de Schäffe mir soen, dass d'Elektresch vun där Firma bezuelt ginn ass? Oder steet vläicht an deem Punkt am Budget iwwerall eng Null dobäi, wou dat sollt bezuelt ginn? Ech hunn déi Fro gestallt kritt. Ech gi se hei weider. Ass dat wierklech vun där Firma bezuelt ginn, d'Elektresch? Oder gëtt dat wierklech eleng vun der Gemeng bezuelt?

Ech mengen, dat do ass eng Situatioun, déi net seriö ass. Well d'Schwämm ass eng Déngschtleeschtung un de Bierger, an et ass eebe kee Geschäft, wéi dat hei duergestallt ginn ass. An duerfir wäert

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *a dit que chaque commerçant augmenterait davantage ses prix que ne le fait Aquasud.*

ALI RUCKERT (KPL) *répond que cela prouve que la piscine n'est plus un service, mais un commerce devant faire des bénéfices.*
(Interruption)
Ali Ruckert sait bien que l'entreprise française gérant Aquasud veut gagner de l'argent. C'est pourquoi les salaires sont si faibles. Et on ne peut pas non plus prétendre que les frais de personnel d'Aquasud ont crû à cause de l'augmentation du salaire minimum, car 99 % de l'augmentation est financée par le budget de l'État, c'est-à-dire par le contribuable.
En plus, la commune a été obligée de recruter elle-même un maitre nageur pour que les classes scolaires puissent aller nager.

FRED BERTINELLI (LSAP) *confirme les propos de monsieur Ruckert.*

ALI RUCKERT (KPL) *ne trouve pas non plus normal qu'une piscine communale reste fermée sans prévenir. Dans ces conditions, comment le collège échevinal peut-il parler de professionnalisme ?*
Ali Ruckert rappelle que le DP et les écologistes ont poussé pour un PPP. Autrement, la situation serait différente. C'est pourquoi les communistes demandent que la commune fasse machine arrière. La commune doit être propriétaire de sa piscine et en faire ce qu'elle veut au lieu d'obéir à une entreprise française.
Aujourd'hui, les prix augmentent de 10 % à cause des frais de personnel, de l'eau et de l'électricité. Mais Ali Ruckert ne connait pas les détails. Dire qu'il y a eu une augmentation des frais est trop vague. Tout ceci n'est pas sérieux.
En plus, la commune préfinance l'électricité. Il s'agit de 40 000 € par an. L'entreprise française procède ensuite à un remboursement. Le collège échevinal peut-il confirmer à Ali Ruckert que ces remboursements ont bien eu lieu ? Ou bien la commune paye-t-elle l'électricité ?
La piscine constitue un service au citoyen et non un commerce. C'est

pourquoi Ali Ruckert votera contre l'augmentation des prix et continuera à s'engager pour que la gestion retourne à la commune. C'est au conseil communal de prendre les décisions et non à une entreprise française qui veut faire des bénéfices sans prendre en considération l'intérêt des enfants et des Differdangeois.

JERRY HARTUNG (CSV) *admet qu'il existe des points sur lesquels on peut discuter. Par exemple les horaires d'ouverture de la piscine en plein air.*
D'ailleurs, les chrétiens sociaux n'ont approuvé ni le PPP ni la collaboration avec une entreprise française.
(Interruption)
Mais Jerry Hartung rappelle que le contrat porte sur 30 ans et qu'il en reste 19. De toute façon, ce n'est pas la question aujourd'hui.
Le prix d'entrée d'Aquasud augmente de quelque 10 %. Cela correspond à l'évolution des prix dans la commune. Après tout, les dépenses d'Aquasud ont aussi augmenté au cours des dix dernières années — notamment l'eau, l'électricité et les frais de personnel.
L'accès reste gratuit pour les enfants jusqu'à quatre ans. Le prix de l'abonnement pour les jeunes n'évolue pas. Ce prix a été négocié par la majorité actuelle il y a deux ans.
Aquasud propose aussi des abonnements à prix réduit pour les familles ou les groupes.
Bref, il s'agit d'une évolution normale des prix avec des composantes sociales. Le CSV l'approuvera.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) *rappelle qu'il est question des prix et non du principe du PPP ou d'autres manquements.*
Les discussions concernant le PPP et les manquements devront être menées avec le comité et il faudra ensuite en tirer les conclusions qui s'imposent.
Aquasud demande une augmentation des prix de 10 %. Frenz Schwachtgen suppose que le comité en a discuté en présence de monsieur Aguiar. Ensuite, le collège échevinal a dû réagir. Frenz ech hei als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei géint déi Erhéijung do stëmmen a mech och nach weider derfir asetzen, dass déi Schwämm erëm zréck an d'Hänn vun der Gemeng kënnt, déi Gestioun. An dass de Gemengerot am Fong kann driwwer decidéieren, wat do geschitt, an net iergendee franséische Konzern, dee just do ass, fir Profitter ze maachen. Mee net fir ze kucken, dass mir eng Schwämm hunn am Interessi an um Déngscht vun de Kanner a vun de Leit zu Déifferdeng.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Hartung, wannechgelift.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen, Dir Häre, beim Aquasud gëtt et bestëmmt Punkten, wou een driwwer schwätze kéint. Zum Beispill d'Ëffnungszäite vun der oppener Schwämm, wéi hei schonn ugeklongen ass. Och wëll ech hei kloer ënnersträichen, datt d'CSV deemools net fir de PPP an och net fir den Deal mat enger Privatfirma war.

ENG STËMM:

Richteg.

JERRY HARTUNG (CSV):

Awer, mir hunn elo dee Kontrakt op 30 Joer, deen eis eeben nach déi nächst 19 Joer mat hinne bënnt. Mee dorëms geet et haut net, mee eebe just ëm déi nei Präistabell.

Wann een dës Tabell vum Aquasud mat der Viregter vergläicht, déi et awer schonn zimmlech laang gëtt, stellt een eng generell Präiserhéijung vu ronn 10 % fir d'Entréeën am Aquasud fest. Dëst entsprécht der normaler Präisentwécklung, wéi d'Gemeng et och schonn a verschiddene Servicer ëmgesat hat an der Vergaangenheet. D'Ausgabe fir den Aquasud sinn an de leschten zéng Joren och eropgaangen. Et gouf d'Waasser, d'Elektresch, d'Personal an esou weider ugeschwat.

Vum Sozialen hier gekuckt, begréisse mir, datt et fir d'Kanner bis véier Joer weider gratis ass, an datt d'Abonnement fir Jonker a Studenten onverännert bleift. Et muss een och ënnersträichen, datt dëst e Posten ass, deen dës Majoritéit virun e bësse méi wéi zwee Jore mam Aquasud ausgehandelt huet. Well bis dohinner haten d'Studenten de vollen Erwuessenepräis misse bezuelen.

Doriwwer eraus gëtt et weider verschidde reduzéiert Offere vun Abonnementer fir déi, déi reegelméisseg oder méi oft an den Aquasud ginn. Sief et fir een eleng, an der Famill oder a Gruppen. Dëst riicht sech an der Haaptsaach un déi, déi vun hei aus der Géigend sinn. Vun dohier gesi mir dëst als normal Präisentwécklung mat och gudde soziale Komponenten, wou eeben och gekuckt gëtt, datt et präislech attraktiv ass fir d'Déifferdenger. A stëmmen dës nei Tabell mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Schwachtgen, wannechgelift.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ma ech wollt och an deem Sënn schwätzen. Wéi den Här Hartung, wéi anerer et och scho virdrun ugedeit hunn, geet et hei ëm eng Erhéijung vun den Tariffer. Et geet elo net ëm de Prinzip vum PPP, deen och bei eis diskutéiert gëtt. Et geet och elo net ëm d'Mängel, déi opgezielt gi sinn, déi ech och matgedeelt kritt hunn an esou virun. Ech mengen, dat ass eng Gesamtdiskussioun, wou mer sollten eng Kéier iwwert dee PPP respektiv iwwert déi Mängel mat deem Kommitee, deen dofir do ass, diskutéieren an op den Dësch bréngen. An dann och dorausser Konklusiounen zéien an och Verbesserungen erreechen.

Mir hunn elo zwee Punkten um Ordre du jour. Dat ass éischtens emol déi Präiserhéijung ëm 10 %, déi den Aquasud ugefrot huet als Unternehmen, wann ech dat esou ka soen. Déi jo dann diskutéiert ginn ass, huelen ech un, an deem Kommitee, mam Här Aguiar derbäi. An de Schäfferot huet mussen do-

robber reagéieren. Inwiefern déi Fuerderungen eventuell nach méi héich ware vum Aquasud, ob se no ënne revidéiert gi sinn oder net, dat entzitt sech menge Kenntnisser. Ech weess, dass dat do als Resultat elo erauskomm ass, mat där liichter oder schwéierer Erhéijung vun 10 %. An déi proposéiert Reegelung ass ausgeschafft ginn.

Dobäi sinn eng ganz Partie Saachen derbäikomm, wou Ännerunge sinn am Angebot, déi den Här Aguiar kuerz skizzéiert huet. Ech mengen, et sinn nach anerer dran, wou ech elo net drop aginn. Wou effektiv och Verbesserungen oder Erliichterungen an deem System, wéi en de Moment bedriwwen ass, och an deem Pabeier hei drastinn, wat d'Tariffer a wat d'Angebot ubelaangt.

Ech wëll elo net op déi Angeboter agoen, Sauna, Wellness an esou virun. Ech mengen, dat si Saachen, wou net jiddwereen dervu profitéiert. Déi ganz speziell, dat muss ech awer soen, vu Client zu Client sinn. Dat gehéiert fir mech elo net an de Beräich vun enger ëffentlecher Schwämm, wéi ech se am Fong verstinn, wou all Mënsch ka säi Schwammsport oder seng Schwamminitiatioun maache mat kompetente Leit, sou vill wéi méiglech. Dass et do Mängel gëtt, dat ass jo och elo scho gesot ginn. An déi musse mer natierlech behiewen.

Déi Verdeierung, denken ech, léisst sech erklären, wéi den Här Liesch gesot huet, effektiv an där sechsjäreger Präisstabilitéit, déi mer haten. Dass een do vläicht eng Kéier muss e bëssen noréckelen. Dat wäert eis och passéieren iergendwa bei de Mülltaxen. Wäert och iergendwann eng Kéier passéiere bei anere Saachen, déi an den nächste Joren op eis duerkommen.

Wa mer dat ze laang schleefe loossen, komme mer herno op Präishaussen, wou mer musse soen, lo musse mer e grousse Batz bäileeën, soss geet et net méi op. An ech verwiere mech e bëssen dergéint. E Gesamtbudget vun enger Gemeng muss jo awer och trotzdeem nach ëmmer opgoen. Respektiv musse mer et och nach fäerdegbréngen, all déi aner Servicer un eis Bierger ze ginn an och gläichméisseg un all Bierger kënnen ze verdeelen.

Virun allem, wann ee gesäit, dass déi Tarifupassung do absolutt konkurrenzfäeg bleift. An ech weess, dass den Här Aguiar nach aner Chifferen huet vun anere Gemengen, wou nëmme Schwämme sinn, wou keen Erlebnisschwimmbad zur Verfügung steet, si mer do absolutt konkurrenzlos a mer sinn an de Präisser besser wéi anerer.

Och wat d'Gesamtugebuet ugeet si mer méi bëlleg. Ech schwätze just iwwer d'Präisser. Natierlech kann een och schwätzen iwwert d'Dauer vun enger Visitt oder vun engem Besuch, deen a verschiddene Schwämmen op annerhallef Stonn reduzéiert ass. Wou ee fënnef bis sechs Euro oder nach méi fir annerhallef Stonn muss bezuelen. Bei eis ass den Temps illimité fir dee ganzen Dag.

Ob dat elo néideg ass, dee ganzen Dag ze bezuelen, wann ech nëmmen eng Stonn oder eng hallef Stonn meng Längte schwamme ginn, dat ass erëm eng Kéier eng aner Diskussioun. Do gëtt et vill Leit, déi soen, kommt mir maachen en Angebot fir Kuerzbenotzer vun enger Stonn, wéi et am Piko zu Rodange ass, mengen ech. Oder annerhallef Stonn. Wou da méi e bëllegen Tarif vun dräi bis véier Euro oder véier bis fënnef Euro ass. Ech weess et elo net auswenneg. Mee dat ass eng Iwwerleeung wäert.

Een, deen elo just seng hallef Stonn schwamme geet, ob dee muss en Tarif bezuelen, deen am Fong och fir dee ganzen Dag gülteg wier – well, wann en eng Kéier duerch d'Sortie eraus ass, kann e jo mëttes net nach eng Kéier goen, an deem Sënn. Also eemol dobaussen, ass dobaussen. Wéi iwwregens awer bei ganz villen aneren Utilisatioune vun aneren Anbieter.

Vläicht fält déi 50-Cent-Erhéijung – ech mengen, dat ass emol nach net ugeschwat ginn – als eenzel Entrée méi an d'A wéi bei den Abospräisser. Do fält et net op. Also, ob ech an engem Joer honnertmol oder zweehonnertmol an d'Schwämm ginn, ech hunn ëmmer mäi Joresabo an do rechnen ech einfach net méi. Ech mengen, dat ass jo nach ëmmer déi beschte Geleeënheet, fir méi bëlleg d'ganzt Joer kënne reegelméisseg schwammen ze goen, ouni Zäitlimitt an esou weider.

Schwachtgen ne sait pas si les demandes d'Aquasud étaient plus élevées. Mais ces 10 % constituent le résultat des négociations.
Monsieur Aguiar a mentionné les autres modifications. Frenz Schwachtgen ne va pas y revenir. Mais certaines adaptations permettent d'améliorer ou de simplifier le système.
Frenz Schwachtgen ne souhaite pas non plus revenir sur l'offre d'Aquasud comme le sauna ou le wellness. Il est évident que tous les clients n'en profitent pas, mais ces offres ne font pas partie de ce que propose normalement une piscine publique. Les gens doivent pouvoir faire du sport ou apprendre à nager. S'il existe des manquements de ce point de vue, il faut s'en occuper.
L'augmentation des prix s'explique à travers la stabilité des prix ces six dernières années. Au cours des prochaines années, il faudra prendre ces décisions aussi pour les déchets et d'autres services. Car plus la commune attend, plus l'augmentation sera importante. Après tout, il faut que le budget d'une commune soit équilibré pour qu'elle puisse proposer tous les services nécessaires à tous ses citoyens.
L'augmentation concernant Aquasud est adaptée. Monsieur Aguiar dispose des chiffres des autres communes ne proposant qu'une simple piscine. Differdange affiche des prix défiant toute concurrence.
Bien entendu, il n'y a pas que le prix. On peut aussi discuter de la durée de la visite qui est limitée à une heure et demie dans d'autres piscines. À Aquasud, l'accès est illimité dans le temps. Est-ce vraiment nécessaire ? La piscine PiKo à Rodange a une offre pour ceux qui ne veulent rester qu'une heure. Le prix est alors plus bas. Quelqu'un qui ne veut nager qu'une demi-heure doit-il nécessairement payer pour toute la journée ? De toute façon, une fois qu'il a quitté la piscine, il ne peut plus y revenir.
L'augmentation est plus visible sur les tickets d'entrée que sur les abonnements. Car avec un abonnement, on peut se rendre à la piscine aussi souvent que l'on veut et sans limite de temps.
Le prix pour les familles et pour ceux qui accompagnent les enfants

reste attractif. Il peut par exemple aussi s'agir des grands-parents et pas seulement des parents.
Frenz Schwachtgen rappelle qu'Aquasud propose des offres extraordinaires comme le sauna ou le fitness. Le conseil communal doit prendre ses responsabilités. Car peu importe qu'il s'agisse d'un PPP ou pas. Le standard d'Aquasud est élevé. Les écologistes approuveront la nouvelle grille tarifaire.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) *répète que les frais d'exploitation ont augmenté. Il faut rester réalistes : Aquasud doit réagir face à de telles augmentations.*
Monsieur Altmeisch a dit que la piscine restait parfois fermée. À quel jour faisait-il allusion ? Car le collège échevinal doit réagir. Mais il ne peut en discuter avec la direction d'Aquasud que s'il est au courant des problèmes. Pour Paulo Aguiar, il est important que les Differdangeois aient accès à la piscine. Il veut contacter la direction pour résoudre cette question.
En ce qui concerne l'hygiène, il existe un espace aquatique intérieur et un espace aquatique extérieur.
Il est évident qu'à l'extérieur, les gens peuvent organiser une journée conviviale avec un piquenique, ce qui n'est pas possible à l'intérieur.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *avait posé une question concernant les abonnements.*

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) *répond que le prix des abonnements existants ne va pas changer en cours d'année.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *demande ce qu'il en est des clients qui ont un abonnement depuis deux ans par exemple.*

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) *répond que l'on ne peut pas changer un abonnement à vie.*
(Interruption de M. Diderich)

Wéi gesot fir Familljen, a Begleedung vu Kanner, gëtt et a bleift et e ganz attraktiivt Angebot. Et ass och ausgeweit ginn. Ech mengen, dat ass nei, wann ech dat richteg verstanen hunn, dass effektiv Begleetpersounen däerfe matgoen. Bomi a Bopi an ech weess net, wien nach, wann Elteren ee Familljepass hunn.

Wéi gesot, ech ginn elo net op déi Extraen an, wéi Sauna a Fitness an esou virun, an där Präiserhéijung. Dat si jo och Extraen, déi elo net onbedéngt zum allgemenge Gutt vun enger Schwämm gehéieren.

Ech mengen, mir sollte mat där Tariferhéijung hei och eis Verantwortung iwwerhuelen an eise Budget insgesamt mat allen Avantagen un d'Bevëlkerung weiderginn. Well PPP hin oder hier, mer hunn awer trotzdeem en héije Standard, qualitativ héije Standard, wat eis Schwämm ugeet. An deem Sënn hu mir wëlles, op jidde Fall mol déi nei Grille do ze stëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Här Aguiar, wannechgelift.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Just zwou oder dräi Prezisiounen. Wéi gesot, d'Frais d'exploitation sinn an d'Luucht gaangen. Ech mengen, et ass awer wichteg, fir realistesch ze sinn an op d'Zousazkäschten ze reagéieren.

Den Här Altmeisch huet gesot, d'Schwämm war heiansdo zou. Ech wëll gär wëssen: Wéini war se zou? Well ech sinn der Meenung, da musse mir och reagéieren. Moi, en tant qu'échevin, je veux absolument réagir, si la piscine est fermée. Il faut que je sache quand est-ce qu'elle était fermée pour pouvoir discuter avec la direction d'Aquasud. Il est important pour nous de toujours donner la possibilité aux personnes de Differdange et alentour d'accéder aux espaces aquatiques.

Personnellement, je ne suis pas au courant du fait qu'elle était fermée. Dans ce cadre-là, je veux bien me réunir avec la direction d'Aquasud afin de l'interpeler sur cette question.

J'aimerais terminer quant à l'hygiène de l'espace aquatique. Il y a un espace aquatique extérieur et un espace aquatique intérieur. Bien évidemment, au niveau de l'hygiène, on ne peut pas faire deux entrées séparées. On peut accéder à l'espace aquatique extérieur en bermudas et amener un piquenique pour passer toute une journée conviviale avec différentes personnes. Une chose qu'on ne peut pas faire dans l'espace aquatique intérieur, où, effectivement, le piquenique est interdit, afin de donner la possibilité à toutes les personnes d'y passer une bonne journée.

Merci, Madamm Buergermeeschter.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Aguiar. Ech denken, da kéinte mer zum Vott kommen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Pardon, ech hat eng Fro gestallt iwwert d'Abonnementer. Kéint Der mer dorobber äntweren?

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Pour les abonnements, c'est assez simple. Ça ne va pas changer maintenant. On va voter les tarifications et ça va rester tel quel. À aucun moment, les abonnements ne vont être changés au cours de l'année. À aucun moment.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ceux qui ont déjà un abonnement auront le même prix qu'il y a deux ans.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Non. C'est un changement de tarification. Bien évidemment que non. On ne peut pas changer un abonnement à vie, monsieur Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Il y a des centres fitness, par exemple…

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

… qui changent les abonnements à vie?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Qui ont des tarifs depuis le début. Peu importe. Mais comment ils sont informés, les gens?

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Ils seront informés à l'accueil ou par courrier. Mais je dois également leur poser la question. Je poserai la question.

(Ënnerbriechung)

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Ruckert, wannechgelift.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschter, ech hunn elo keng Äntwerte kritt, op dat, wat ech gefrot hunn. Ech hätt gär Äntwerten do drop. Hei gëtt einfach gesot, d'Exploitatiounskäschte sinn an d'Luucht gaangen. Ech wéisst gär: Wéi vill ass dann d'Waasser an d'Luucht gaangen? Wéi vill ass d'Elektresch an d'Luucht gaangen? Oder ass et vläicht souguer erofgaangen? Wéi vill sinn d'Personalkäschten an d'Luucht gaangen?

Wann Dir hei eng Präiserhéijung maacht – et ass jo net den Exploitant, deen déi mécht, hei, de Gemengerot mécht déi. Da musse mir och hei konkreet gesot kréien, wat dann alles do esou schrecklech an d'Luucht gaangen ass, fir dass déi Präisser ëm 10 % mussen erhéicht ginn. Ech fannen dat net ganz seriö, dat do.

(Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Liesch, wannechgelift.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech mengen, ech hat dat awer scho gesot. Éischtens emol, säit 2014 sinn et dräi Indextranchë ginn. Dat erkläert emol d'Augmentatioun vun de Salairen.

An an der Budgetspresentatioun vun der Gemeng hat ech erkläert, dass d'Budgetsposte fir d'Energie jo och eropgaange sinn. An do hat ech scho gesot, dass ee gesäit, wéi wichteg et ass, dass mer an eis Gebaier investéieren, fir den Energieverbrauch erofzesetzen. Wéinst der Augmentatioun vun den Energiekäschten, wat d'Elektresch, de Gas an esou weider ugeet, fir déi erofzedrécken. Dat gëllt natierlech fir all anere Betrib d'selwecht.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Liesch, dat gëllt awer och fir – Madamm Buergermeeschter, entschëllegt –, dat géif dann och ziele fir alles anescht, wat d'Gemeng un Déngschtleeschtunge mécht. Et gëtt awer net all Déngschtleeschtung an der Gemeng elo op eemol ëm 10 % méi héich gemaach. Ärer Logik no misst elo alles ëm 10 % erhéicht ginn, wat Dir eis hei zielt.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Verschidde Saache musse mer jo och iergendwann erhéijen. D'Mülltaxen, d'Waassertaxe musse mer jo hei – hu mer jo och ëmmer leideg Diskussiounen, wa mer déi augmentéieren, well mer mussen do jo awer nozéien. Ech fannen et och net richteg, fir ze soen, aus politesche Grënn maache mer dat elo net. An dann ass et deen nächste Gemengerot, deen dann hei virun enger riseger Augmentatioun steet.

Dann ass et besser, mir maachen all puer Joer eng kleng Upassung, wéi se muss sinn, wéi dass mer dann no zéng Joer feststellen, mir mussen eng riseg Augmentatioun maachen. Dat fannen ech awer och net éierlech.

Paulo Aguiar demande à monsieur Diderich s'il connait des cas où l'on change un abonnement à vie.
(Interruption de M. Diderich)
Paulo Aguiar répond qu'ils seront informés à l'accueil et par courrier. Mais pour être sûr, il posera la question à Aquasud.
(Interruption de M. Altmeisch)

ALI RUCKERT (KPL) *constate que le collège échevinal n'a pas répondu à ses questions.*
À combien se chiffre l'augmentation de l'eau et de l'électricité? Car il se pourrait que les frais aient baissé. Qu'en est-il des frais de personnel?
Ali Ruckert rappelle que l'exploitant ne peut pas procéder à une augmentation des tarifs. C'est le conseil communal qui augmente les prix. C'est pourquoi il doit savoir dans les détails ce qui a augmenté et qui justifierait la croissance des tarifs à hauteur de 10 %. Tout ceci n'est pas sérieux.
(Discussions)

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *estime avoir déjà répondu à ces questions. Depuis 2014, il y a eu trois augmentations de l'indice entrainant une croissance des salaires.*
Pendant les débats budgétaires, Georges Liesch a par ailleurs expliqué que les frais énergétiques ont augmenté. C'est pourquoi il est important d'investir dans l'assainissement des bâtiments. Ce qui est vrai pour la commune l'est aussi pour les autres entreprises.

ALI RUCKERT (KPL) *suppose que par conséquent, cela est vrai pour tous les services de la commune. Mais le prix de tous les services n'augmente pas de 10 %.*
(Interruption de M. Liesch)
Ali Ruckert répète que si l'on suit la logique de monsieur Liesch, tout devrait augmenter de 10 %.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *rappelle toutes les discussions qui ont eu lieu lors de l'augmentation des taxes sur les déchets ou l'eau. Mais tôt ou tard, la commune n'a plus le choix.*
Georges Liesch ne trouverait pas correct de refuser cette augmentation pour des raisons politiques.

Car le prochain conseil communal serait forcé d'en approuver une bien plus importante. Une petite adaptation tous les deux ans vaut mieux qu'une grande tous les dix ans. Il faut rester honnête.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *propose de fournir les données à monsieur Ruckert par écrit.*

ALI RUCKERT (KPL) *proteste. Le vote a lieu maintenant.*

GUY ALTMEISCH (LSAP) *constate que monsieur Ruckert n'a pas tort. Mais il ne sert à rien de se renvoyer la balle pendant une demi-heure. Il n'a qu'à voter contre.*
Guy Altmeisch est lui-même membre d'Aquasud. Il souhaite que les clients soient avertis à temps de l'augmentation pour qu'ils puissent prendre les mesures nécessaires auprès de leurs banques.

TOM ULVELING (CSV) *répond qu'ils ont encore un peu de temps.*
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passe aux règlements temporaires de circulation.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *en a beaucoup, mais ils ne sont pas forcément importants. Il mentionne Lasauvage et la rue de la Montagne. Les autres règlements concernent des chantiers de particuliers.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *constate que les chantiers à Differdange sont nombreux. Malheureusement, certaines routes sont barrées sans autorisation. Les camions bloquent le passage. Les gens font ce qu'ils veulent.*
Pour arriver au Woiwer par exemple, il faut traverser tout le Fousbann parce que les camions bloquent toute la circulation. Il n'y a ni signalisation ni règlement. Il est temps d'intervenir. Ce type de problème concerne au moins quatre chantiers. Davantage de contrôles sont nécessaires.
En plus, certains chantiers sont effroyables. Même le service technique le dit. Il faut un 4x4 pour traverser la rue du Woiwer.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech denken, Här Ruckert, mir reechen Iech déi Donnéeë schrëftlech.

ALI RUCKERT (KPL):

Mee d'Ofstëmmung ass elo. Déi ass net, wann Dir eppes noreecht.

(Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Den Här Altmeisch freet d'Wuert.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Et ass richteg, wat den Här Ruckert seet. Mee d'Ofstëmmung ass elo. Duerfir huet ee jo nach ëmmer dann d'Méiglechkeet, dergéint ze stëmmen oder derfir ze stëmmen. Mir kënnen elo hei nach eng hallef Stonn laang Pingpong spillen. Mee ech mengen, mir mussen eis awer konkreet op dat beruffen, wat do steet.

Wat natierlech muss sinn – ech si selwer abonéiert am Aquasud –, et muss natierlech dru geduecht ginn, fir déi Leit, déi en Abonnement hunn, matzäit ze aviséieren iwwert déi Hausse. Dass déi d'Méiglechkeet hunn, iwwer hir Finanzinstituter dat ze reegelen. Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat muss jo lo nach approuvéiert ginn an hei an do. Dat dauert jo nach.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide avec 13 voix oui et 5 voix non d'approuver l'adaptation de la grille tarifaire du complexe aquatique Aquasud.

Ech soen Iech Merci. Da komme mer bei d'Règlements temporaires de circulation. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Liesch.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Just ganz kuerz, well et och scho spéit ass. Et sinn der dës Kéier erëm ganz vill. Mee et sinn awer – ech hunn et duerchgelies – keng immens erwänenswäert dobäi. Vläicht de Chantier zu Lasauvage, dee weidergeet. An der Biergstrooss sinn eng Partie dran, wou de Chantier elo weidergeet. Dat sinn der, déi mer an den nächste Gemengerotssëtzungen ëmmer erëm wäerte stëmmen, bis déi Chantiere fäerdeg sinn. De Rescht si ganz, ganz vill Privater.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hätt eng Fro, wat eis vill Chantieren ugeet, déi mer amgaang sinn. Datt mer amgaang sinn immens ze wuessen an ze bauen, ass jo okay. Mee et gesäit een a verschiddene Stroossen, wou Projeten amgaang sinn, wat mech wonnert, datt einfach ouni Autorisatioun d'Stroossen zougemaach ginn, d'Camionen do parken an een einfach net méi duerchkënnt.

D'Leit kënnen do e bësse maachen – an ech hunn Iech dat schonn e puermol gesot, Här Liesch –, wéi se wëllen. Wann ech e puer Stroossen hei huelen an eiser Gemeng, wou vill geschafft gëtt, do kënnt een iwwerhaapt net méi duerch. Do muss een iwwert dee ganze Fousbann fueren, fir an d'Woiwerstrooss ze kommen, well déi Leit einfach d'Stroossen zousetze mat de Camionen. Do ass kee Schëld, do ass kee Reglement, näischt.

Also mir mussen eng Kéier ophalen domadder. Jiddweree mécht e bëssen, wat e wëll. An dat ka jo awer net sinn. Dat ass mer elo virkomm op véier Schantercher. An der Woiwerstrooss, uewen an hei ënnen an der Strooss, et ass iwwerall do, wou Schantercher sinn. Do muss

een awer méi oft da kontrolléiere goen. An och mat eise Leit.

Wann ee Schantjen ass, hu mer jo eenzel Leit, och vum zweete Stack, déi dat och all Kéiers soen. Dat gesäit fierchterlech aus. Wann een d'Woiwerstrooss hëlt, mam Altersheim, wou gebaut gëtt, do muss de e 4x4 hunn, soss kënns de do net méi an d'Strooss. Do gëtt och net gebotzt. Ech mengen, dat si Saachen, déi muss een, leider Gottes, ëmmer rappelléieren.

Et ass awer momentan ganz gefäierlech a verschiddenen Ecker. A verschidde Leit hu ganz vill Problemer, fir heem ze kommen, well se einfach net méi duerch déi Stroosse kommen. Do musse mer awer e bëssen Uecht ginn. Datt mer awer do erëm e bëssen Uerdnung dra kréien.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Altmeisch, wannechgelift.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter, ech ginn dem Kolleeg Bertinelli ganz Recht. Eng änlech Geforesituatioun hu mer bei der Schoul um Fousbann. Wou e Promoteur amgaang ass, véier Residencë mateneen ze bauen. Wou moies um hallwer aacht alt fënnef bis sechs Betonnièren do stinn, en attente, dass de Bëtong kann ofgeliwwert ginn. An da komme parallel dozou 300 Schoulkanner an d'Schoul, déi sech tëschent de Camionen erduerchschlängelen. Do wier et net schlecht, mat de Fournisseuren eng Kéier Récksprooch ze huelen. Wann déi géifen um hallwer néng kommen, wier d'Geforesituatioun net méi ginn.

Dat gesot, wëll ech nach soen, dass ech mer virun der Gemengerotssëtzung ëmmer déi verschidde Situatiounen ukucke ginn, déi a Relatioun mat den Drénglechkeetsreglementer stinn. Wat mer net gefält, dat ass, wa mëttwochs Gemengerotssëtzung ass an ech kréien dënschdes nach eng sechs, siwe Reglementer nogereecht, dann ass et onméiglech, déi nach eng Kéier kontrolléieren oder kucken ze goen.

Dat anert ass, et ass mer eng ganz gefäierlech Situatioun opgefall, an zwar ass dat e Foussgängersträifen zu Uewerkuer am Boulevard Emile Krieps/ Avenue Charlotte. Dee läit och nach e bëssen onglécklech an enger Kéier. Deen ass leider an engem desolaten Zoustand. Eng Beliichtung ass guer net ginn. De Buedem ass schlecht gezeechent, an de Makadamm, dee weist och nach immens vill Lächer, et ass bal méi Lach do wéi – dat ass am Fong geholl kee Foussgängeriwwergank, dat ass am Fong geholl e Foussgängerlach.

(Gelaachs)

Dat ass immens gefäierlech fir déi Leit, déi deen am Alldag benotzen. D'autant plus déi Leit, déi à mobilité réduite sinn, fäerten ech, dass do een eng Kéier an engem Lach hänke bleift an Opfer gëtt vun engem Automobilist.

Mir wiere frou, wann deen Zebrasträife géif prioritär reparéiert ginn. Ech hunn Iech, Här Liesch, d'Foto dovunner geschéckt. Soudatt Der selwer gesitt, wéi desolat deen ausgesäit. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Altmeisch. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

De sechste Punkt ass eise Bëschplang. Ech géif d'Wuert direkt weiderginn un den Här Liesch.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech probéieren, dat och kuerz ze maachen. Mir haten den 9. Januar eng Presentatioun vum Zéngjoresbëschplang hei zu Déifferdeng vun der Ëmweltverwaltung. Ech ginn elo net op alles an, wat an där Presentatioun gesot ginn ass. Vläicht just e puer Saachen, déi ech wéilt erauspicken.

Certains coins de la commune sont dangereux. Il faut le rappeler sans cesse. La commune doit se rendre compte du sérieux de la situation et mettre de l'ordre dans les chantiers.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *donne raison à monsieur Bertinelli. Il mentionne l'école du Fousbann. Un promoteur est en train de construire quatre résidences en même temps dans ce quartier. Cinq ou six bétonnières sont là à partir de 7 h 30 et quelque 300 élèves doivent passer entre les camions. Il faudrait en discuter avec les fournisseurs, car il suffirait que la livraison ait lieu à 8 h 30.*
Avant chaque séance du conseil communal, Guy Altmeisch vérifie les sites concernés par des règlements d'urgence. Or mardi, il a reçu six ou sept règlements supplémentaires pour la séance de mercredi. Dans ces conditions, il est impossible pour lui de se rendre sur place.
Guy Altmeisch passe à un passage pour piétons en piteux état au croisement du boulevard Émile-Krieps et de l'avenue Charlotte. Il n'y a pas d'éclairage. Le sol est mal marqué. Il y a des trous dans la chaussée. En fait, il ne s'agit même plus d'un passage pour piétons, mais d'un trou pour piétons.
(Rires)
Guy Altmeisch souligne le danger pour les gens qui traversent la rue au quotidien. Les personnes à mobilité réduite risquent même de rester coincées.
Ce passage pour piétons doit être réparé au plus vite. Guy Altmeisch a envoyé une photo à monsieur Liesch.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passe au plan de gestion des forêts.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *explique que le 9 janvier a eu lieu la présentation du plan de gestion des forêts sur dix ans.*
Sans entrer dans les détails, il rappelle que la commune possède 445 ha de bois sur 18 parcelles. La forêt compte de nombreux hêtres. 47 % sont des forêts d'essences mixtes. Les quelques sapins restants sont en train de disparaitre.

La forêt de Differdange est particulièrement jeune. Dans le cadre d'un plan de gestion sur dix ans, il s'agit tout d'abord de réaliser un inventaire et de fixer des objectifs pour les années à venir. Ces objectifs sont de faire croitre les jeunes arbres pour que Differdange dispose d'une forêt plus âgée et donc d'une structure plus équilibrée.
La gestion de la forêt de Differdange est par conséquent différente de celle des autres communes, où la forêt est plus âgée.
La Ville de Differdange gère ses forêts de manière extrêmement prudente. Elle n'exploite qu'une petite partie de ce qui serait possible en théorie. L'Administration des forêts exploite le strict nécessaire — par exemple pour couvrir les besoins en copeaux de bois. Pour le reste, elle se montre prudente.
Quarante-deux hectares sont constitués d'ilots de sénescence, qui sont laissés tels quels. Ils sont importants pour les biotopes et les animaux.
Un des objectifs est donc d'équilibrer l'âge des arbres. La présentation du 9 janvier a répondu à des questions du type: qu'est-ce qui pousse dans les clairières? Qu'est-ce qui pousse naturellement? Qu'est-ce qui doit être planté? On distingue généralement entre le bois jeune et le bois junior. Il s'agit de décider quels travaux réaliser pour disposer d'une forêt en bon état dans dix ou vingt ans.
Georges Liesch tient à remercier le garde forestier et Michel Leytem, son supérieur. Il rappelle que Differdange a été la première commune à mettre en place un plan sur dix ans. Un tel plan donne une idée de la façon dont la forêt va se développer sur dix ans, ce qui reste tout de même une période courte.

CHRISTIANE SAEUL (DP) *constate que le plan sur dix ans fixe ce qui sera fait dans la forêt au cours des prochaines années. Il s'agit de veiller à ce que la forêt reste conforme au label FSC.*
Christiane Saeul remercie le Service des forêts de l'Administration de l'environnement ainsi que monsieur Liesch. Le document a été élaboré en partenariat avec monsieur Christian Berg, le garde forestier, et

Fir emol den Inventaire ze maachen, mir hu ronn 445 Hektar Bësch um Bierg. Déi ginn an 18 Forstparzellen agedeelt. Vill vun eise Bëscher si Bichenholz, ronn 40 %. 47 % si Mëschbëscher, also wou méi Espècen dra sinn. An eeben nach e puer Prozent Fiichten, déi jo lues a lues verschwannen. Déi maachen am Moment nach eng 7 % aus. Déi Richtung null wäerten tendéieren an deenen nächsten zéng Joren.

Wat e bësse spezifesch fir Déifferdeng ass, par rapport zu anere Gemengen, ass, dass mer e ganz jonke Bësch hunn. Dat heescht, an anere Gemengen ass de Verlaf iwwert d'Joren esou, dass se méi e grousse Bestand un alem Bëschbestand hunn a manner jonke Bësch. Bei eis ass et just ëmgedréit.

Mir hunn e relativ groussen Undeel u jonke Bëscher. An dat sinn dann och d'Objektiver. An engem Zéngjoresforstplang geet ee jo hin, et mécht een en Inventaire: Wéi gesäit et haut aus? A wou wëll een an deenen nächsten zéng Jore mam Bësch hin? An d'Objektiver vun der ANF sinn, ee jonke Bestand eropzezillen, dass mer erëm en ale Bestand och e bësse kréien. An iwwert déi zéng Joer – dat geet sécher awer net duer – erëm e bëssen en Equiliber ze kréien an eiser Altersstruktur an eise Bëscher. Dat ass dat laangfristegt Zil, fir erëm en Equiliber hierzestellen.

Bei eis ass dat eeben eng aner Aart a Weis fir erunzegoe wéi aner Gemengen, well déi ganz vill al Bëscher hunn a mir jonk Bëscher. Bei eis hu mer jonker. A mir musse kucken, dass mer déi eropzéien, dass mer en ale Bestand erëm kréien.

Déi Presentatioun huet och gewisen, dass mer an eise Bëscher extreem virsiichteg ëmgi mat Holz, wat mer eraushuelen. Mir leien däitlech ënnert dem Seuil, deen theoreetesch méiglech wär, wat mer aus eise Bëscher eraushuelen. Mir ginn do bewosst drënner. Well mer soen, et ass net a priori de Bësch, dee mer benotzen als Produktioun, fir Holz ze maachen. Mir huelen dat eraus, wat mer brauchen. Zum Beispill fir eis Holzhackanlag. A fir de Rescht gi mer ganz moderat do erun. Also net mir, d'Forstverwaltung vill méi.

Mir hunn e ganz grousst Areal vun 42 Hektar Altholzinselen, wou guer net méi dra geschafft gëtt, wat mer der Natur iwwerloossen. Dat si wichteg Biotope fir eis Déierewelt do uewen um Bierg.

Wéi gesot, en Objektiv ass, erëm en Equiliber am Alter hierzestellen. An dat ass flott duergestallt ginn an där Presentatioun den 9. Januar, mat e puer Weeër iwwer Naturverjüngung. Wou ee kuckt: Wat kënnt op Lichtungen op? Wat fir eng Saache kommen aus dem Buedem? An awer och iwwer forcéiert Uplanzungen. Wou een op verschiddene Plaze bewosst uplanze geet an nei Saachen do ziicht.

Iwwert déi zwee Weeër soll also déi Verjüngung an de Bëscher stattfannen. Déi jonk Bëscher, déi mer am Moment hunn, wou den Ënnerscheed nach gemaach gëtt tëscht jonke Bëscher an de Junior-Bëscher, wann een dat esou kann nennen, wou also Couppe gemaach ginn, fir déi eropzezéien. Dass mer do e flotte Bëschbestand kréien an deenen nächsten zéng, zwanzeg Joren.

Et ass virgesinn, dass dësen Zéngjoresplang hei am Gemengerot gestëmmt gëtt. Dass mer an déi dote Richtung wëlle goen. Ech wëll e ganz grousse Merci ausschwätzen un de Fierschter an un de Michel Leytem, dee Revéierchef ass aus der ganzer Géigend, ënnert deem senger Leedung dësen Zéngjoresplang och gemaach gëtt.

Ech wëll och drun erënneren, dass Déifferdeng am Fong déi éischt Gemeng am Land war, déi esou en Zéngjoresplang hat an elo an der Fortsetzung ass. Mëttlerweil hu vill aner Gemengen och esou Zéngjorespläng. Mir begréissen dat, well dat gëtt engem jo d'Vue, nieft dem järleche Forstplang, eng Visioun ze entwéckelen, wéi de Bësch sech an deenen nächsten zéng Joren, wat awer nëmmen eng kleng Zäitfënster ass, sech wäert entwéckelen.

Ech hunn de Maximum gesot, wat wichteg ass.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Madamm Saeul, wannechgelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Zum Zéngjoresbëschplang hei an der Gemeng Déifferdeng, wou festgeluecht gëtt, wat an deenen nächste Joren am a mam Bësch geschitt. An och, fir weiderhi mam Holzlabel FSC konform ze sinn.

Ech wéilt fir d'éischt emol dem Bëschservice vun der Naturverwaltung Merci soen – an och dem Här Liesch Merci soe fir déi richteg Explikatiounen – fir hir ëffentlech Presentatioun vum Zéngjoresbëschplang den 9. Januar an eisem Ale Stadhaus. Dëst waren den Här Michel Leytem, Chef de service. Presentateur war de Pascal Armborst. An Zesummenaarbecht mat eisem Fierschter, dem Här Christian Berg, gouf dëst Dokument ausgeschafft. Dat Dokument läit haut zur Ofstëmmung vir. Anhand vun deem kann eise Fierschter säi Joresplang vun den Aarbechten opstellen.

Den Impakt vum Klimawiessel op de lëtzebuergesche Bësch ass grouss. Dat hunn d'Analysen iwwert déi lescht Jore gewisen. Hëtzt a grouss Dréchente maachen de Bësch futti. Problemer bréngen och Bamzorten, déi guer net hei sollte geplanzt ginn, zum Beispill d'Fiichten, mam Borkenkäfer, wéi mer elo wëssen. Lo heescht et fir d'Zukunft, nei Beem uplanzen. Obwuel mir e relativ groussen Deel neie Bësch hunn. Nei Beem uplanzen, duerch eng besser Info, wat uplanzen, fir e méi resistente Bësch, mat verschiddenen Zorte Beem. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. Mir stëmmen dëse Punkt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Här Schwachtgen, wannechgelift.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Et läit en zweet Dokument nach derbäi, dat ass d'Gestioun vum Joer 2017 bis 2027 vun den Natura2000-Zonen a vun de Zones de protection oiseaux bäi. Déi huele mer och zur Kenntnis. An déi soll och mat dësem Vott guttgeheescht ginn. Dat sinn all déi Mesuren, déi haaptsächlech an eisen Tagebaugebidder geholl ginn, fir dass déi Tagebaugebidder dat bleiwen, wat se de Moment sinn. Dass se net en libre évolution sinn, mee dass do och mënschlech Agréffer méiglech sinn, fir se eeben an deem Zoustand ze halen.

Dat selwecht gëllt, an deem Dokument, fir eis Mëschbëscher, déi ekologesch bewirtschaft ginn. Doudegt Holz gëtt leie gelooss. Ofgestuerwe Beem bleiwe stoen, fir d'Spiecht an esou virun. Dozou gehéiert och d'Waasser mat eisen Dëmpelen, déi mer um Bierg hunn, op enger Leemschicht, virun allem am Beräich vum Hattendall. Dat gëllt och fir Bëschlichtungen, dat gëllt och fir Agrarterrainen. Wou mer, wéi Der gesinn hutt um Bierg, och an d'Richtung ginn, alles, wat dem Staat gehéiert oder der Gemeng, an eng Agroforesterie ze goen. Wou erëm Hecken a Beem an de plakege Felder ugeplanzt ginn. A mer sinn natierlech och frou, wann eis Agriculteure mat op dee Wee ginn.

Eng grouss Neierung, déi d'nächst Joer kënnt, de Glyphosat gëtt verbueden. D'Pestizide si scho verbueden. Soudass mer vläicht erëm kënnen hoffen, dass déi Aartevillfalt un Insekten, sech erëm regeneréiert. Déi elo bal um Ausstierwen ass a verschidden Espècen.

Dozou gehéieren och d'Galerien. D'Gestioun vun de Galerien, wann ech dat esou ka soen, mat hiren Agäng, Fliedermaus an esou virun. An et gehéieren och eng ganz Partie Mesures réglementaires dozou, fir déi Gebidder ze schützen.

Do gëtt et natierlech ënnerschiddlech Meenungen, wou a wéini een däerf mam Vëlo nach a gewësse Gebidder erafueren a wat d'Utilisatioun fir de Mënsch ass. Déi fir eis jo muss nohalteg sinn, mee awer och net ze vill restriktiv däerfe sinn. Dass de Mënsch u sech net méi dierft a gewësse Gebidder eran. Mat Virsiicht: jo, awer ouni Récksiicht: nee.

Weider ass e wichtege Punkt doranner ugefouert, wou mer eis als Gemeng mussen och positionéieren, et soll vill Sensibilisatioun ënnert de Leit gemaach ginn, iwwert déi ganz Gebidder. Am Dokument gëtt den Ellergronn als Centre fir dee ganze Minett am Fong virgesinn, zu Esch.

monsieur Leytem, le chef de service. Le plan permet au garde forestier de fixer les travaux à réaliser chaque année.
L'impact du changement climatique sur les forêts luxembourgeoises est important. La chaleur et la sècheresse détruisent les bois. Des arbres comme les sapins, qui ne devraient pas être plantés au Luxembourg, sont détruits par les bostryches. À l'avenir, il faudra donc planter de nouveaux arbres bien que la forêt differdangeoise soit jeune. Il faudra par conséquent choisir des essences résistantes.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)
constate que le conseil communal dispose de deux documents : le plan de gestion 2017-2027 des zones Natura 2000 et des zones de protection des oiseaux. Ces documents reprennent les mesures nécessaires à la sauvegarde des anciennes mines à ciel ouvert. En d'autres termes, les hommes peuvent intervenir pour les préserver.
La même remarque vaut pour les forêts mixtes, qui sont exploitées de manière écologique. Le bois mort est laissé sur place. La forêt differdangeoise comprend aussi des mares sur sol glaiseux et des clairières. La commune et l'État sont en train de planter des haies et des arbres sur les terrains nus. Frenz Schwachtgen espère que les agriculteurs suivront.
Parmi les nouveautés figure l'interdiction du glyphosate. Les pesticides sont déjà interdits. Frenz Schwachtgen espère que cela permettra aux insectes de se régénérer.
Les galeries avec leurs entrées et leurs chauvesouris font aussi partie du plan de gestion. Des mesures règlementaires servent à les protéger. Se pose notamment la question de l'accès aux cyclistes et aux randonneurs. Il faut trouver le juste équilibre entre durabilité et interdiction pure et simple. La prudence est de mise.
Frenz Schwachtgen souligne l'importance de la sensibilisation à toutes ces zones naturelles. L'Ellergronn à Esch-sur-Alzette est considéré comme le centre des Terres rouges. Frenz Schwachtgen trouve cependant qu'une dépendance de l'Ellergronn devrait se trouver à

Differdange et plus précisément à Lasauvage, qui avec ses mines pourrait être un centre de sensibilisation aux zones Natura 2000.
Le plan d'aménagement forestier porte sur 2015 à 2024. Differdange a commencé à réaliser des plans verts en 1992. En 2000, la commune a été une des premières à dresser un plan sur dix ans, c'est-à-dire jusqu'en 2010. Ensuite, il y a eu un trou de cinq ans. Le plan décennal suivant a été mis sur pied en 2015. Il aurait pu être présenté plus tôt, mais des modifications ont été apportées en 2018 et 2019 pour le peaufiner.
Cela signifie que nous nous trouvons à mi-chemin du plan. Entretemps, un inventaire complet des espèces et des biotopes a été réalisé. Le plan a des fonctions écologique, sociale et économique. La fonction économique ne concerne pratiquement pas Differdange à cause de l'exploitation effrénée des années 1990. À l'époque, les arbres avaient de la valeur et ils ont été coupés massivement. Un hêtre ne doit pas forcément être coupé à 120 ans. On peut attendre qu'il ait 140 ou 160 ans. Si on en coupe trop en même temps, il ne restera rien pour les générations suivantes de gardes forestiers.
La forêt differdangeoise est certifiée FSC. Lentement, il faut augmenter la production, par exemple pour le chauffage.
Frenz Schwachtgen se réjouit du fait que le plan permettra à la forêt differdangeoise d'être en bonne santé. Il rappelle que la forêt produit de l'oxygène, neutralise le CO_2, filtre la poussière et régularise le climat. Il s'agit d'un habitat pour l'homme et les animaux.
Frenz Schwachtgen recommande aux conseillers communaux de lire le livre et de regarder le film de Peter Wohl.
Il remercie l'équipe du garde forestier, le service écologique et le spécialiste des arbres.
(Interruption)

Ech perséinlech sinn awer der Meenung, an och vill anerer, dass mer och eng Dependance vum Ellergronn mussen hei an eise Minièresgebidder hunn. Da géif sech, beispillsweis zu Lasauvage, am Lasauvager Dall, déi al Zentral vun de Minnen, vum Tagebau Lasauvage, déi jo elo fräi steet, déi a Gemengenhand ass, ubidden, fir do eng Dependance, zesumme mat der Forstverwaltung, opzeriichten. Wat e Sensibilisatiounszentrum kéint sinn iwwer eis Zon Natura2000.

Zum Plan d'aménagement forestier am grousse Ganzen: Et ass Iech vläicht opgefall, dass dee Plan intituléiert ass 2015 bis 2024. Dat stëmmt och esou. Et war am administrative Beräich net esou schwéier, erëm déi richteg Donnéeën ze fannen, fir de richtegen Historique, deen ech nogekuckt hunn.

Effektiv ass et esou, dass mer 1992 mat engem Plan vert hei ugefaangen hunn, wou all eis Naturgebidder opgelëscht waren, inklusiv de Bestand vun de Bëscher mat den Inventairen. An do hu mir, quasi als éischt Gemeng am Land, am Joer 2000 den éischten Zéngjoresplang kritt. Deen hat bis 2010 gedauert.

Duerno war fënnef Joer e Lach, bedéngt duerch ze vill Aarbecht mat den Zéngjorespläng an der Forstverwaltung, ze vill Aarbecht an ze mann Leit, héchstwarscheinlech. 2015 sollt een neie Plan décennal fäerdeg sinn. En hätt och kënne presentéiert ginn, mee et ass nach ëmmer virun dru gebastelt ginn. An dat huet eebe bis elo gedauert. En ass à jour gesat ginn, bis 2018, 2019, wou en dann elo presentéiert ginn ass.

Dat heescht, mer befannen eis elo an der Mëtt vun engem Plan décennal, ongeféier. Awer d'Haaptsaach ass, et gëtt duerno geschafft. En huet jo dann och de Virdeel, dass en e kompletten Inventaire gëtt vun allen Espècen, wéi den Här Liesch gesot huet, vun alle Biotopen, vun allen Aarten, déi bei eis virkommen. An, virun allem, wéi se gestionéiert ginn.

Ze betoune bleift, dass se souwuel ekologesch, sozial an ekonomesch Funktiounen hunn. Bei eis fält déi ekonomesch Funktioun quasi ganz ewech, well mer an den 90er-Jore Raubbau do uewen haten, mat eise Stämm, déi deemools schonn e gewëssene Wäert haten. Leider hunn déi viregt Generatiounen an och d'Verwaltung dat anescht gesinn an et ass eebe vill do ewechgeholzt ginn, wat guer net hätt dierfen ewechgeholzt ginn.

Wann een den Alter vun enger Buche gesäit, déi muss een net mat 120 Joer haen, déi kann een och mat 140, 150, 160 Joer haen. A wann een der ze vill beieneen ewechhëlt, da bleift fir déi nächst véier Fierschter-Generatiounen näischt méi iwwreg, bleift keen ale Bësch méi, dee Stammholz ka liwweren, fir Notzholz fir d'Industrie a fir de Bau, zum Beispill.

Mir sinn zertifiéiert a kontrolléiert FSC. Dat ass wierklech eng formidabel Saach. Net all d'Bëscher hei am Land hunn dat. An effektiv musse mer eis Produktioun, op 300 Hektar, lues a lues erëm nei opbauen. Ënner anerem déngt dat jo och zum Chauffage vun eisen eegenen Holziewen, déi mer doheem hunn.

Mat dësem Bëschplang vun 2015 bis 2025 wäerte mer gutt iwwer d'Distanz kommen. Ech freeë mech op e gesonden Naturbësch. Ech wëll nach eng Kéier rappelléieren déi Funktioun, déi e Bësch huet fir eist Klima: Sauerstoffproduzent, CO2-Neutralisateur, e Filter, e Stëbsfilter, Klimaregulateur, wann een déi verschidde Prozesser gesäit, déi klimatologesch um Bierg mat der Stad fonctionéieren.

Virun allem e Liewensraum fir Mënsch an Déier, wann een dat esou kann ausdrécken. An och e Wuelgefill. An ech géif Iech recommandéieren, dem Peter Wohlleben säi Buch a säin aktuelle Film iwwert d'Bëscher ze genéissen. An deem Sënn villmools Merci.

Pardon, ech hat nach vergiess: der ganzer Ekipp, dem Fierschter a senge Leit, eisem Service écologique, eisem Bamspezialist vum Service écologique villmools Merci. Well an deem Beräich si si all Dag um Terrain.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Schwachtgen. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. No deene Virriedner, bleift net méi vill ze soen. Ech wëll awer trotzdeem am Numm vun der LSAP Stellung huelen zum Bëschplang. Mee awer och, wéi Der richteg gesot hutt, Här Schwachtgen, zum Plan décennal, wat d'Natura2000-Schutzzon ubelaangt. Fir eis Gemeng och eng ganz wichteg Saach.

De Screening, wéi mer gesinn, ass perfekt. Ech sinn impressionnéiert, muss ech soen. Ech kann deene Leit nëmme felicitéiere fir déi Aarbecht, déi se do gemaach hunn. Dat geet iwwert den Här Leytem, regionale Chef, eise Fierschter an um nationale Plang den Här Armborst. Dat ass eng flott an eng gelongen Aarbecht. Do ass alles dran. D'Essenzen, den Alter vun de Beem, d'Biodiversitéit, d'Fërderung an d'Natura2000 an esou weider. Eng besser Aarbecht kéinte mer net hunn.

Virun allem si mer frou, elo wou ganz vill vun Deponie geschwat gëtt, nëmmen negativ Schlagzeilen, mer hei iwwer 444 Hektar Bësch retten. Wat och Déifferdeng charakteriséiert. Dat gëtt oft vergiess dobaussen, dass mer eng Gemeng sinn, déi e ganz grousse grénge Gürtel ronderëm huet, en Noerhuelungsgebitt ganz no bei eiser Dier. Dat charakteriséiert Déifferdeng, mat deene Biodiversitéiten, mat dem Giele Botter, mat all deenen attraktive Polen, déi och der Erhuelung an dem Tourismus kënnen déngen.

An deem Sënn ass dat heiten eng Aktioun, déi fir Déifferdeng ganz wäertvoll ass. An dat soll och no bausse gedroe ginn. Mir stëmmen zwar haut net driwwer of, mee trotzdeem ass et awer wichteg, dass dee Bericht heihikomm ass. An dass mer domat kënne weisen, wat Déifferdeng nach ass. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. D'Madamm Richartz, wannechgelift.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschter a léif alleguer, nom Här Schwachtgen sengem Discours ass et schwéier, nach eppes dobäizesoen. Ech kéint et och net. Ech wëll besonnesch e Merci ausschwätzen eisem Fierschter, dem Christian Berg, mat sengem Chef a senger ganzer Ekipp. An och der Ekipp vun der Déifferdenger Gemeng e grousse Merci soen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Richartz. Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, den 9. Januar war eise Fierschter mat sengem Virgesetzten am Ale Stadhaus, fir den Zéngjoresbëschplang virzestellen. Hei geet et drëm, dräi Haaptpunkten, d'Ekonomie, d'Ekologie an de soziale Volet, op e gemeinsamen Nenner ze bréngen. Dëst wa méiglech nohalteg a laangfristeg.

Vun deene 444 Hektar Gemengebësch bleiwen ëm 300 Hektar an der Produktioun. Dat sinn ongeféier 68 %. Ëm 10 %, dat sinn 42 Hektar, bleiwen Altholzinselen, wou weider net dra geschafft gëtt. An 102 Hektar ginn net beaarbecht, well se net gutt zougänglech sinn, oder aus aneren Ursaachen net kënne beaarbecht ginn, zum Beispill e Weier, elektresch Leitung an esou weider.

Et gëtt an Zukunft probéiert, e Bësch opzebauen, wou all Altersklass vu Beem gläichermoossen dra vertrueden ass. Dëst ass zu Déifferdeng net esou einfach, well mer e relativ jonke Bësch hunn. Dat bréngt eis awer de Virdeel, dass mer vill Aarbechten hei kënne mat Ardennerpäerd maachen an ee jonke Bësch och vill méi CO_2 späichert.

An Zukunft soll e Mëschbësch entstoen, wou vill verschidden Zorte Beem drastinn, déi manner ufälleg si bei extreeme Wiedersituatiounen. Wa mer un de Fiichtebësch zréckdenken, gesi mer, wat fir Problemer do op eis kënnen duerkommen.

ERNY MULLER (LSAP) *constate qu'il ne reste pas grand-chose à dire concernant le plan décennal, les zones Natura 2000.*
Il se dit impressionné par le travail réalisé. Il félicite tous ceux qui ont élaboré le plan et notamment monsieur Leytem et monsieur Armborst. Le dossier reprend toutes les essences, l'âge des arbres, la biodiversité, le développement de Natura 2000…
Actuellement, Differdange fait souvent la une à cause de ses décharges. Ici, elle sauve 444 ha de forêt. Differdange est une commune entourée d'une ceinture verte, c'est-à-dire d'une zone récréative. Erny Muller mentionne la biodiversité du Giele Botter par exemple, qui attire aussi les touristes.
Le plan de gestion des zones Natura 2000 valorise Differdange. Il faut donc en parler même si le vote d'aujourd'hui ne porte pas sur ce document.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG) *plaisante sur le fait qu'il est difficile de prendre la parole après monsieur Schwachtgen. Elle se contente de remercier le garde forestier Christian Berg, son chef, son équipe et l'équipe de la ville de Differdange.*

GUY TEMPELS (CSV) *rappelle que le 9 janvier, monsieur Berg et son supérieur ont présenté leur plan décennal composé d'un volet économique, un volet écologique et un volet social.*
Sur les 444 ha de forêt disponible, 300 ha servent à la production, 42 ha sont des ilots de sénescence et 102 ha ne sont pas exploitées pour diverses raisons.
L'objectif est de créer une forêt où toutes les catégories d'âge sont représentées. Ce n'est pas évident, car à Differdange, les arbres sont jeunes. Mais il y a des points positifs : les travaux peuvent être réalisés à cheval et les forêts jeunes stockent plus de CO_2.
À l'avenir, la forêt sera composée d'essences mixtes moins sensibles aux conditions climatiques extrêmes. Les sapins ont montré à quel type de problèmes s'attendre.
30 % du bois qui va pousser sera coupé. Cela représente quelque

330 m³. La commune disposera de moins de copeaux de bois que les années précédentes.
Guy Tempels signale que la nature sait s'adapter aux différentes situations. Il remercie le garde forestier et son équipe. Le CSV approuvera le plan.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passe aux commissions consultatives. Monsieur Pol Flesch remplace monsieur Guy Wagner au sein de la commission des sports pour les écologistes.*
(Vote)

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) *passe aux questions.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *propose de les poser dans l'ordre où elles ont été introduites. Elle cède la parole à monsieur Ruckert.*

ALI RUCKERT (KPL) *a une série de questions concernant les décharges. Il ne veut pas y passer deux heures ou engendrer une discussion, car il a d'abord besoin des réponses.*
Le 23 janvier, la Chambre des députés a publié sur son site internet une information selon laquelle la ministre de l'Environnement aurait confirmé qu'une décharge au « Schlakentipp » entre Differdange et Sanem utilisée par ArcelorMittal serait illégale. Il n'existe pas d'autorisation.
La Commission de l'environnement disposerait aussi de deux demandes pour aménager une décharge pour déchets industriels de 2,6 millions de mètres cubes et une décharge pour gravats de 6,7 millions de mètres cubes. La durée de vie prévue est de quarante ans. La décharge aurait une hauteur de 56 m, ce qui aurait une influence sur la circulation de l'air.
Le 13 décembre 2017, le conseil communal de Differdange avait approuvé une opposition formelle à l'aménagement de ces décharges. Le ministère de l'Environnement a-t-il informé entretemps le collège échevinal de l'illégalité d'une des décharges ? Au cours des deux dernières années, le collège échevinal s'est-il informé auprès d'ArcelorMittal ou du ministère concernant

Et wäert nëmmen 30 % vun deem Holz, wat all Joers nowiisst, gehae ginn. Dat sinn ongeféier 330 Meterkibb. Hei musse mer drun denken, dass vill manner Hackschnitzel wäert ufalen, wéi mer an de leschte Joren zur Verfügung hate fir eis Heizungen.

Et gëtt versicht, eise Bësch fir d'Zukunft fit ze maachen. Wat net ëmmer einfach wäert sinn. Trotzdeem soll een ni aus den Ae verléieren, wéi gutt sech d'Natur kann u verschidde Situatiounen upassen. Net ze vergiessen e Merci eisem Fierschter a senge Leit fir hir gutt Aarbecht. D'CSV stëmmt mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. Da géife mer elo zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'aviser favorablement l'aménagement forestier de la forêt communale de Differdange 2015-2024 et le plan de gestion Natura 2000 de 2017-2027.

De siwente Punkt sinn d'Changements au sein des commissions consultatives. Déi gréng Déifferdeng ersetzen an der Sportskommissioun den Här Guy Wagner duerch de Pol Flesch.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.

Da géife mer elo zu de Froe kommen. Mäi Virschlag ass, no Reiefolleg ze verfueren, wéi Der Iech gemellt hutt. Dat wär den Här Ruckert, den Här Meisch, den Här Muller, den Här Diderich an den Här Bertinelli.

Da géif ech dem Här Ruckert d'Wuert ginn.

ALI RUCKERT (KPL):

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll eng Rei Froe stellen iwwert d'Deponien um Schlakentipp. Ech wëll elo keng Diskussioun provozéieren, oder dass mer zwou Stonnen doriwwer schwätzen, well fir dat kënnen ze maachen, muss een Äntwerten hunn op eng Rei Froen. Dofir wëll ech déi Froen, am Virfeld vläicht vun esou enger Diskussioun, stellen.

An enger Matdeelung, déi op der Internetsäit vun der Chamber den 23. Januar vun dësem Joer veröffentlecht ginn ass, geet ervir, dass d'Ëmweltministesch Dieschbourg den 22. Januar an enger Sitzung vun der Ëmweltkommissioun vun der Chamber bestätegt huet, dass eng vun deenen Deponien, déi um Schlakentipp tëschent Déifferdeng a Suessem vun ArcelorMittal benotzt gëtt, illegal ass. Well dozou géif et keng Geneemegung ginn. Dat huet se formell gesot.

Parallel dozou, ass an der Ëmweltkommissioun vun der Chamber och gesot ginn, dass zwee Anträg géife virleien, fir op deem Schlakentipp eng Deponie fir Industriemüll an eng weider fir Bauschutt anzeriichten. Et handelt sech hei ëm eng Bauschuttdeponie mat engem Faassungsverméige vu 6,7 Millioune Kubikmeter an enger Deponie fir Industriemüll vun 2,6 Millioune Kubikmeter an enger Liewensdauer vu 40 Joer.

Entstoe sollt do e Müllbierg vu mindestens 56 Meter Héicht, deen d'Loftstréim zu Déifferdeng ganz staark verännere géif a fräi Loftbeweegungen am Kordall zousätzlech aschränke sollt.

De Gemengerot vun Déifferdeng hat den 13. Dezember 2017 eng formell Oppositioun géint déi zwou geplangten Deponien ausgesprach, mat dem Wuertlaut: „Le conseil communal décide, à l'unanimité, d'approuver l'opposition formelle contre le projet Décharges Aleweier – Cloos/ArcelorMittal, situé sur le territoire des communes de Differdange et Sanem".

Meng Froen: Ass d'Gemeng Déifferdeng wärend deene vergaangenen zwee Jore vum Ëmweltministerium oder vun der Regierung iwwert déi illegal Depo-

nie op hirem Territorium a Kenntnis gesat ginn?

Déi zweet Fro: Huet d'Gemeng Déifferdeng wärend deene vergaangenen zwee Jore Schrëtter bei ArcelorMittal oder beim Ëmweltministerium an der Regierung ënnerholl, fir Informatiounen doriwwer ze kréien, wat alles u gëftegem Industriemüll op där sougenannter historescher Deponie um Schlakentipp ofgelagert ass? An ob an oder wéi déi Deponie sollt sanéiert ginn.

Déi drëtt Fro: Huet de Schäfferot Kenntnis vu méiglechen negativen Auswierkungen duerch Sickerwaasser vun den Deponien – well jo keng Basisdichtung do ass – op d'Waasser vun der Kor oder op d'Grondwaasser? Huet de Schäfferot Virstellungen dovun, wéi an Zukunft d'Belaaschtung vum Waasser ka verhënnert ginn?

An dann déi lescht Fro: Wat gedenkt de Schäfferot ze maachen, fir nei Deponien um Schlakentipp ze verhënneren, ofgesi vun där Opposition formelle, déi den 13. Dezember 2017 gestallt ginn ass?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Wann Der averstane sidd, huele mer d'Froen all der Rei no, wéi Der se gesot hutt. Här Liesch, ech géif Iech d'Wuert ginn.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech probéieren, souwäit mer d'Informatiounen hunn, op d'Froe vum Här Ruckert ze äntweren. Op déi éischt Fro, ob mir woussten, dass do eng Deponie géif bedriwwe ginn ouni Autorisatioun, ass d'Äntwert: Nee, dat wousste mer net.

Dann, wat d'Gemeng ënnerholl hat an deene leschten zwee Joren. Ech mengen, en Deel vun der Äntwert hutt Der an Ärer Ried schonn agebaut gehat. Éischtens hu mer mat der Gemeng Suessem en Expert chargéiert, den Dokter Jacques Mersch, fir eis an deem Dossier ze begleeden an ze beroden. Dat hu mer jiddefalls gemaach. Wéi déi Autorisatioun, dee Projet erakomm ass, mat där Deponie vun Terres inertes an deem anere Projet, hate mer eis jo mat enger Opposition formelle gewiert dogéint. Dat hu mer ënnerholl gehat.

Mir sinn och an engem Comité de pilotage, wou d'Arcelor, d'Ëmweltverwaltung, d'Waasserverwaltung, de Mouvement, d'Gemeng Déifferdeng an d'Gemeng Suessem vertrueden sinn. Do si mer ëmmer present, wou mer och Froe stellen.

Natierlech, iwwert déi Deponie konnte mer keng Fro stellen, well mer dat net woussten. Mee mir hunn awer ëmmer do gesot – an dat hate mer an der Opposition formelle jo och argumentéiert –, dass mer drop halen, dass ier eppes Neies do sollt entstoen, fir d'éischt misst en Inventaire gemaach gi vun deem, wat dann do ass.

An et misst e Konzept ausgeschafft ginn: Wéi geet een an Zukunft mat deem, wat do ass, ëm. An eventuell, wann nach sollte Saachen dohinnerkommen, wéi geet ee mat deem Ganzen ëm? Dat ass dat, wat mir bis elo ëmmer gemaach hunn an dorobber gepocht hunn.

D'Fro vum Grondwaasser, ob do Saachen an d'Grondwaasser gelaf sinn. Déi Analyse vum Grondwaasser hu mer net. Déi Miessunge mécht jo d'Waasserverwaltung. Déi mécht d'Gemeng net.

Dat eenzegt, wat mir eng Kéier gemaach haten, dat ass op der Héicht vun der Kronospan, hate mer gemierkt, dass do Sickerwaasser austrëtt. An do hate mer mat der Gemeng Suessem zesummen Analyse maache gelooss, déi mer der Ëmweltverwaltung zoukomme gelooss haten. Dat hate mer gemaach.

Mir hunn awer keng Kenntnis doriwwer, ob do eppes sollt an d'Grondwaasser gelaf si respektiv an d'Kor. Woubäi ee muss soen, bei der Kor ass et esou, dass mir jo duerch dee rezente Brand bei Kronospan eng Reunioun hate mam Comité de pilotage, wou och d'Waasserverwaltung do war a gewisen huet, wéi de Verlaf vun deem Brand sech an der Kor entwéckelt huet. Dat heescht, do war d'Kor wierklech extreem ënnersicht ginn op all d'Schadstoffer. An do war awer näischt dran. Soudass ee mol ka soen, dass zumindest an der Kor vu Gëftstoffer näischt dran

les produits toxiques qui seraient déversés dans la décharge industrielle ? La décharge sera-t-elle assainie ? Le collège échevinal est-il au courant d'un impact négatif des eaux d'infiltration sur la Chiers ou la nappe phréatique ? Que compte faire le collège échevinal pour empêcher l'aménagement de décharges supplémentaires au « Schlakentipp » ?

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *cède la parole à monsieur Meisch pour la question suivante.*

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) *propose de répondre d'abord à la question de monsieur Ruckert.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *constate que monsieur Bertinelli est sorti.*
(Interruption)

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *explique que le collège échevinal ne savait pas qu'une décharge était exploitée sans autorisation.*
Au cours des deux dernières années, Differdange et Sanem ont chargé un expert, le docteur Jacques Mersch, de les conseiller. Le collège échevinal a réagi à la demande d'aménagement des décharges en faisant voter une opposition formelle.
La commune de Differdange est par ailleurs représentée au sein d'un comité de pilotage avec ArcelorMittal, l'Administration des eaux, le Mouvement écologique et la commune de Sanem. Mais elle n'a pas posé de questions concernant la décharge illégale, car elle n'était au courant de rien. En revanche, elle s'est opposée à la création d'une nouvelle décharge, elle a demandé un inventaire de ce qui existe et a voulu savoir ce qui était prévu par la suite.
Le collège échevinal ne dispose pas d'une analyse de la nappe phréatique. C'est l'Administration des eaux qui procède aux mesures. Il y a eu une exception cependant : avec la commune de Sanem, la Ville de Differdange a fait des mesures à proximité de Kronospan et a fait parvenir les résultats à l'Administration de l'environnement. Georges Liesch ne connait pas l'im-

pact sur la Chiers. Mais après l'incendie de Kronospan, la Chiers a été analysée et il n'y avait rien de particulier à signaler.
Avant de donner une autorisation pour de nouvelles décharges, la Ville de Differdange a deux requêtes. Elle demande un inventaire de ce qui existe et exige un concept concernant la gestion de ce qui existe et de ce qui va venir.
Le dossier avance. Des entrevues ont eu lieu avec la ministre de l'Environnement, la commune de Sanem et ArcelorMittal. L'article aura donc eu un effet positif : le dossier avance et les partenaires essaient de résoudre le problème.
Georges Liesch ajoute qu'il n'a pas d'autres informations.

FRANÇOIS MEISCH (DP) *explique que la presse lui pose souvent des questions concernant la participation à hauteur de 36 000 € de l'ancien bourgmestre aux travaux de réparation d'une route à proximité de sa propriété. Le montant total des travaux se monte à 130 000 €. Une facture a-t-elle été émise ?*
En ce qui concerne l'affaire Vecchiola, l'ancien bourgmestre a été condamné en nom personnel à cause d'un permis de construire. François Meisch ne comprend pas pourquoi, mais il ne connait pas les détails du dossier. Récemment, une entrevue entre l'ancien bourgmestre, le collège échevinal et l'avocat de la commune a eu lieu. La commune a-t-elle aussi été condamnée ?

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *répond qu'une facture doit être envoyée. Mais il ne sait pas si elle est déjà partie.*
L'autre affaire est bizarre. Une entrevue a effectivement eu lieu. Mais Georges Liesch ne tient pas à en révéler les conclusions.
La Ville de Differdange n'a pas été condamnée. Il s'agit d'une affaire en nom propre. Le collège échevinal essaie de comprendre de quoi il en retourne avec l'avocat de la commune. C'est une situation bizarre pour chaque élu. Georges Liesch ne peut pas en dire plus dans la séance publique.
(Interruption)

ass. Wann een dat esou kann interpretéieren.

Dir schreift, wat de Schäfferot wëll maachen, fir nei Deponien ze verhënneren. Ech mengen, dat hunn ech scho beäntwert. Dat hu mer hei gesot gehat. Ier dass d'Gemeng Déifferdeng nach eng Kéier eng Autorisatioun géif ginn, fir eng eventuell nei Deponie, déi vläicht da soll geneemegt ginn, zielen nach ëmmer déi zwee Punkten: Mir hätte gär een Inventaire vun deem wat do läit. A mir hätte gär e Konzept, wéi mer mat deem, wat do läit a wat da soll bäikommen, ëmginn.

Dat ass dat, wat mer bis elo gemaach hunn. Do schéngt jo elo Beweegung an deen Dossier ze kommen. Do sinn elo Entrevuë mat der Ëmweltministesch, mat der Gemeng Suessem, mat eis zesummen a mat Arcelor. Wou mer geruff ginn, fir doriwwer ze schwätzen an Informatiounen ze kréien. Dat leeft. Do kënnt elo Beweegung an den Dossier. Dat ass zumindest emol positiv, wat dee ganzen Artikel, deen do erauskomm ass, mat sech bruecht huet, dass elo awer Beweegung an deen Dossier kënnt a jiddweree sech hei beweegt, dass dee Problem emol endlech hei opgeschafft gëtt.

Dat sinn d'Informatiounen, déi mir aktuell hunn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Da géife mer bei déi nächst Fro kommen. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci. Ech ginn oft drop ugeschwat, och vun der Press zum Deel: Gouf fir déi 36.000 Euro Participatioun vum fréiere Buergermeeschter un dem Gesamtmontant vu bal 130.000 Euro betreffend d'Astandsetzung vun engem Wee bei seng Proprietéit, eng Rechnung ausgestallt? Wa jo, gouf déi bezuelt?

Dat ass déi eng Fro. Soll ech déi zweet och direkt stellen?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

An der sougenannter Affär Vecchiola gouf eise fréiere Buergermeeschter anscheinend au nom personnel verurteelt wéinst enger Baugeneemegung. Wat ech perséinlech net richteg novollzéie kann. Mee ech hunn den Dossier net virun Aen. Viru Kuerzem war an där Affär eng Entrevue tëschent dem Schäfferot, dem fréiere Buergermeeschter an dem Gemengejurist. Dofir meng Fro: Gouf d'Gemeng an där Affär och verurteelt? Oder huet d'Gemeng iergendeppes aneschters domadder ze dinn a gëtt och belaangt?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Zu der Rechnung kann ech elo näischt soen. Dat misste mer nofroen. Mee mir hunn decidéiert gehat, dass eng Rechnung erausgeet. Ob déi elo erausgaangen ass a bezuelt ass, kann ech net soen, am Moment. Misste mer nofroen.

Déi aner Affär, effektiv hate mer eng Entrevue, et ass e bëssen eng komesch Situatioun, wou een am Fong muss analyséieren. Duerfir war se och am Schäfferot. Ech géif alt emol soen, déi war am Schäfferot, déi war also intern. Do wëll ech elo net soen, wat d'Konklusiounen dovunner sinn, mee et ass eng ganz komesch Affär.

Fir op Är Fro ze äntweren: D'Gemeng ass net op Schuedenersatz verklot ginn. Et ass also wierklech en nom propre hei. Mir sinn nach amgaang, eis do schlau ze maachen, och mat eisem Jurist. Well dat do schéngt eis dach awer eng gelungen Affär ze ginn, wann dat esou ass. Also dat fannen ech fir all gewielte Member vun engem Schäfferot, inklusiv Buergermeeschter, wann dat esou ass, eng ganz gelungen Affär. Mee am Moment kann ech hei an der ëffentlecher Sëtzung net méi dozou soen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Eng nächst Fro wier da vum Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, fir d'Wuert. Meng Fro betrëfft eis Aktivitéiten am Beräich vun der Industriekultur. Ech mengen, dat ass eppes, wou mer elo erëm d'Zeitunge voll schreiwen. Mir hunn och e wichtegen aktive Partner hei am Fond-de-Gras, wou mir selwer matengagéiert sinn.

Ech wollt den Tourismusschäffe froen, de Minett Park soll nei Statute kréien, als ASBL. D'Assemblée générale, déi ass normalerweis am Mäerz. An ech hunn héieren, d'Presidence sollt changéiere vun där ASBL. Déi soll iwwerholl gi vum Ministère de la Culture an net méi vun deenen zwou Gemengen, wéi dat bis elo war. Dat heescht d'Gemeng Déifferdeng an d'Gemeng Péiteng, alternativ, jeeweils fir dräi Joer.

Mir als LSAP an ech perséinlech fannen dat net an der Rei. Well ech mengen, dass mir terribel Engagementer gewisen hunn, vun deenen zwou Gemengen, déi dat Ganzt opgebaut hunn. Ech kann zwar novollzéien, dass och de Kulturministère a Sites et Monuments och do finanziell tatkräfteg mat dru bedeelegt sinn. Mee ech mengen nach ëmmer, dass mir missten de Lead behalen an der Presidentschaft vun där Associatioun. Och am Interêt vun alle Benevollen an Associatiounen, déi nach do sinn. Well ouni déi géif de Fond-de-Gras warscheinlech net funktionéieren.

Wéi ass d'Positioun vun eiser Gemeng? Mir kënne jo nëmme fir eis schwätzen. Dass dat eng Kéier definitiv gekläert gëtt. Well d'Zäit leeft fort.

Am selwechten Zesummenhang, kann den Tourismusschäffen eis soen, ob eppes Konkretes scho virläit, wat de sougenannte Besucherzentrum ubelaangt fir de Fond-de-Gras? Well och dat ass jo e Sujet am Kader vun där Industriekultur-Organisatioun, dat ass och eng ASBL, wou virun zwee Deeg, mengen ech, eng Entrevue mat der Ministesch war, wou déi an d'Liewe geruff ginn ass, déi ASBL. Wou ëmmer erëm geschwat gëtt iwwert déi Wichtegkeet vun de Besucherzentren an zemools elo, wou nach warscheinlech Zäitzeien do sinn, fir esou Saache kënnen opzebauen. Wa mer do nach laang waarden, da sinn déi net méi do. An da gëtt et ëmmer méi schwéier.

A meng zweet Fro geet ëm den AS-Terrain. Déi wär dann un den Här Ulveling, deen ass elo net do, mee Dir kënnt em dat da soen. Mir hate virdru gesot, mir hu keng Responsabilitéit. Mir hunn awer Responsabilitéit iwwert dat, wéi deen Terrain elo ausgesäit. Dass do eng Deponie heiansdo entsteet, dass do egal wat dohi gehäit gëtt. Dass do owes ëmmer méi Autoe stinn. An esou weider.

Also ech mengen, do misste mer awer duerno kucken, nom Rechte kucken, dass dat ophéiert. Well d'Leit, déi direkt dobäi wunnen, déi beschwéiere sech, well se emmerdéiert ginn, well dauernd Autoen do eroffueren, well se do stinn an iwwert den Zoustand allgemeng, dass dat eng Deponie ass an net méi eng propper Plaz.

Dass mer do Aktioune sollten an d'Wee leeden, a wat fir Aktioune mer eis do virstellen? Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Ech géif d'Wuert direkt weiderginn un den Här Mangen.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Dat mam Minett Park ass e leedleche Problem, wou mer säit engem Joer – ech hat dat jo schonn a menger Budgetsried ugeschwat –, diskutéieren, fir d'Statuten ze änneren. De Problem läit, ënner anerem, doranner, wien d'Presidentschaft an alles soll iwwerhuelen. An och wéi vill Leit sollen dra vertrueden sinn. Déi vum Ministère hu relativ vill Representanten dran. Vun der Gemeng manner. Do si mer amgaang ze diskutéieren, fir do eng vernënfteg Léisung ze fannen. Datt dat equitabel soll oflafen.

Iwwert d'Presidentschaft ass am Moment nach näischt decidéiert ginn. Also d'Statute sinn net fäerdeg. Ech hoffen – mir hu muer eng Sëtzung –, datt mer, op gudde Wëlle vun deene Leit, eng Léi-

ERNY MULLER (LSAP) *a une question concernant les activités industrielles.*
Le Minett Park aura de nouveaux statuts. L'assemblée générale aura lieu en mars. Le ministère de la Culture va prendre la présidence de l'ASBL. Jusqu'à présent, les communes de Differdange et Pétange s'alternaient tous les trois ans.
Erny Muller n'est pas d'accord avec cette décision, car les communes ont mis sur pied ce site et on montré leur engagement. Il est vrai que le ministère de la Culture et l'Administration des sites et monuments participent aux frais. Mais les communes devraient diriger les opérations dans l'intérêt des bénévoles et des associations.
Quelle est la position de la Ville de Differdange ?
Où en est le centre pour visiteurs du Fond-de-Gras ? Un tel centre serait extrêmement important pour la culture industrielle, et ce d'autant plus qu'il existe encore des témoins vivants pouvant organiser ce projet. Plus on attend, plus ce sera difficile.
En ce qui concerne le terrain de l'AS, c'est l'État qui s'occupe du réaménagement. Mais la commune doit tout de même veiller à ce que le site ne devienne pas une décharge. Le soir, des voitures y sont garées. Les riverains commencent à se plaindre. Il est temps que la commune fasse quelque chose. Quelles mesures le collège échevinal a-t-il l'intention de prendre ?

ROBERT MANGEN (CSV) *rappelle que les discussions concernant le Minett Park ne datent pas d'hier. Il s'agit notamment de décider à qui reviendra la présidence et combien de représentants comptera chaque partenaire. Actuellement, le ministère en a beaucoup et les communes nettement moins.*
Aucune décision n'a été prise quant à la présidence. Les statuts ne sont pas prêts. Robert Mangen est en train de perdre patience. Car si tout le monde y mettait un peu du sien, on aurait déjà trouvé une solution.
Pour ce qui est du centre pour visiteurs, c'est en cours. Le ministère de l'Environnement est en train de demander toutes les autorisations.

Une entrevue avec la ministre de la Culture aura lieu en mars pour discuter de tout cela.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *rappelle que monsieur Muller a posé une question à monsieur Ulveling concernant le terrain de l'AS.*

ERNY MULLER (LSAP) *constate que monsieur Ulveling a parlé d'une situation difficile. Mais les riverains ont rapporté à Erny Muller que le site devient une décharge. Les gens y jettent n'importe quoi. Il y a de plus en plus de voitures de jour comme de nuit. Il faut trouver une solution.*

TOM ULVELING (CSV) *rappelle qu'il rencontrera l'Administration des ponts et chaussées la semaine prochaine.*
Il est prévu d'aménager une piste de pétanque et des jeux pour les enfants sur ce site. Les travaux seront réalisés par l'État dans le cadre de la construction de la rocade. La commune finance les arbres et les jeux tandis que l'État s'occupe du reste. Mais entretemps, un nouveau chef de service a repris le projet, ce qui explique les retards. En tout cas, Tom Ulveling est en train de perdre patience.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *constate que le collège échevinal a déjà répondu à une de ses questions.*
Il voudrait savoir si certaines associations, qui organisaient des manifestations dans le Hall de la Chiers, ont du mal avec les tarifs du Hall O. Il a entendu parler du Foyer de la femme. Y a-t-il eu des problèmes? Que se passe-t-il avec les tarifs? Comme l'a souligné monsieur Bertinelli tout à l'heure, il ne faudrait pas que les associations arrêtent d'organiser des évènements et que la commune soit obligée d'intervenir, ce qui lui couterait bien plus cher.
Gary Diderich passe à un rapport d'activités de la bibliothèque. Ce rapport n'a pas été mentionné lors de la présentation du bilan culturel. Gary Diderich souligne l'importance de la bibliothèque — notamment pour les enfants. Existe-t-il des statistiques concernant « Bib fir Kids »? Il s'agit d'une séance de

sung fannen, no engem Joer. Ech hu vill Gedold. Mee meng Gedold geet awer iergendwann och zu Enn. Dat wëll ech awer hei och eng Kéier betounen. Ech mengen, wa jiddwereen e bësse gudde Wëllen an där Affär géif matbréngen, dann hätte mer déi Saach scho laang geléist.

Besucherzentrum, dat leeft. Do sinn Demanden, déi musse gefrot gi vum Ministère de l'Environnement an alles. An den Här Sanavia vu Sites et Monuments, ass jo och am Minett Park, an der ASBL dran. Ech mengen, datt dat och vläicht méi einfach ass, fir do eng Léisung ze fannen, fir d'Léisung vum Besucherzentrum.

Am Mäerz hu mer eng Entrevue mat der Ministesch vun der Kultur, fir iwwert déi Problemer ze diskutéieren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Et war nach eng Fro un den Här Ulveling gestallt ginn, wat den AS-Terrain ubelaangt. Här Muller, kéint Dir déi widderhuelen?

ERNY MULLER (LSAP):

Nach eng Kéier ganz kuerz. Dir hat jo gesot, dass et en onméiglechen Zoustand ass, mee déi Leit, déi do wunnen, déi ugrenzen un den AS-Terrain, déi soen eis, dass do souguer Deponien entstinn, dass egal wat dohigehäit gëtt, dass ëmmer méi Autoen nuets do stinn oder och am Dag souguer. Do misste mer eppes maachen, dat Néidegt maachen, fir deem Ganze Remedur ze schafen. Wat een do kéint maachen?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci. Dat wäerte mer natierlech maachen. Wéi gesot, mir hunn d'nächst Woch eng Reunioun, hat ech Iech ugangs gesot, mat Ponts et Chaussées. An ech drängen drop, dass mer do virukommen. Well éischtens hu mir do e ganze Koup Leit e Petanquesterrain versprach an de Kanner Spillplazen. An ech hätt gär, dass dat dohinnerkënnt.

Ech wëll net, dass mer do nach – mee et ass, wéi gesot, de Staat, deen dat als Kompensatioun gemaach huet. Deemools, wéi mer d'Rocade gebaut hunn, hu si sech engagéiert, eis dat anzeriichten. Mir musse just, ech mengen, et ass iergendwéi en Deal gewiescht, dass mir d'Beem an d'Spiller bezuelen a si maachen de Rescht alles.

Si hunn dat e bësse verpennt. Ech war elo dräimol hannendrun. A wéi ech do fäerdeg war, ass dann en Neien noméiert ginn, dee Chef iwwert dee Service ass. An dee muss sech warscheinlech erëm aschaffen. Ech weess et och net. Mee jiddefalls an zéng Deeg hu mer eng Reunioun mat Ponts et Chaussées, fir dat do ze klären. Well effektiv geet mer dat och op den Nerv. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dann ass déi nächst Fro den Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hunn zwou Froen. Eng Fro huet sech am Fong erleedegt. Ech hunn elo matkritt, dass dat sech gereegelt huet. Déi eng Fro ass dat, wat den Här Bertinelli ugeschwat huet bei de Kommunikatiounen, d'Präisser vum Hall O. Ob do, in der Tat, Associatioune sinn, déi soss Manifestatioune gemaach hunn an der Hall de la Chiers oder soss an eise Lokalitéiten an elo Schwieregkeete kréie bei den neien Tariffer. Ech weess op d'mannst emol vum Foyer de la Femme, mat hirem Basar, dass déi Tariffer fir si problematesch sinn.

Ob een, vläicht aus dem Service, weess, ob do Ufroe waren an eebe Problemer do sinn. A wou déi Problemer si bei den Tariffer, wou mer vläicht eeben net richteg opgepasst hunn hei. Well ech averstane si mat deenen Aussoen, déi den Här Bertinelli gemaach huet, dass mer sollen oppassen, wa Manifestatioune vun eisen Associatiounen organiséiert ginn, dass déi net op eemol net méi organiséiert ginn a mir herno quasi fir vill méi deier Sue selwer musse Saachen organiséieren, well op eemol Saachen eis verluer ginn, hei an der Gemeng. Dat ass déi eng Fro.

Déi aner Fro ass: Am Dossier war e Rapport d'activité vun der Bibliothéik,

dee war schonn am Dossier. Net wéi de Bilan culturel. An deen ass elo guer net erwäänt gi bei de Kommunikatiounen. Do wollt ech froen, firwat. An ob et vläicht verschidde Saache gëtt, déi zur Bibliothéik vläicht ze soe wären. Op jidde Fall muss ech soen, dass ech dat ganz wichteg fannen, dass mer déi Bibliothéik hunn. Dass dee Rapport d'activité sech weise léisst, an dass et wierklech eng flott Bibliothéik ass. An och d'Kanner, awer net nëmmen d'Kanner, dovunner profitéieren.

Fir de Rapport d'activité, wa mer scho bei esou engem Bilan sinn, an zum Deel bei Chifferen, wollt ech froen, ob et Statistike gëtt iwwert de Bib fir Kids, deen eemol am Mount, samschdes, de Kanner d'Méiglechkeet gëtt, eng Geschicht verzielt ze kréien an duerno eppes Klenges ze bastelen. Wat ëmmer ganz gutt ukomm ass. An och nach ëmmer gutt ukënnt. Et ass just de Reservatiounssystem geännert ginn. An ob et och fir d'Prêten, am Fong ass dat jo informatesch, ob et do och Statistike gëtt, wéi vill Prête vun deene Leit, déi ageschriwwe sinn, dann och erausginn? Dat ware meng zwou Froen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech kann Iech op dat eent äntweren. Dass mer eis bewosst sinn, dass mer an der Tarifikatioun verschidde Saache sollen änneren. Notamment haaptsächlech, wou iergendwéi eppes organiséiert gëtt, fir déi Suen integral enzwousch hin ze spenden. Dass et net ka sinn, dass mer de Leit méi Suen ofhuele wéi dat, wat se erakréien, fir ze spenden. Dofir si mer amgaang ze kucken, wéi een dat ka maachen. Well mer wëllen natierlech och keng Abusen hunn.

Dat heescht, wa jiddwereen elo seet, mir hunn e Fest hei, fir just eppes ze spenden, da musse mer iergendwéi ee Seuil awer drasetzen, wou mer soen, ab esou vill. Mir sinn amgaang, dat ze kucken. Mee mir sinn eis dat bewosst. A mir wäerten dat änneren. An deenen nächste Méint wäerte mer erëm eng Kéier heihinner kommen, fir verschidden Upassungen ze maachen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Mangen, wannechgelift.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dat ass e bëssen ënnergaange mat deene ganze Saache vu virdrun. De Rapport, ech wollt Iech dee virleeën, en ass effektiv interessant. Ech ginn elo net op alles an, wat mer do representéieren.

Et sinn ongeféier 2.000 Leit ageschriwwen, déi deelweis nach aktiv sinn. No zwee Joer, wann een net méi an d'Bibliothéik geet, gëtt een erëm ausgeschloss. Da muss ee sech erëm nei aschreiwen. Dat sinn d'Dispositiounen aus den nationale Bibliothéiken hei am Land, wou déi bestinn. Dat wende mer och hei un.

Ënnert deenen 2.000 sinn ëm déi 1.400 Leit, déi Bicher, CDen oder DVDe lounen. A se och erëm sollen zréckbréngen. Do gëtt heiansdo e bësse gelappt. Ech wëll do en Appell maachen, well dat kascht ëmmer erëm Suen, fir d'Leit dann unzeschreiwen, wa se et vergiessen. Einfach en Uruff maachen a soen, mir bréngen d'Bicher oder dat, wat se ausgeléint hunn, spéider erëm laanscht. Datt mer net ëmmer erëm mussen d'Leit uschreiwen. Dat kascht Aarbechtszäit an Timberen.

Vum Personal hier ass d'Responsabel d'Madamm Jil Weiler. Déi këmmert sech ganz gutt, ass ganz dynamesch. Ech freeë mech doriwwer. Et ass eng Ekipp vu siwe Leit. Den Här Yvo Lederle, dee geet an zwee Méint an d'Pensioun. Et ass och een, dee ganz aktiv an der Bibliothéik geschafft huet. Ech soen him elo schonn, am Viraus, Merci fir déi Aarbechten, déi e gemaach huet. A wënschen him eng schéi Retraite.

D'lescht Joer hate mer 600 Inscriptiounen. Iwwer 60 % vun deene Leit sinn ënner 30 Joer. Also et ass schonn e jonke Publikum, deen dohinnergeet. Dat freet mech.

D'Plaz vun der Bibliothéik ass ganz interessant. Well vill Kanner an d'Museksschoul ginn, profitéiere se, fir an d'Bibliothéik ze goen. Souwuel d'Kanner wéi d'Erwuessener. Dat ass eng *lecture pour les enfants après laquelle les enfants font un peu de bricolage. Le système de réservation a changé.*
Comme les prêts sont informatisés, Gary Diderich se demande s'il existe des statistiques. Combien de prêts les membres de la bibliothèque effectuent-ils ?

TOM ULVELING (CSV) *est conscient que la tarification doit changer. Il est intolérable que dans le cas de manifestations humanitaires, la location de la salle coute plus que ce que les associations rassemblent en dons. D'un autre côté, le collège échevinal veut éviter les abus. Il cherche donc une solution.*
En d'autres termes, si quelqu'un organise une fête pour collecter des dons, le collège échevinal veut fixer un seuil pour la location. Il est conscient du problème et fera une proposition au conseil communal prochainement.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) *cède la parole à monsieur Mangen, qui est responsable de la bibliothèque.*

ROBERT MANGEN (CSV) *voulait effectivement présenter le rapport de la bibliothèque, car il est important. Sans entrer dans les détails, il explique que 2000 personnes sont inscrites à la bibliothèque. Si un membre n'effectue pas de prêt pendant deux ans, il doit se réinscrire comme c'est le cas dans toutes les bibliothèques nationales.*
Sur les 2000 membres, quelque 1400 empruntent régulièrement des livres, CD et DVD. Certains ne ramènent pas les emprunts à temps, ce qui entraine des frais de gestion supplémentaires. Si quelqu'un oublie de rendre un livre, il n'a qu'à appeler pour prévenir.
Madame Jil Weiler est responsable de la bibliothèque. Elle travaille bien et est dynamique. L'équipe comprend sept collaborateurs. Monsieur Yvo Lederle part à la retraite dans deux mois. Robert Mangen le remercie d'ores et déjà pour le travail qu'il a réalisé.
L'année dernière, la bibliothèque a compté 600 nouvelles inscriptions. 60 % ont moins de 30 ans des nouveaux inscrits.

Le site est intéressant, car les enfants se rendant à l'école de musique peuvent aussi profiter de la bibliothèque.
« Bib fir Kids » est un succès et pourra être développé.
Bibliomobil est moins utilisé qu'avant. Le projet se destine aux personnes âgées peu mobiles. Celles-ci peuvent appeler la bibliothèque et demander une livraison à domicile effectuée par le CIGL. Robert Mangen annonce que des flyers seront distribués toutes boites pour faire de la publicité pour ce service gratuit.
Le Marché aux livres aura lieu au Hall O. L'objectif est de rendre cette manifestation plus amusante et plus conviviale. Un concept est en train d'être élaboré.

FRED BERTINELLI (LSAP) *demande comment sont gérés les bollards pour accéder au Hall O. Il s'y est rendu récemment à l'assemblée générale du Foyer de la femme. D'autres conseillers communaux étaient là également. Les gens sonnaient. Certains étaient en fauteuil roulant et n'arrivaient pas à entrer. Dans ce type de situations, il faut ouvrir les accès ou s'assurer que des collaborateurs de la commune les ouvrent au besoin.*
Fred Bertinelli sait qu'une femme en fauteuil roulant a fini par rentrer chez elle. Autrement, son accompagnateur aurait dû la faire descendre devant la porte, aller garer la voiture dans le parking, revenir, sonner… Fred Bertinelli s'est rendu sur place, mais n'a rien pu faire, car personne n'est venu ouvrir.
Une solution est nécessaire pour la fête des retraités. Les gens doivent pouvoir descendre devant l'entrée. C'est la raison pour laquelle les bollards ont été installés.
Fred Bertinelli ne sait pas pourquoi la sonnette ne fonctionne pas, mais en tout cas, les gens étaient énervés. La commune sait qu'une manifestation du Foyer de la femme attire beaucoup de monde, y compris des personnes âgées. Elle doit donc assurer une présence sur place.
Fred Bertinelli répète que la sonnette ne fonctionnait pas. Les gens doivent pouvoir accéder au bâtiment plus facilement.

Win-Win-Situatioun souwuel fir d'Museksschoul wéi fir ons Bibliothéik.

Bib fir Kids, dat ass e Succès. Dat wëlle mer op jidde Fall weiderféieren. Dat kann een eventuell nach ausbauen. Dat wäerte mer gesinn am Laf vum Joer.

Ech wëll ee Punkt erausschielen, de Bibliomobil. Dee gëtt déi lescht Zäit net méi esou benotzt. Dat ass fir eeler Leit, déi sech net gutt deplacéiere kënnen. Do ass eng Damm vun der Bibliothéik, déi mam Auto vum CIGL gefouert gëtt, déi da bei d'Leit heem fiert. D'Leit kënnen an der Bibliothéik uruffen a soen, wat fir eng Interesse se hu vu Bicher. Déi hëlt eng gewëssen Unzuel vu Bicher mat a bréngt se heem. Da kënnen d'Leit wielen, wat se wëllen. An dann och eng Demande maache fir aner Sujeten.

D'Leit sollen dat roueg benotzen, déijéineg, déi net méi esou mobil sinn. Déi Méiglechkeet hu mer. Mir wäerten och nach eng Kéier Flyeren erausbréngen, och en Toutes-boîtes maachen, fir d'Leit erëm drun ze erënneren. Et ass gratis. Et kascht näischt. Se solle roueg vun där Méiglechkeet Gebrauch maachen.

De Marché aux livres wäert am Hall O stattfannen. Et ass eng aner Plaz, wou mer dat och wëllen e bësse méi convivial an och méi lëschteg gestalten. Dat Konzept si mer amgaang auszeschaffen.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangen. Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hunn eng kleng Fro un, ech weess elo net méi, wien zoustänneg ass, ech mengen, den Här Aguiar. Den Hall O, wéi dat fonctionéiert, fir dee Wee opzekréien, wou déi Pollere stinn, fir erof bei d'Hal ze kommen.

Et war elo déi zweete Kéier, wou ech dohinner war, fir op eng Generalversammlung. Et war déi lescht, wou nach e puer Kolleegen aus dem Gemengerot dobäisouzen, dat war déi vum Foyer de la Femme, wou uewen zou war. Wou d'Leit geschellt a geschellt hunn, wou vill Leit mam Rollstull oder ganz schlecht ze Fouss waren, déi sech do geplot hunn, fir ënnenhinner ze kommen.

Ech mengen, wa mer eppes wéi dat dote maachen, da muss och op sinn an da musse Leit do si vun der Gemeng, déi opmaachen. Et ware Leit, déi esou schlecht ze Fouss sinn, et war souguer eng Damm, déi ëmgedréit huet mam Rollstull, déi erëm heem gaangen ass, well se net dohinnerkomm ass. Da muss dann déi Fra déi Fra mam Rollstull do erausloossen, mam Auto an d'Parkhaus fueren. Déi Fra waart dann do, da muss déi schellen, da geet d'Schell net oder et kënnt keen.

Dat war elo schonn e puermol, ech si selwer dohinnergaangen, well d'Fra net weiderkomm ass, fir ze schellen. Wäit a breet huet kee sech gemellt. Ech konnt näischt do maachen. Mee dat sollt awer net virkommen. Well mer jo och do wëllen eis Rentnerfeier an déi Feiere fir eis eeler Matbierger maachen, da muss dat awer fonctionéieren. Well de Wee ass wäit fir eng eeler Persoun, bis dorower bei d'Hal. An da soll dat och fonctionéieren. Datt d'Leit mam Auto do kënnen ofgeliwwert ginn an dann erëm mam Auto eraus.

Duerfir sinn déi Pollere jo och gemaach ginn. Also do muss een awer Uecht ginn. Net, datt dat erëm ee Joer dauert, ier dat richteg fonctionéiert. Ech weess net, ob déi Schell net geet, déi do ass. Et ass déi ganzen Zäit drop gedréckt ginn. Si ass net gaangen. Dat ass awer eppes, wat d'Leit enorm iergert a wat iwwerflësseg ass. Wann ee weess, datt eng Manifestatioun ass, zemools eng Generalversammlung wéi déi doten, wann ee weess, datt beim Foyer de la Femme vill Leit kommen, och méi eeler Leit kommen, datt dann awer een do ass, deen do opmécht.

Ech weess elo net, ob d'Schell net fonctionéiert huet, ob dat de Grond ass. Ech kann dat net soen. Mee et huet op jidde Fall net fonctionéiert. An dat ass net ganz gutt fir eis, wann d'Leit dann do mussen um Wee dräimol stoe bleiwen, fir dann do eraus. Duerfir wëll ech dat hei soen, datt ee kuckt, datt dat d'nächste Kéier funktionéiert. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Aguiar, wannechgelift.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Här Bertinelli, ech huelen dat sécher mat. Sou vill ech weess, kritt normalerweis den Organisateur e Schlëssel. A mat deem Schlëssel trëppelt e bis bei de Piquet an da muss en drécken, dass de Piquet erofgeet. Normalerweis ass et um Organisateur vum Veräin, fir d'Responsabilitéit ze huelen. Dat weess ech.

Mee wéi gesot, ech huelen dat mat. An ech kucke mat eise Servicer, wéi mer dat besser maache kënnen.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Här Aguiar, souwäit ech mech nach kann erënneren, wann ech dorop däerf äntweren, war vun Ufank u gesot ginn, datt do keen Auto eran däerf fueren. Et si Leit, déi en Handicap hunn oder e Rollstull – wéi wëllt Der da verhënneren, datt een da mam Auto erafiert, wann Dir dem Veräin de Schlëssel gitt? Et war jo festgehalen, datt do kee mam Auto sollt stoen.

(Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Een nom aneren, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Et war jo ofgemaach, datt d'Gemeng gesot huet, dass et just geduecht ass fir Leit à mobilité réduite. Et sollt jo eng Parkplaz uewenhi komme fir Leit à mobilité réduite. Déi do agezeechent ass. Déi Leit sollten dann do erausgelooss ginn an dann erausfueren. Dat muss dann awer och klappen. Ech war mat der Sekretärin eropgaangen, déi hat awer kee Schlëssel fir d'Polleren. Muss ech awer soen. Dat kënnt dann nach mat dobäi.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Ech huelen dat mat.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Mangen, wannechgelift.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Ech wollt och nach kuerz eppes dozou soen. Wa Manifestatioune sinn, wéi zum Beispill déi Enn dës Joers, oder Manifestatiounen, wou vill méi eeler Leit do sinn, datt mer versichen, eng Navette ze kréien, fir d'Leit vum Parking bis erof ze bréngen. Och d'Leit à Mobilité réduite. Well dat si speziell Autoen, déi ee muss hunn, fir d'Leit hin an hier ze féieren. Mir sinn amgaang, fir do e System ze fannen.

Bei privat Assemblée-générallen gëtt dat vläicht e bësse méi schwiereg. Mee op jidde Fall, wat mir als Gemeng organiséieren, wou ee weess, datt vill eeler Leit kommen, de Wee vum Parking bis dohinner ass relativ wäit, datt een dee Moment eng kleng Navette asetzt, fir d'Leit ze bréngen.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Okay.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Entschëllegt, huet den Här Ulveling vläicht eng Äntwert fonnt op déi Fro betreffend d'Rechnung un den Här Traversini?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo. Déi Rechnung ass anscheinend nach net geschriwwen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Wann d'Froen all beäntwert sinn, gi mer an d'Non-publique iwwer.

Ech soen Iech Merci, Dir Häre dohannen. Äddi.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) *sait que les organisateurs reçoivent une clé permettant d'ouvrir les bollards. C'est donc au responsable de l'association de s'occuper de ces choses.*
Mais Paulo Aguiar en discutera avec les services communaux concernés.

FRED BERTINELLI (LSAP) *se souvient qu'il avait été dit que le site n'était pas accessible en voiture. Mais il y a des handicapés et des personnes en fauteuil roulant. Comment monsieur Aguiar veut-il empêcher les gens d'utiliser la voiture s'il donne la clé à l'organisateur ?*
(Discussions)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *demande aux conseillers communaux de ne pas parler tous ensemble.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *rappelle que la commune devait aménager une place de stationnement pour les personnes à mobilité réduite. En plus, la secrétaire de l'association n'avait pas reçu de clé pour les bollards.*

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) *va devoir se renseigner.*

ROBERT MANGEN (CSV) *propose d'organiser une navette pour les manifestations où de nombreux séniors ou personnes à mobilité réduite sont attendus. Le collège échevinal réfléchit à la mise en place d'un système.*
Pour les assemblées générales, c'est plus difficile.

FRANÇOIS MEISCH (DP) *demande à monsieur Ulveling s'il a trouvé la réponse à la question concernant la facture de monsieur Traversini.*

TOM ULVELING (CSV) *vient d'apprendre que la facture n'a pas encore été envoyée.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *clôture la séance publique.*

DÉMARCHES ADMINISTRATIVES: ANIMAUX DOMESTIQUES

Déclaration d'un chien

Tout chien, dont le détenteur réside dans la commune, doit être déclaré contre récépissé auprès du service clients. Pour ce faire, vous devez fournir:

- un certificat du vétérinaire en vertu de l'article 3 (1) et 13 de la loi du 9 mai 2008 relative aux chiens;
- une pièce attestant qu'un contrat d'assurance a été conclu avec une société agréée garantissant la responsabilité civile du détenteur du chien pour les dommages causés aux tiers par l'animal.

Un changement du détenteur ou le décès du chien doivent également être déclarés. La taxe sur les chiens se monte à quarante euros par an et par chien. Les factures sont émises au début de chaque année.

Subside pour la stérilisation ou la castration des chats

La Ville de Differdange a mis en place une subvention destinée aux propriétaires de chats désirant faire stériliser ou castrer leur compagnon à quatre pattes. La subvention se monte à:

- 50 € pour la castration d'un mâle;
- 70 € pour la stérilisation d'une femelle.

Les modalités sont simples. Il suffit de se présenter auprès du service clients à la commune muni des documents suivants :

- La facture du médecin vétérinaire préalablement réglée;
- Un compte bancaire, sur lequel la subvention peut être virée;
- Une preuve que le chat dispose d'une puce électronique sous-cutanée (sur présentation du passeport du chat).

La subvention est destinée uniquement aux personnes habitant à Differdange et qui sont propriétaires du chat en question.

LETZSHOP.LU

HORAIRES D'ÉTÉ

La bibliothèque adoptera les horaires suivants pendant les vacances d'été

du 16.07 - 13.09.2020

lu:	12:00 - 17:00
ma:	09:00 - 12:00 / 13:00 - 17:00
me:	09:00 - 12:00 / 13:00 - 17:00
je:	09:00 - 12:00 / 13:00 - 17:00
ve:	09:00 - 12:00 / 13:00 - 17:00
sa:	09:00 - 12:00 / 13:00 - 16:00
di:	fermé

A noter:
la bibliothèque sera fermée les samedis suivants:
01.08.20 / 08.08.20
15.08.20 / 22.08.20

Bibliothèque Municipale de la Ville de Differdange • 38, avenue Charlotte L-4530 Differdange • 58 77 11 920